



# GEMENGENINFO

RAPPORT DU CONSEIL COMMUNAL DU 08.07.2019





# SOMMAIRE

## RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL DU 8 JUILLET 2019

Séance publique

|                                                                                                                                                                                       |           |
|---------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|-----------|
| <b>RAPPORT SOMMAIRE EN FRANÇAIS</b>                                                                                                                                                   | <b>04</b> |
| <b>1. CORRESPONDANCE</b>                                                                                                                                                              | <b>07</b> |
| <b>2. CIRCULATION</b>                                                                                                                                                                 | <b>07</b> |
| 2.1. Confirmation d'un règlement d'urgence à caractère temporaire – rue Mathias Cungs                                                                                                 |           |
| 2.2. Confirmation d'un règlement d'urgence à caractère temporaire – rue du Parc                                                                                                       |           |
| 2.3. Confirmation d'un règlement d'urgence à caractère temporaire – rue de la Fontaine                                                                                                |           |
| 2.4. Réglementation temporaire de la circulation à l'occasion de travaux dans la rue de la Brasserie                                                                                  |           |
| 2.5. Réglementation temporaire de la circulation à l'occasion de travaux dans la rue Dr Welter                                                                                        |           |
| 2.6. Réglementation temporaire de la circulation à l'occasion de travaux dans la rue des Minières                                                                                     |           |
| <b>3. ENSEIGNEMENT FONDAMENTAL – APPROBATION DES RÈGLEMENTS D'ORDRE INTÉRIEUR COMPLÉMENTAIRE DES ÉCOLES LOCALES</b>                                                                   | <b>09</b> |
| <b>4. FINANCES COMMUNALES</b>                                                                                                                                                         | <b>14</b> |
| 4.1. Approbation d'un acte notarié de cession gratuite conclu avec Madame Alexa Kohn et Monsieur Jean Kucharczyk                                                                      |           |
| 4.2. Approbation d'un acte notarié de cession gratuite conclu avec les époux Carlos Moço De Figueiredo et Leonor Da Silva Santos Moço                                                 |           |
| 4.3. Approbation d'un acte notarié de cession gratuite conclu avec les époux Sefkija et Ifeta Rec                                                                                     |           |
| 4.4. Approbation d'un acte notarié de cession gratuite conclu avec la s.c.a. OLOS FUND, Monsieur Jean-Marie Kontz et Stugalux Construction s.a.                                       |           |
| 4.5. Approbation du contrat de bail conclu avec l'Université du Luxembourg au sujet des logements pour étudiants dans la maison des chercheurs                                        |           |
| 4.6. Approbation de l'avenant au contrat de bail conclu avec l'Université du Luxembourg au sujet des logements pour étudiants dans l'immeuble, sis 8 avenue Grande-Duchesse Charlotte |           |
| 4.7. Approbation du devis estimatif relatif à l'installation d'une centrale de détection incendie au logement social rue Tattenberg – chambres meublées                               |           |
| 4.8. Approbation du devis estimatif relatif au réaménagement des alentours de la maison relais Schwemm                                                                                |           |
| 4.9. Approbation de décomptes                                                                                                                                                         |           |
| 4.10. Approbation du projet combiné de construction d'une maison relais et d'une école au Ribeschpont                                                                                 |           |
| <b>5. MODIFICATIONS À APPORTER AU RÈGLEMENT COMMUNAL RELATIF AUX SUBSIDES POUR ÉTUDES SECONDAIRES ET POST-SECONDAIRES</b>                                                             | <b>33</b> |



|                                                                                                                                                                                                                                                                                                        |           |
|--------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|-----------|
| <b>6. AMÉNAGEMENT COMMUNAL</b>                                                                                                                                                                                                                                                                         | <b>34</b> |
| 6.1. Approbation de la proposition de modification du plan d'aménagement particulier « Route de Burange » présentée par l'atelier d'architecture « dagli » pour le compte de la Roubur S.A.                                                                                                            |           |
| 6.2. Approbation de la convention et du projet d'exécution relatifs au plan d'aménagement particulier « rue Pasteur » conclus avec Sedna Investments & Services S.A.                                                                                                                                   |           |
| <b>7. ÉCOLE RÉGIONALE DE MUSIQUE – APPROBATION DE L'ORGANISATION SCOLAIRE PROVISOIRE POUR L'ANNÉE SCOLAIRE 2019/2020</b>                                                                                                                                                                               | <b>37</b> |
| <b>8. SOUTIEN À APPORTER AU PROJET UNESCO « MAN AND THE BIOSPHERE » SOUS LA GOUVERNANCE DU SYNDICAT PRO-SUD</b>                                                                                                                                                                                        | <b>37</b> |
| <b>9. FIXATION D'UNE INDEMNITÉ À ALLOUER AUX MEMBRES DU GROUPE DE TRAVAIL « BILDUNGSHAUS LENKESCHLÉI »</b>                                                                                                                                                                                             | <b>41</b> |
| <b>10. PERSONNEL</b>                                                                                                                                                                                                                                                                                   | <b>42</b> |
| 10.1. Fixation des indemnités pour perte de caisse à allouer à différents agents communaux                                                                                                                                                                                                             |           |
| 10.2. Création d'un poste d'employé communal en surnombre pour anticiper le départ à la retraite d'un agent communal                                                                                                                                                                                   |           |
| 10.3. Création d'un poste d'employé communal pour l'encadrement psycho-social                                                                                                                                                                                                                          |           |
| <b>11. MOTIONS ET INTERPELLATIONS DES CONSEILLERS COMMUNAUX</b>                                                                                                                                                                                                                                        | <b>45</b> |
| 11.1. Motion présentée par la fraction « Déi Lénk » concernant l'adhésion à l'« Appel mondial des villes en faveur du Traité des Nations unies sur l'interdiction des armes nucléaires » de notre commune                                                                                              |           |
| 11.2. Interpellation présentée par la fraction « Déi Gréng »: « Eng Strategie a Mesurë vun der Gemeng, fir an Zukunft bei ëffentleche Veranstaltungen de Gebrauch vun Eeweeverpackungen a Plastik ze vermeiden an eng Zero Waste Leitlinn fir déi Veranstaltungen ze konzipéieren an duerchzeféieren » |           |
| <b>12. QUESTIONS AU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS</b>                                                                                                                                                                                                                                            | <b>53</b> |

Séance à huis clos



# RAPPORT SOMMAIRE DE LA SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU 8 JUILLET 2019

**Présents :** Messieurs Dan Biancalana, bourgmestre; Loris Spina, René Manderscheid; Mesdames Josiane Di Bartolomeo-Ries et Claudia Dall'Agnol, échevins. Mesdames Sylvie Andrich-Duval (à l'exception des points numéros 1 à 10.02 de l'ordre du jour), Martine Bodry-Kohn; Messieurs Bob Claude, Jean-Paul Friedrich, Jean-Paul Gangler, Robert Garcia, Henri Glesener ; Madame Romaine Goergen (à l'exception des points numéros 03.08 à 07 de l'ordre du jour); Messieurs Vic Haas, Yves Jadin; Madame Michèle Kayser-Wengler; Monsieur Claude Martini; Madame Emilia Oliveira et Monsieur Romain Zuang, conseillers. Patrick Bausch, secrétaire communal.

Début de la séance à 14.00 heures.

Monsieur le bourgmestre ouvre la séance en souhaitant la bienvenue à tous les membres. En début de séance, Monsieur le bourgmestre exprime, de la part de tous les membres du conseil communal, les plus sincères condoléances à Madame Romaine Goergen, à l'occasion du décès de son père Monsieur Rémy Goergen, membre du conseil communal de la Ville de Dudelange de 1996 à 2000. Il est ensuite procédé à la liquidation de l'ordre du jour.

## **Point n°1 de l'ordre du jour – Correspondance.**

Le conseil communal prend connaissance de la lettre du 23 mai 2019, adressée par Monsieur Marc Zapponi aux membres du conseil communal et concernant l'établissement d'état des lieux dans le cadre de l'exécution du chantier Shared Space, phase 2, ainsi que de la réponse du collège des bourgmestre et échevins du 27 juin 2019 afférente.

## **Point n°2 de l'ordre du jour – Circulation**

Le conseil communal confirme, avec les voix de tous les conseillers, trois règlements d'urgence à caractère temporaire de la circulation, édictés par le collège des bourgmestre et échevins pour régler la circulation à l'occasion de travaux de déploiement de la fibre optique dans la rue Mathias Cungs, la rue du Parc et la rue de la Fontaine, nécessitant le barrage, respectivement le rétrécissement de la chaussée. Ensuite, sont approuvés à l'unanimité, trois règlements temporaires de la circulation, ceci à l'occasion de l'exécution de travaux d'infrastructures relatifs au réaménagement de la rue de la Brasserie, de la rue Dr Welter, de la rue des Minières et de la rue Gares-Usines.

## **Point n°3 de l'ordre du jour – Finances communales**

Par des votes unanimes, le conseil communal approuve :

1. l'acte notarié de cession gratuite conclu avec Madame Alexa Kohn et Monsieur Jean Kucharczyk, acte aux termes duquel est cédée gratuitement à la Ville de Dudelange, une parcelle de terrain au lieu-dit « rue de la Libération », d'une contenance de 18 centiares pour être intégrée dans la voirie publique;

2. l'acte notarié de cession gratuite conclu avec les époux Carlos Moço De Figueiredo et Leonor Da Silva Santos Moço, acte aux termes duquel est cédée gratuitement à la Ville de Dudelange, une parcelle de terrain au lieu-dit « route de Burange », d'une contenance de 13 centiares pour être intégrée dans la voirie publique;

3. l'acte notarié de cession gratuite conclu avec les époux Sefkija et Ifeta Rec, acte aux termes duquel est cédée gratuitement à la Ville de Dudelange, une parcelle de terrain au lieu-dit « route de Noertzange », d'une contenance de 16 centiares pour être intégrée dans la voirie publique;

4. l'acte notarié de cession gratuite conclu avec la s.c.a. OLOS FUND, Monsieur Jean-Marie Kontz et Stugalux Construction s.a., acte aux termes duquel sont cédés gratuitement à la Ville de Dudelange, des immeubles, au lotissement Lenkeschléi, lieux-dits « auf Lenkeschlaeg », aire de loisirs, d'une contenance de 39,56 ares, « rue Marthe Bigelbach-Fohrmann », sentier, d'une contenance de 0,90 ares, respectivement une rue d'une contenance de 2 hectares 21,66 ares, pour englober lesdites parcelles dans le domaine public communal en tant qu'aire de jeux et voirie publique;

5. le contrat de bail conclu avec l'Université du Luxembourg au sujet de logements pour étudiants, sis à la « Maison des chercheurs », 64, rue du Parc, comprenant une surface nette habitable de 353 m<sup>2</sup>, répartis sur neuf chambres individuelles avec salle de bains privative et locaux annexes, pour un loyer mensuel de 1'620€ hors charges locatives. Ledit contrat de bail est conclu pour une période de 6 années à partir du 1er septembre 2019 ;

6. l'avenant au contrat de bail conclu avec l'Université du Luxembourg au sujet des logements pour étudiants, sis à l'immeuble 8, avenue Grande-Duchesse Charlotte à Dudelange. Cet avenant a été conclu essentiellement pour fixer les droits et obligations des parties prenantes au sujet des installations de sécurité du bâtiment;

7. le devis estimatif relatif à l'installation d'une centrale de détection incendie au logement social rue Tattenberg, chambres meublées pour un montant de 14'000€ ;

8. le devis estimatif d'un montant de 200'000€ relatif au réaménagement de la place devant la maison relais Schwemm et devant l'entrée de la piscine en plein air;

9. les décomptes suivants de travaux extraordinaires : remplacement du mobilier urbain au centre-ville 129'707,51€; acquisition de tablettes informatiques pour réunions du conseil communal 9'403,64€; implémentation du code de distribution de gaz 148'846,09€; études, réceptions et travaux de mise en conformité et sécurité des maisons relais 90'927,73€; Luxmetering – intégration des compteurs d'eau potable 49'140,00€; installation photovoltaïque à l'école Gaffelt 66'998,66€; mise en conformité du compartimentage de l'escalier principal du centre de santé scolaire 19'962,54€; adaptation des protections antichocs du côté des tri-



bunes de la salle Grimler au Centre sportif René Hartmann 99'620,74€; modernisation de l'éclairage et de la sonorisation de la salle Grimler au Centre sportif René Hartmann 179'936,33€; renouvellement de la conduite d'adduction du réservoir d'eau potable « Weich » 118'501,54€; modernisation de l'éclairage du gymnase Strutzbierg C 22'572,59€. Le décompte relatif aux travaux d'installation d'un système backup (Nobreak) pour le courant électrique au complexe sportif « Centre sportif René Hartmann » pour un montant global de 45'838,78€ est approuvé avec treize voix et quatre abstentions.

10. le projet combiné de construction d'une maison relais et d'une école au Ribeschpont pour un montant estimatif de 5'180'293€, taxes et honoraires compris, est avalisé à l'unanimité. Maison relais et école au Ribeschpont CHRISTIAN BAUER + ASSOCIES ARCHITECTES s.a. Réaménagement alentours maison relais Schwemm Atelier d'urbanisme et d'architecture du paysage Andrea Weier

#### **Point n°4 de l'ordre du jour - Enseignement fondamental**

Le conseil communal approuve, à l'unanimité, les règlements d'ordre intérieur complémentaire des écoles Gaffelt, Ribeschpont, Strutzbierg, Boudersberg, Brill et Deich.

#### **Point n°5 de l'ordre du jour – Subsidés scolaires**

Les modifications à apporter au règlement communal relatif aux subsides pour études secondaires et post-secondaires sont acceptées par tous les conseillers communaux.

#### **Point n°6 de l'ordre du jour – Aménagement communal**

1. la proposition de modification du plan d'aménagement particulier « Route de Burange », concernant des fonds sis à Dudelange au lieu-dit « route de Burange », présentée par l'atelier d'architecture « dagli » pour le compte de la Roubur S.A. est acceptée à l'unanimité. Ce projet d'aménagement particulier présente 8 lots, dont 5 lots pour maisons unifamiliales disposées en maison jumelée et en bande, 2 lots pour immeuble principalement d'habitations collectives et 1 lot aménagé en accès pour pompiers. Pour les résidents, le stationnement des véhicules est prévu au sous-sol commun du lotissement, accessible depuis la route de Burange. Aucune objection contre le projet n'a été introduite endéans le délai imparti et dans les formes prévues par la loi ;

2. la convention relative au plan d'aménagement particulier « rue Pasteur », pour la réalisation d'un lotissement de 14 maisons unifamiliales en bande, conclue avec la société Sedna Investments & Services S.A. ainsi que le projet d'exécution de ce plan d'aménagement particulier, élaboré par le bureau d'ingénieurs « Luxplan S.A. » pour le compte de la société prémentionnée sont approuvés unanimement.

#### **Point n°7 – Ecole régionale de musique**

Le conseil communal arrête d'un commun accord l'organisation scolaire provisoire pour l'année scolaire 2019/2020 de l'école régionale de musique de Dudelange. Ci-après les chiffres clefs : 1'143 élèves, 2'431 cours, 53 chargés de cours, 72 classes à cours individuels, 31 classes de musique de chambre, ensembles, etc., 97 classes de formation musicale, 8 classes de danse. Les cours sont dispensés aux lieux suivants : Dudelange – Centre culturel régional, église paroissiale, Centre sportif René Hartmann ; Bettembourg – Centre sportif et culturel, Reebou Schoul ; Roeser – salle de musique, mairie, école de Crauthem ; Weiler-la-Tour – école fondamentale ; Tétange – Schungfabrik.

#### **Point n°8 – UNESCO**

D'un commun accord, le conseil communal décide de soutenir le syndicat PRO-SUD afin de proposer la candidature de la région sud au label de « réserve de biosphère » du programme l'Homme et la biosphère de l'UNESCO. Il s'agit d'un projet-phare ayant pour but de créer et de soutenir une relation durable entre l'homme et son environnement tout en favorisant une plus grande qualité de vie et en mettant l'accent sur l'identité propre à la région. L'obtention de ce label contribuerait ainsi à

1) valoriser la région sud et ses communes sur le plan national et international, 2) augmenter le potentiel économique (nouveaux emplois liés à l'environnement, visibilité touristique, financements européens), 3) mettre en place une plateforme générant de nouveaux projets régionaux innovants et créer des synergies entre les différents acteurs et 4) offrir une vitrine pour les actions communales en faveur du développement durable.

#### **Point n°9 – Indemnités**

Le conseil marque unanimement son accord pour attribuer une indemnité, fixée à 148,74- € (n.i. 100) par personne, rétroactivement au 1er janvier 2019 aux membres du groupe de travail « Bildungshaus Lenkeschléi », sachant que les travaux d'élaboration du concept du « Bildungshaus Lenkeschléi » sont effectués par les membres du groupe en dehors de leur tâche habituelle.

#### **Point n°10 – Personnel**

Les décisions suivantes sont prises à l'unanimité :

1. attribution d'une indemnité annuelle révisable de 94,20€ (n.i. 100) pour perte de caisse, avec effet au 1er juillet 2019, aux agents communaux des services recette communale, facturation, accueil et réception, centre culturel « opderschmelz » et maison des jeunes, chargés de l'exécution d'un fonds de caisse. L'indemnité est adaptée aux fluctuations du nombre indice à l'instar des traitements des fonctionnaires de l'État. Les remplaçants temporaires ont droit à une indemnité de 0,26 € (n.i. 100) par journée effective de remplacement ;

2. création d'un poste d'employé communal en surnombre dans la catégorie d'indemnité C, groupe d'indemnité C1, sous-groupe technique, à tâche complète auprès



du département technique - service gestion et maintien du patrimoine - (unité achats, facturation, gaz et eau / gestion logistique et stock) pour anticiper le départ à la retraite de l'agent actuellement en charge et de supprimer le poste de contremaître (carrière V4) à tâche complète, statut du salarié, au département technique - service gestion et maintien du patrimoine (gaz et eau), au moment du départ définitif à la retraite de l'agent qui l'occupe ;

3. création d'un poste d'employé communal à plein temps dans la catégorie d'indemnité A, groupe d'indemnité A1, sous-groupe éducatif et psycho-social pour les besoins du service psychosocial communal.

#### **Point n°11 – Motions et interpellations des conseillers communaux**

1. La motion présentée par la fraction « Déi Lénk » concernant l'adhésion à l'« Appel mondial des villes en faveur du Traité des Nations unies sur l'interdiction des armes nucléaires » de la Ville de Dudelange est approuvée avec les voix de tous les conseillers communaux. La motion prend la tournure suivante :

« La Commune de Dudelange est profondément préoccupée par la lourde menace que les armes nucléaires posent aux communautés à travers le monde. Le conseil communal est fermement convaincu que les habitants de la commune de Dudelange ont le droit de vivre dans un monde libre de cette menace. Toute utilisation, délibérée ou accidentelle, d'arme nucléaire aurait des conséquences catastrophiques durables et à grande échelle pour la population et pour l'environnement. Par conséquent, le conseil communal de la Commune de Dudelange soutient le Traité sur l'interdiction des armes nucléaires et appelle le gouvernement luxembourgeois à y adhérer. »

2. L'interpellation de la fraction « Déi Gréng » et sa proposition de motion afférente en relation avec les emballages plastiques à usage unique est rejetée avec dix voix contre huit.

#### **Point n°12 - Questions au collège des bourgmestre et échevins**

Une question a été soumise au collège des bourgmestre et échevins par la fraction « Déi Lénk » au sujet de la consommation d'eau de la piscine en plein air, question à laquelle le collège fournit des réponses séance tenante. La réunion se poursuit ensuite à huis clos.

- Séance à huis clos -

Fin de la séance vers 18.45 heures.



## GEMENGEROTSSÄTZUNG VUM 8. JULI 2019

### DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, häerzlech wëllkomm hei am Gemengerot. Ech géif lech proposéieren dass mir ufänken, de Gemengerot ass esou gutt wéi komplett. D'Sylvie Andrich-Duval wäert am Laf vum Nomëtten nach bei eis kommen, well si nach e professionellt Engagement huet.

Nodeems den Ordre du jour vum Gemengerot erausgeschéckt gouf, do gouf nach e Punkt drop gesat, eng Motioun vun deene Gréngen, respektiv goufen nach e puer Punkte kompletéiert. Ass de Gemengerot mat deenen Ajustementer averstanen? Dat ass unanime, da soen ech lech villmools Merci.

Ech wollt awer och nach hei vun der Geleeënheet profitéiere fir am Numm vum ganze Gemengerot dem Romy Goergen eist häerzlechst Bäileed auszedecken. Ech mengen, Dir hutt alleguer matkritt, datt de Remy Goergen vun eis gaangen ass. De Remy war vun 1996 bis 2000 Member hei am Gemengerot, an déi wou de Remy kannt hunn, woussten, dass hien och en engagéierte Member an der Sportskommissioun war. Dat war en Thema, dat him ëmmer um Häerz loun, de Sport, an dofir - wéi gesot - Dir Romy an och Denger ganzer Famill am Numm vun eis all eist häerzlechst Bäileed.

Ech wollt och nach, fir weiderzefueren, eng Propos maachen, och aus Zäitgrënn, well mir e puer Intervenanten vu baussen hunn, déi haut bei eis kommen, déi och nach eng Rei professionell Engagementer hunn, dass mir de Punkt 4, wat dee ganze Volet iwwer den Enseignement fondamental ugeet, effektiv géife virhuelen - well de Joël Michaux nach muss an eng aner Reunioun goen - an dann normal weiderfueren. Ass de Gemengerot domadder averstanen? Villmools Merci. Da géife mir op den eigentlechen Ordre de jour iwwergoen.

## I. KORRESPONDENZ

### DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Ënner dem Punkt Korrespondenz, do hu mir lech e Courrier bäigeluegt, eng Äntwert, déi mir als Gemengerot gemaach hunn un den Här Zappone. Ech mengen, Dir hat jo och iwwer E-Mail e Courrier vun him kritt a voilà, mir wollten awer och d'Äntwert vum, hei vun der Gemeng un den Här Zappone lech net virethalen, dofir hu mir lech en och an d'Korrespondenz geluet.

An deen anere Punkt, deen ech och nach wollt hei just

als Informatioun ginn ass dass - mir haten schonn hei am Gemengerot driwwer geschwat - dass Diddeleng eng „Ville interculturelle“ ass an dass elo den 11. an den 12. Juli Expertë vu Stroossbuerg vum Conseil de l'Europe op Diddeleng komme fir effektiv d'Kandidatur, déi mir gestallt hunn, ze iwwerpräiwen. Dat ass eng Informatioun, déi ech dem Gemengerot nach wollt ginn. Dat ass also en net alldeegleche Besuch, deen dann dës Woch zu Diddeleng ass fir de Label vun der „Ville interculturelle“.

Dës gesot kucken ech nach hei d'Kolleegen, ob si nach eppes iwwer d'Korrespondenz ze soen hunn. Dat ass net de Fall, da géife mir eriwier goen op d'Circulatioun.

## 2. VERKÉIERSREGLEMENTER

### 2.1. Confirmatioun vun engem temporären dréngende Verkéiersreglement an der Rue Mathias Cungs

**CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN):** Merci, vu Stroossbuerg direkt zrëck an d'Realitéit op Diddeleng. An zwar sinn déi éischt dräi Punkten ënner Circulatioun dräi Mol Règlement-d'urgences, déi mir hei musse guttheeschen. Dat éischt ass de Punkt 2.1., do geet et ëm d'Rue Mathias Cungs. Do mécht den Entrepreneur eng Traversée op der Héicht vum Haus Nummer 29 fir d'Glasfaser vun der Post, awer och fir d'Creos an d'Eltrona ze leeën. An engem weidere Schrëtt mécht hien den Trottoir zwëschen der Rue Hinefen an dem Ruhl op fir d'Haususchlëss och vun der Post, Creos an Eltrona ze maachen. Fir d'Traversée a fir duerno kënnen sécher ze schaffen ass d'Strooss dann och gespaart, d'Zougäng zu den Haiser sinn zu all Zäite garantéiert an d'Durée vum Chantier ass vum 27.06. bis de 26.07., wou bekanntlech dann de Congé collectif wäert ugoen.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Merci Claudia Dall'Agnol. Si Froen dozou? Dat ass net de Fall. Kënnen mir dann driwwer ofstëmmen? Ass de Gemengerot mat dësem Verkéiersreglement averstanen? **Dat ass unanime. Da soen ech lech Merci.**

### 2.2. Confirmatioun vun engem temporaire dréngende Verkéiersreglement an der Rue du Parc

**CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN):** Da fueren ech weider. Hei rappt och den Entrepreneur op, an zwar zwëschen dem Jugendhaus an der rue Lumière. Den Trottoir, och fir rëm eng Kéier d'Glasfaserleitung vun der Post ze leeën, d'Uschlëss un d'Haiser a fir de Recht ginn d'Uschlëss vum Waasser, Gas an Eltrona ze kontrolléieren. Hei ass d'Strooss em ee Meter ageengt.



D'Durée, d'selwecht wéi virdrun, vum 27.06. och bis Ufank vum Congé collectif, wat dann den 26.07. wier.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Ass de Gemengerot och mat dem Verkéiersreglement averstanen? **Dat ass unanime. Merci.**

### **2.3. Confirmatioun vun engem temporaire dréngende Verkéiersreglement an der Rue de la Fontaine**

**CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN):** Da komme mir an d'Fontaine Strooss. Hei ass och erëm eng Kéier den Entrepreneur, deen eng Traversée fir d'Post mécht. Fir déi zwou Stroossesäite matenee mam Glasfaser ze verbannen a fir den Trafik net allzevill do ze stéieren ass ëmmer nëmmen eng Fuebunn gespaart. D'Rue de la Fontaine op Héicht vun der Hausnummer 19 Richtung Karl Marx ass awer aus Sécherheetsgrënn ganz gespaart. An dës Chantier dauert vum 15.07. bis den 20.07. A wéi lech bestëmmt net entgaangen ass, fannt Dir op Wonsch vun der staatlecher Verkéierskommissioun an dem Ministère - dat hat ech lech de leschte Gemengerot jo gesot - de Saz dran erëm, datt den Entrepreneur eis spët eben informéiert huet, fir datt mir dat doten dann net erëm verworf kréien.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Merci fir déi doten Erklärungen. Här Martini.

**CLAUDE MARTINI (CSV):** Villmools Merci. Ech hu just eng kleng Remarque ze maachen. Bei ville Chantieren hunn ech elo gemierkt, dass déi effektiv net accessibel si fir all Mënsch, fir do laanscht ze goen, mat de Kutschen, mam Rollstull, an och wann d'Zebrasträife versat gi bei deene Chantieren, dass den Trottoir zum Beispill gutt gewiescht ass virdrun a beim Chantier, dass een dann awer Schwieeregkeeten huet fir do eropzekommen. D'wier net schlecht wann do géif e klengen Effort gemeet ginn, fir do kleng Adaptatiounen ze maache fir dass dat méi accessibel ass fir jiddwereen. Virun allem wann s de do mat der Kutsch laanscht gees, dat ass mir elo an der leschter Zäit nees méi opgefall.

**CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN):** Ech ginn et weider, mä wann lech op enger bestëmmter Plaz eppes opfält, da sot mir ëmmer Bescheed, oder sot direkt am Service Bescheed. Da kënnen se nämlech och op där Plaz direkt nohaken.

**CLAUDE MARTINI (CSV):** Ënnen am Duerf, wou de Shared Space gemaach ass. Zwee Trottoirë sinn e bësse méi héich wéi et soss ass an och fir dann an d'Duerf eranzugeen, do muss de vum Trottoir hallef an d'Strooss goen an dat ass alles e bësselchen...et kéint besser sinn.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Dat huele mir op, Merci. Soss nach weider Stellungnahmen? Kënne mir iwwer dës Verkéiersreglement ofstëmme? Per Handzeechen. **Dat ass unanime. Merci.**

### **2.4. Temporaire Verkéiersregelung während den Aarbechten an der Rue de la Brasserie**

**CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN):** Déi nächst dräi Reglementer huele mir dann elo schonns, fir datt mir mat Zäit u sinn. Dir kennt de Problem, fir datt mir se eben net verworf kréien. D'Chantiere ginn allen dräi awer eréischt fréistens Mëtt September un. An der Rue de la Brasserie ginn d'Reseauen - dat heescht och erëm eng Kéier d'Post, Creos, Eltrona, Waasser, Kanal a Gas - frësch geluecht. Et ass ëmmer Route barrée ausser natierlech fir déi Leit, déi do wunnen, d'Awunner a fir Liwwerungen.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Merci. Si Froen dozou? Net de Fall. Kënne mir iwwer dat doten Reglement ofstëmme an der Rue de la Brasserie? **Dat ass unanime. Merci.**

### **2.5. Temporaire Verkéiersregelung während den Aarbechten an der Rue Dr Welter**

**CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN):** An der Rue Dokter Welter ass et praktesch dat nämlech, och hei ginn d'Reseauen - Post, Creos, Eltrona, Waasser, Kanal, Gas - frësch geluet. Alles d'selwecht wéi och eben an der Rue de la Brasserie. Och hei hu mir ëmmer Route-barréen, ausser fir Awunner a Liwwerungen. An och do, wéi ech virdu gesot hunn, musse mir dat elo stëmme fir dass mir dat net verworf kréien an datt mir mat Zäit u sinn, wann de Chantier lass geet.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Ass de Gemengerot domat averstanen? Oder ass eng Fro? Här Gangler, wann Dir schwätzt, dréckt op de Mikro, fir datt dat och kann enregistréiert ginn.

**JEAN-PAUL GANGLER (CSV):** Ass deen Enoncé do richtege, do steet Rue de la Brasserie drop, oder ass dat elo nach dee vu virdrun?

**CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN):** Dat ass dee vu virdrun. Well wéi Dir gemierkt hutt, de Patrick war kuerz eraus a konnt net weiderdrécken. Well ech hunn nämlech déi hei leie vum Dokter Welter.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Ass de Gemengerot domat averstanen? **Jo, ass dat unanime? Merci.**



## **2.6. Temporaire Verkéiersregelung während den Aarbechten an der Rue des Minières**

**CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN):** Da komme mir zu der Rue des Minières an der Rue Gare-Usines, am Quartier Italien. Och hei wäerten d'Raccorde ronderëm d'Diddelfamill an eis nei Struktur, wou mir elo wéini Straussfeier haten, frëschgemaach ginn an da gëtt dann och de Belag erneiert. Dëse Chantier geet da weider an d'Rue Gare-Usines, fir do zwëschent den Haiser 32 bis 81 neizemaachen. An de Verkéier gëtt jee no Bauphas ëmgeleet, entweder duerch d'Rue des Minières oder duerch d'Rue Reiteschkopp a wéi gesot, och hei musse mir ganz fréi dat dote stëmmen, fir datt mir et net verworf kréien, wann de Chantier bis ugeet.

**JEAN-PAUL GANGLER (CSV):** Do steet awer uewe Rue de la Brasserie.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Dat musse mir verbesseren.

**CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN):** Ech mengen, datt dat dem Ministère awer ganz egal ass. Dowéint halen se eis et net net gutt.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Mee ass eng Erreur matérielle, dat verbessere mir. Et ass jo just e Projet de règlement. Ass de Gemengerot domat averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech Merci. Domat hätte mir d'Verkéisreglementer hannert eis.

## **3. GRONDSCHOUL-APPROBATION VUN DER KOMPLEMENTAIRER HAUSUERDUNG VUN DE LOKALE SCHOULEN**

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Ech begrëissen hei an eiser Ronn de Joël Michaux, Direkter vun der Regionaldirektioun, an am Fong ass dat heite jo dann dee Punkt, dee mir virzéien iwwer den Enseignement fondamental an do geet et iwwer de Règlement d'ordre intérieur an eise Schoulen an do ginn ech dem Josiane Di Bartolomeo-Ries d'Wuert.

**JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP):** Villmools Merci Här Buergermeeschter. Fir d'éischt emol Merci datt mir dat konnte virzéien. De Joël Michaux muss leider, wéi gesot, éischter fort, dofir maache mir dat elo.

Dir hutt déi verschidde Reglementer virleien. Mir haten d'Presentatiounen den 20. Juni an der Schoulkommissioun wou mir och déi eenzel Reglementer diskutéiert hu vun deene verschidde Schoulen. Dir wësst, laut Règlement grand-ducal kann all Schoul sän eegent Règlement d'ordre interne complémentaire ausschaffen an dat ass dann hei och de Fall. Et si verschidde Saache just wou änneren.

D'Gaffelt, de Ribeschpont an de Strutzbiërg, déi halen sech eigentlech un de Règlement grand-ducal. Dat eenzelt wat si komplementär hunn dat ass den Accès vun den Elteren an d'Schoul eran. An dann ass den Artikel 5, dee kënnt am Fong derbäi. Op dee ginn ech réischt herno méi spët a wann ech beim Deich ukommen, well dat en Artikel ass den elo a sämtlechen Ordre-d'intérieurs derbäi komm ass.

Dann, deen nächste Règlement an dat ass Butschebuërg, an do muss ech soen, déi hate schonn en eegent Règlement. Dat hei ass elo eng Émänerung vun hirem Règlement an och dat hu mir duerch d'Schoulkommissioun gemaacht an – do kënnt Dir lech villäicht d'Reglementer ukucken – och do kënnt dee Punkt, wéi an der Gaffelt, Ribeschpont a Strutzbiërg derbäi: "les membres de la communauté scolaire.." an do kommen ech herno nach eng Kéier drop zrëck wat ëm de Gaspillage a wat ëm de Plastik geet. Wat si nach geännert hunn, wat hinne ganz wichteg war, dat war d'Utilisatioun du téléphone portable, do waren e bësselchen Diskussiounen an der Schoulkommissioun firwat mir dat elo an en eegent Règlement géinge mat eran huele wann et schonn an engem Règlement grand-ducal festgehal war. Do wëll ech awer soen, datt et där Schoul ganz wichteg war fir dat mat deenen Téléphones portables nach eng Kéier eranzehuelen op hiert eegent Règlement well net all d'Eltere liesen e Règlement grand-ducal dee relativ schwéier geschriwwen ass a net onbedéngt esou datt een dat noliese geet.

Dann zu der nächster Schoul an dat ass d'Schoul Brill an och si hunn e Règlement d'ordre intérieur an do ass et... ech soen lech elo do wat geännert huet. Si hunn och den Accès, si hunn am Fong dat Règlement iwwerholl wat scho bestanen huet, wat d'Gaffelt, Strutzbiërg a Ribeschpont och huet a wat do anescht dran ass, dat ass den Accès vun den Elteren an d'Schoul eran. Do wëll ech soen, datt si eng Ausnam maache fir de Wolkeschdall, well déi Schoul, dat Léierpersonal wëll, datt d'Elteren d'ganzt Joer kënne mat eranhuelen esou datt mir dat och do festgehalen hunn, datt de Cycle 1 am Wolkeschdall net wéi déi aner Schoulen nëmme bis d'Novembervakanz, Allerhellegen, d'Eltere kënne mat eran, bei hinne kann een d'ganzt Joer mat era kommen.



Dann ass och den Artikel 5 op den ech zréck komme mat dran an och fir si, also dat war am Brill ganz ganz wichtig, well si ganz vill Saachen oder ganz vill mierken datt d'Kanner hir Telefone benotzen an hinne war et wierklech wichtig eng ganz Säit mat eranzebréngen, wou si soen, "mir wëllen d'Elteren drop opmierksam maachen, datt d'Kanner eigentlech an der Enceinte vun der Schoul, dat heescht och am Schoulhaff, hiren Telefon net solle benotzen, ausser et sinn Ausnamesituatiounen an si hunn am Fong och eng ganz Säit an hirem Reglement mat erabruecht, wou si iwwer den Telefon schwätzen an datt dat och gesondheetlech net esou gutt ass wann d'Kanner de ganzen Dag mat engem Handy do um Ouer ronderëm lafen. Bon, do kënnt och derbäi, datt d'Kanner zum Deel am Schoulhaff wa Saache geschéien dann d'Tendenz hunn hiren Handy erauszehuelen an dann och Saachen ze filmen an déi dann och iergendwou an d'Effentlechkeet bréngen. Dat wollten si net. Dofir hunn si eng ganz Säit eigentlech do mat erabruecht. An dann zum Deich, an do wëll ech soen, déi hunn et ganz neit Reglement ausgeschafft. Déi hate bis elo keen eegent Reglement. Déi wollten awer hiert eegent Reglement wat ech och ver-stinn an do sinn, ech ginn elo net op all d'Punkten an ech mengen Dir hutt et natierlech duerchgelies, dat Reglement.

Awer wëll ech dozou soen, dat eent Reglement, deen éischten Deel am Reglement dee geet em d'Verhale vum den Enseignanten an de Schüler a vun den Elteren. Wéi gesot, dat fënnt een eigentlech och erëm an all Reglement, wat hei anescht ass wéi bei anere Schoulen, do ass et zum Beispill de Cycle 1, do kënnen d'Eltere bis Allerhellegen um Deich nëmme mat era goen an da kënnen d'Eltere net méi mat era goen. An do kënnt awer dann den Eecherdall derbäi wou si awer, dat ass de Precoce, wou d'Elteren awer d'ganz Joer mat de Kanner kënnen eragoen, dofir ass dat och ënnerdeelt.

An da kënnt am Fong dat wat ech lech elo virdru scho gesot hunn an dem ganze Reglement, wat ech ganz wichtig fannen, mir haten och d'Myriam Schütz an der Schoulkommissioun fir déi déi do waren. Dir wësst datt hatt säi Projet NoPlastic@Deich ëmgosat huet, hatt huet eis och de Projet erkläert a mir waren dunn herno, wéi mir fäerdeg waren, ware mir unanime all d'Schoulen, d'Presidenten an och déi Leit déi hei d'Eltere vertrieiden, der Meenung wäeren datt dat e ganz gudden Projet wier an datt een op der Rentrée och an all Schoul géing probéieren. Si hu natierlech och de Saz mat era geholl, datt ee kee Gaspillage mëschet mat Pabeier an sou, och dorobber ganz gutt oppassen. Wéi gesot, also ech fannen dat e gudden Message, datt ee seet, mir verzichten ab der Rentrée esou vill wéi méiglech wéi et geet op Einwegplastikskëschten an -tuten an an an. An dann nach eppes wat si dra bruecht hunn

an dat ass villäicht e bësselche speziell, dat sinn déi Chipsen a Limonaden a Boissons énergétiques well si festgestallt hunn um Deich, datt d'Kanner moies um 8 Auer zum Deel scho mat enger Tut Chipsen an enger Limonade am Grapp an de Schoulhaff trëppelen a si wollten eigentlech de Message ginn, hei maacht dat net, an dofir verbidden si och eigentlech an der Enceinte vun der Schoul esou Saache mat eranzebréngen.

Bon, den Telefon, och do genau wéi op anere Plazen sinn si och der Meenung, datt si dat och an hirem Reglement nach eng Kéier wëelten ervirbréngen obwuel et am Règlement grand-ducal dra steet. Fir de Rescht, si hu nach puer esou Règles de bonne conduite kann een dat am Fong nennen, datt wann een op d'Toilette geet da soll een sech d'Fangere wäschen, dat bréngen si an enger Charte, déi brauch net duerch de Gemengerot, a wéi gesot, déi kënne mir dann eng Kéier an der Schoulkommissioun duerch huelen. Bon, dat Ganzt ass mat Avis positif duerch d'Schoulkommissioun gaang an ech mengen och de Joël Michaux huet eis do en Avis positif ginn. An ech wëll awer Merci soen, well dat Reglement ass relativ komplex, relative komplizéiert, fir déi gutt Zesummenaarbecht, och déi konstruktiv Zesummenaarbecht an der Schoulkommissioun wou, mengen ech, schonn e groussen Deel vu Froe behandelt gi sinn. Bon, dat wier et vu menger Säit. De Joël Michaux villäicht nach.

#### **DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):**

Merci Josiane fir déi doten Erklärungen wat d'Règlement d'ordre intérieur ugeet an an deene verschiddenen Schoulgebaier. D'Diskussioun ass elo op fir Stellungnahmen a Froen. D'Madame Kayser an dann den Här Jadin an dann d'Madame Goergen an dann den Här Claude.

#### **MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):**

Merci Här Buergermeeschter, Merci Madame Di Bartolomeo fir déi explizit Ausleeung vun deene verschiddene Reglementer. Mir hunn ëmmer gesot gehat Diddeleng, all Schoul huet hir Nues an all Schoul huet och säi Règlement d'ordre intérieur. Do gesäit een och erëm dat wat ech och flott fannen, datt dat aus der Realitéit erauskënnt, aus der Zesummenaarbecht wéi ee mat den Elteren zesumme schafft, wéi een d'Dieren opmécht fir d'Elteren zum Beispill fir d'Kanner an de Schoulhaff ze begleeden oder ob een do e bësselche méi restriktiv wëll sinn, dat ass all Schoul iwwerlooss an ech fannen dat och gutt esou. An ech fannen et ass och eng gutt Iddi, datt all Schoul kann hiert Règlement d'ordre intérieur hunn. Et ass och ganz flott wann een esou duerchliest wéi eng Wäertegkeet verschidde Saachen och hu fir déi verschidde Schoulen.



Wat zum Beispill och zu Butschebuerg opfällt, datt si och extra en Artikel dra bruecht hunn datt een elo wat zum Beispill d'Fotografieren oder d'Enregistréiere vun de Kanner, datt dat soll gekläert ginn. Ech denken, dat ass och eppes wat ëmmer méi wichteg ass grad mat Datenschutz an esou weider. Do muss een sech och villäicht froen ob et net och sënnvoll ass oder erwünscht ass wéi a verschiddene Lycéeën, dass am Ufank vum Joer d'Elteren dāerfen ënnerschreiwē, datt de Kanner hir Fotoe benotzt ginn, am Schoulbuert zum Beispill. Do ass meng Fro ob do an déi Richtung eppes ugeduecht ass?

De Projet NoPlastic@Deich, selbstverständlech fanne mir dat eng extrem gutt Saach a wéi d'Madame Schütz och gesot huet, am Ufank war dat alles e bësselche mühsam. Du hues missen all Dag soen, nee dat do dierfs de net matbréngen, dat do ass net gutt. A lues a lues huet dat sech awer automatiséiert an d'Elteren an och d'Kanner wëssen elo wat si dāerfe mat an d'Schoul bréngen a wat net an och d'Léierpersonal huet och mengen ech mat kritt, datt si och mam gudden Beispill musse virgoen an ech fannen dat eng luewenswäert Saach wa mir dat och elo weider op déi aner Schoulen iwwerdroen. An och iwwerhaupt den Anti-Gaspi Thema. Meng Fro ass do ganz einfach ganz konkret, et ass jo och nach ëmmer esou datt d'Kanner allegueren hir Schoulbicher kréien ob s de elo e Kand has wat dat Joer virun am drëtten Schouljoer war an d'Geschwëster kënnt elo an d'drëtten Schouljoer. Ass do och ugeduecht ginn ob mir dāerfen déi Bicher zum Beispill zrëck ginn un de Ministère oder och do villäicht einfach eng Interventioun maache wou zum Beispill esou vill Bicher, déi net gebraucht ginn, zeréckgeholl ginn. Mir haten déi Fro viru Joere schonn eng Kéier gestallt gehat. Wéi eng Méiglechkeet een do huet well et heescht jo, jo nee all Kand huet e Recht op seng Bicher an ech weess et vu mengen eegene Kanner, do ware Bicher do sinn zwou Säiten doraus gelies ginn, déi hätte nach gutt kéinte fir déi aner zwee och nach benotzt ginn, mee dat war awer esou net virgesinn. Do denken ech muss ee villäicht och ëmdenken an och dem Ministère dee Message mat op de Wee ginn.

Wat gesond Ernierung ubelaangt, Chips a Cola zum Frühstück, leider ass dat eng Realitéit. Et si vill Kanner déi doheem net méi Kaffi drénken. Ech denken do och, datt ee kann e weidere Schrëtt goen a villäicht wéi et fréier am Quartier Italie war, e gemeinsame Frühstücksdësch och maachen. Sécher ass dat nees mat vill Aarbecht verbonne fir d'Léierpersonal, mee ech denken d'Maison Relais ass jo och op. Ech weess elo net awéiwäit do elo zum Beispill d'Méiglechkeet besteet, datt een de Kanner e gesond Frühstück ubitt. Ech weess, datt verschidde Lycéeën, notament zu Ettelbréck, do ass e Lycée do ass d'Kantin moies fréi op ab halwer 7 an do kënnen d'Kanner fir näischt Kaffi drénke kommen.

Also et si sécher Méiglechkeete wou een och nach kann dat ausbauen. E grousst Thema an och an der Diskusioun vun der Schoulkommissioun, dat war en Usage vum Handy. Et ass wéi d'Josiane och scho gesot huet, de groussen Problem ass, d'Kanner wëssen sech net de Geforen an der Macht vun den Handyen, sinn si sech oft net bewosst, grad esou wann si Fotoe maachen, déi ginn da gepost.

An och den Harcèlement, et ass e groussen Problem wann s de Fotoe mës vu Kanner an da ginn déi ënnere-nee gekuckt déi Fotoen an ee laacht dann an d'"Opfer" ass dann douttraureg an dat ass e groussen Problem. Mee ech denken, dat gehéiert och zur Educatioun dozou mee hei zu Diddeleng leeë mir vill Wäert drop, datt mir vill mat den I-Paden, mat de neie Medie schaffen an ech denken déi éischt Saach, éiers de mat den I-Paden an de neie Medie schafft ass virun allem mol eng Oplärung an do gëtt et jo och Weeër wéi Bee secure, déi och an d'Schoule kommen an och d'Police bidde Saachen un, wéi een do ka sënnvoll a respektvoll och mam Handy ëmgoen. Wat wichteg ass, denken ech och, ass datt effektiv d'Handyreglement kënnt. Mā wat gutt wier, dat wier datt dat an all Schoul d'selwecht ass, well ech hunn och elo e bësselchen déi verschidde Reglementer verglach. Bei deenen enge muss den Handy aus sinn a bei deenen aneren, déi sollen den Handy guer net matbréngen. Dann ass och d'Fro, wann awer den Handy schellt, wéi sinn d'Sanktiounen? Ech denken, dat muss een och kucke wéi et a verschiddene Lycéeën och ass, déi verschidde Gebaier. Do kommen d'Kanner an d'Klass an den Handy gëtt an eng Këscht gemaach an zougespaart an d'Kanner kréien en da mëtten nees erëm.

D'Fro war och, an de Preliminairé vun de Reglementer hate mir jo och gesinn, verschidde Schoule wollten den Handy asammelen an dann hätten d'Kanner e nēmmen erēm kritt wann ee vun den Elteren dee mat komm wier fir en ze rekuperéieren. All Lycée mécht do e bësselchen seng eegen Zöppchen. Do wier et och flott wa mir a ganz Diddeleng déi selwecht Reglementer hätten, well soss wiesselen d'Kanner d'Schoul an da soen se jo an dem anere Gebai hu mir en awer dāerfen hunn, mir hunn e just net dierfen unhunn. Ech denken, do ass nach e bësselchen eppes auszeschaffen, mee ech sinn awer ganz zouversichtlech. Wéi ech eis Schoule kennen, wéi d'Fonctionnement ass, datt si ëmmer zesummen am Konsens probéieren, déi Besch Léisung ze fannen a mir vun der CSV sinn op jiddefall frou, datt déi verschidde kritesch Themen och ugepaakt gi sinn an och thematiséiert sinn a mir sinn och sécher, datt mir och zum Thema Handy en éierbart Reglement wäerten opschaffen. Merci.



**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Merci der Madame Kayser. Den Här Jadin.

**YVES JADIN (DÉI LÉNK):** Villmools Merci. Et ass jo elo scho vill gesot ginn. Ech fannen dat ëmmer gutt. Also mir fannen als Déi Lénk, datt d'Personal aus deene verschiddene Schoulgebaier ganz genau wëssen, wat fir en R.O.I si sech musse ginn a mir fannen datt an dem Sënn och d'Stëmm vun eis Jo ass. Wat mir begrëissen ass d'Initiativ fir de Plastik drastesch ze vermeiden. Et ass eng luewenswäert Initiative a mir hoffen datt dat an deene Schoulen herno grad esou gutt funktionéiert. Do musse natierlech och d'Elteren an d'Schoulmeeschtere mat spillen. Ech hunn awer just nach eng ganz kleng Fro, déi ass villäicht klenglech, mee et steet iergendwou an engem R.O.I. dran, datt d'Eltere sollen, wann d'Kand krank ass, dem Schoulpersonal telefonéieren a soe firwat hiert d'Kand krank ass. Ass dat erlaabt? Huet d'Schoulpersonal d'Recht fir ze wësse firwat d'Kand doheem bleift? Well esou vill wéi ech mech kann erënnere, wann een e Krankeschäi kritt, do steet net drop firwat een doheem bleift, do steet just eng Nummer drop. Merci.

**ROMAINE GOERGEN (DÉI GRÉNG):** Merci. Also ech wollt mech ganz kuerz faassen. Et gëtt e Règlement grand-ducal vun 2009 dat kloer eng Rei wesentlech Bestëmmunge festhält. Dat sinn zum Beispill Pénktlechkeet, de Respekt, d'Opnahm vu Biller a Gespréicher och duerch Handy. Souguer den Émgang mat Hand ass do geregelt. Et mëscht da net vill Sënn genau dat selwecht nach eng Kéier ze widderhuelen. Et feelen awer och Elementer déi hu missen iwwerschafft ginn. An deem Fall war an alle Schoulen d'Bedierfnes do iwwer Regeln nozedenken an dat Règlement grand-ducal vun 2008 ze ergänzen, wat dann och eng gutt Saach ass. Et sinn interessant Zousatzreglementer erauskomm. An der Schoulkommissioun sinn all déi Reglementer ausgiebig diskutéiert ginn. Et sinn dann och nach Elementer ofgeännert ginn. Si sinn och all op déi jeeweileg Situatioun an de Schoulen zougeschnidden an se sinn nozevollzéien. Den Deich huet en zimlech laangen Text virgeluegt den zäitweileg méi un eng Charta erënnert wéi un de Règlement d'ordre intérieur, mee och si hunn dofir gutt Argumenter ugefouert. Schlussendlech si mir mat alle Reglementer averstanen. Mir fannen et natierlech besonnesch erfreuelech datt all d'Schoulen sech verpflichte wëlle géint d'Verschwendung vu Pabeier an och aner Material virzegoen an op Plastik ze verzichten. Merci.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Merci der Madame Goergen. Här Claude.

**BOB CLAUDE (LSAP):** Merci Här Buegermeeschter. Virun 10 Joer ass dat neit Schoulgesetz agefouert ginn.

Doniewent goufen eng Rei groussherzoglech Reglementer geschaf. Eent dovunner war d'Reglement vum 7. Mee 2009 wou et ëm Verhalensregelen an d'Hausuerdnung gaang ass. U sech war dat Reglement och kloer an ausféierlech genuch an déi Meeschten sinn och domadder eens ginn. Esou wéi sou, do stoungen d'Verhalensregelen dran, déi zum gréissten Deel scho vill Joere virdrun an de Schoulen ugewannt gi sinn. Zousätzlech zum Reglement, vag Zousätz zum Reglement waren awer méiglech. Et huet allerdéngs 6 Joer gedauert bis 5 vun eise 6 Grondschoulen en éischten Zousatz proposéiert hunn. Dat war geschitt well ëmmer méi Elteren sech am Schoulhaff an am Gebai opgehalen hunn. Wéi d'Elteren trotzdem mussen a solle komme war domat präzis geregelt ginn. Deemools hat d'Schoul Deich sech op hir Autonomie beruff an op déi zousätzlech Hausuerdnung verzicht. Haut, véier Joer méi spët, hunn d'Schoule Gaffelt, Ribeschpont a Strutzbiérg dat selwecht Reglement bäibehalen. Och d'Schoul Brill ass op de Wee gaange mat der Ausnam vum Wolkeschdall wou d'Elteren zu jidder Zäit an d'Gebai komme kënnen.

D'Schoul Butschebuerg huet eng méi nuancéiert Versioun. Notamment kënnen do d'Eltere vum Précoce d'Kanner bis Allerhellegen an d'Gebai bréngen. E neie Moment ass d'Benotze vum Handy an d'Abusen déi domat kënnen virkommen. Dëst ass an den R.O.I.e vum Brill, Butschebuerg an Deich méi oder manner streng definéiert an dat obschonn am Grondreglement, dat heescht am Règlement grand-ducal geschriwwen steet datt den Handy während der Schoulzäit, an de Pausen an am Gebai ausgeschalt sollt sinn. Butschebuerg an Deich hunn zousätzlech Verhalensregele vu Kanner, Elteren, Léierpersonal an aner Intervenante ganz ausféierlech reglementéiert. Dobäi fält op, datt verschidde ganz strikt Regeln opgezielt sinn déi d'Auerzäit, d'Verhalensregelen am Schoulbus, d'Absenzen, d'Kleedung, d'Matbréng vu Skateboard, Trottinette an aner méi geféierlech Objete betreffen. Besonnesch d'Schoul Deich huet ganz äifreg fir net ze soen eventuell iwweräifreg reglementéiert.

Datt dobäi Verbueten ausgeschwat ginn, kann een awer kritesch gesinn. Do riskéiert een, op Onversteesdemech bei den Elteren an Expressgekeet bei de Kanner ze stoussen. Dat gëllt besonnesch beim Verbuet vu gewëssen lesswueren a Gedréngs. An dem Beräich soll een éischter op d'Recommandatiounen vun de responsible Servicer a vum Léierpersonal follegen. Zum Schluss ass déi No Plastic Initiativ vun der Schoul Deich awer ganz positiv ervirzehiewen. Déi am aktuellen Trend fir d'Ëmweltbewosstsinn vun deenen anere fënnef Schoulen an hir zousätzlech Uerdnung geschriwwen ginn ass. Vu datt och d'Direktioun déi Reglementer approvéeert, dat heescht genehmegt, stëmmt natierlech d'LSAP fir dëst Reglement.



**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Merci dem Här Claude. Den Här Gangler.

**JEAN-PAUL GANGLER (CSV):** Merci Här Buergermeeschter. Ech wollt an deem Kontext vun deem ugeschwatene Problem vun den lesswueren, déi elo net ganz gesond agestuft sinn, déi Limonaden, déi Chipsen an dat alles, do wollt ech awer eng Lanz brieche fir eise Service de Médecine scolaire, déi maachen effektiv scho regelméisseg joerelaang an de Klasse Motivatioun an Informatioun iwwer d'Ongesondheet vun deene Saachen. Also, et kann een elo net soen, datt dat do eppes ass wat nei ass. De Virdeel eben dovun datt wann een et reglementéiert, dat ass datt et dee Moment ënner der stänneger Kontroll vum Léierpersonal steet well de Schouldéngscht ka net dauernd bei de Kanner sinn an d'Léierpersonal huet effektiv nach méi Méiglechkeete fir méi regelméisseg op dee Punkt z'intervenéieren. Mee effektiv, eise Schouldéngscht ass do scho ganz äifreg fir de Kanner ze soen, datt dat net ideal ass.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Merci fir déi dote Remarken, quitte datt mir wëssen datt mir, mengen ech, méi wäit musse goen an den Usaz och éischter bei den Elteren ass, an ech mengen d'Schoulen an d'Autoritéiten a esou Situatioune reagéieren a präventiv probéieren ze agéieren, mee bon dat ass e bësselchen en anert Phenomen. Voilà, ceci dit kënnen d'Stellungnahme geholl ginn, den Här Michaux respektiv d'Madame di Bartolomeo-Ries.

**JOËL MICHAUX (DIREKTER VUN DER REGIONAL-DIREKTION):** Bon, éier ech op déi verschidde Remarken e Feedback ginn, wollt ech awer effektiv nach eng Kéier betounen datt déi ganz Aushandlungen do an engem gudden Klima stattfonnt hunn. Et war zu kengem Moment wou eng Schoul probéiert huet sech vun enger anerer ofzegrenze mee et war wierklech déi eenzel Spezifitéiten deene mir probéiert hunn Rechnung ze droen. Et war ganz agreabel eigentlech. Och vun eis e grouse Merci un de Projet dee vun der Madame Schütz lancéiert gouf géint den Offall.

Fir villäicht dann direkt op d'Schoulbicher anzegoen. Mir haten dat virun enger Rei vu Joeren schonn zesumme mam Buergermeeschter lancéiert um Deich, déi Suen déi mir duerch d'Netbestelle vu neie Bicher mee duerch d'Reutilisieren agespuert goufen, goufen investéiert zum Beispill an eng Rei vun I-Paden. Also d'Méiglechkeet besteet duerchaus. Ech mengen et ass och begrëssenswäert. Heiansdo ass et och interessant wa Kanner scho Note gemaacht hunn zu engem Text, wéi een iwwer déi Notte kann nodenken. Et muss een et och ee Mol eng Kéier esou gesinn. Also déi Méiglechkeete bestinn op alle Fall.

Dann dee ganze Volet Handy, ech mengen dat ass wierklech an deene ganzen Diskussiounen den Haaptpunkt gewiescht. Iwwerhaapt d'Protection des données, déi ganz Saachen. Mir sinn elo, ech sinn do Responsabel am Kolléisch, um Ministère amgaangen och fir d'Schoulen eng Fiche auszeschaffen, déi si kënnen benotzen, datt een déi selwecht net nëmmen an der Direktioun, mee am ganze Land huet. De Problem ass nämlech, d'Eltere fëllen eppes aus, mä à toutes finalités brauch een eigentlech schonn erëm eng nei Fiche. Dat ass de Problem. Wann elo iergendwann e Reportage gemaacht gëtt, missten d'Eltere reng theoretesch rëm eng Kéier eng nei Fiche auspake fir den Evenement do zouzeloossen. Dat mécht natierlech d'Saach extrem komplizéiert. Do si mir am gaangen drun ze schaffen.

Och hate mir an der Schoulkommissioun de Problem vum Handy ofhuelen, konfiskéieren an eng Këscht leeën a esou weider diskutéiert wou ech mengen datt mir e richtegen Avis juridique dozou brauchen, well ech weess net ob ech engem den Handy einfach esou däerf ofhuelen. Well och wann ech de Message ginn, leet en an déi Këscht, ass dat ofhuelen? Ass dat konfiskéieren? An ass dat mam Accord vun den Elteren? Oder muss ech dat erëm ënnerschreiwe loosse vun den Elteren? Et ass e bësselchen esou eng Grauzone. Meeschtens klappt et gutt wann d'Aushandlungsprozesser tëschent den Enseignanten an den Eltere gutt klappen.

Dat ass d'selwecht wéi beim Krankeschäi wou den Här Jadin ugefrot hat. Also eigentlech steet et mir als Enseignant net zou nom Motiv ze froen, well dat ass en Dossier médical. Ech géing emol soen dat wier esou, well duerno um Krankeschäin ass jo och just e Code drop an et steet jo net genau ëmmer drop wat betreffend Kand huet. Ech muss awer soen, et ass déi selwecht Remarken, well wann ech awer elo e gutt Verhältnis hunn zu den Elteren, da soen d'Eltere mir um Telefon wat d'Kand huet. Da brauch ech guer net nozefroen. Et geet an déi selwecht Richtung, ne. D'Malaisé si jo ëmmer do wou et net esou richtig klappt. De Problem ass, wann ech als Enseignant net weess wat de Problem ass, wat d'Kand huet, wéi laang felt et elo nach an ech ka präparéieren an esou weider an esou fort.

Ah jo, zesumme Kaffi drénken. Also, mir haten déi Initiative laang Joeren an Italien. Ech hunn och fonnt datt dat ëmmer ganz flott war, mee à long terme fannen ech awer eng Initiativ wéi se elo an der Lenkeschlei wäert gemaacht gi mat moies engem Café des parents, wou ee Begegnungen huet, déi à long terme stattfannen, mengen ech, si méi fruchtbar, wéi esou eng momentan Opnam vum Kaffidrénke well spëtstens an engem héijere Cycle gëtt nämlech dem Enseignant gesot, mee Du hues och e Programm ze maachen.



Iergendwou dotëschent ass et ëmmer... ech weess och net ob dat iwwerall scho probéiert gouf, d'ailleurs, ech weess dat net... an allen Diddelenger Schoulen, ech kann dat elo net genau soen. Ech mengen dat sinn esou d'Äntwerte gewiescht zu de Froen.

**JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP):** Jo ganz kuerz, ech wëll mech dann direkt drun hänke mat deem Frühstück do. Ech muss éierlech soen, an der Maison Relais a während de Vakanzen do ass dat absolut de Fall. Do kommen d'Kanner moies, do kann ee mat hinne frühstücken. Do kann een och ee Mol soen, hei dat hei ass gesond oder net gesond. Da wëll ech awer och soen, datt d'Francine Zigliana an d'Manon Haag aus der Médecine scolaire ganz oft esou Saache maache mat hinnen, wéi hinnen ze weise wéi gesäit e gesond Moiesessen aus. Och d'Eltereschoul, déi bitt dat un. Do kann een déi och ruffe wann d'Léierpersonal dat wëll fir och e bësselchen dee Volet eng Kéier ofzedecken. Dat ass ganz schwéier wann d'Kanner moies an d'Schoul kommen... wie kënnt do bei esou e Frühstück, wien ass do? Da missten se schon all an der Maison Relais ageschriwwen sinn an da kéint een et kontrolléieren.

Dat si ganz flott Initiativen déi a kleng Gemenge kënne lafen. Mir probéieren et hei iwwer Uebst dat an de Schoule verdeelt gëtt, probéiere mir wierklech eist bescht. Wéi gesot et kann een et awer duerchaus eemol eng Kéier probéiere fir an enger Schoul esou e Projet eventuell lafen ze loossen, mee da mussen déi zwee mateneen zesumme schaffen an ech mengen, do gi mir jo ëmmer besser dran.

Nach ganz kuerz de Schoulbuet: D'Fotoen, jo d'Elteren ënnerschreien dem Léierpersonal wa Fotoe gemaacht ginn ob déi däerfe gebraucht ginn. Dat ass d'Konditioun fir iwwerhaupt Fotoen däerfe vun deem Ganzen ze maachen. Da géing ech just villäicht dem René Manderscheid eng Minutt d'Wuert ginn an zwar de Projet „No Plastic“, hien huet eng gutt Nouvelle fir eis.

**RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN):** Ech wollt dat herno maache wa mir iwwer déi Motioun vun deene Grénge, hire Bréif, schwätzen. Do wollt ech dat alles an engem Saz maachen.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Gutt, ech mengen dann ass zu deene verschiddene Punkten Stellungnahm geholl ginn, Affaire à suivre wat aner Punkten ugeet. Elo komme mir dann elo hei zrëck op de Règlement d'ordre intérieur wat eis Schoulen ugeet. Ech mengen esou wéi d'Diskussionen hei an d'Stellungnahme verlaf sinn, ginn ech dovun aus datt dat heiten unanime a parteiwwergräifend gestëmmt gëtt.

Dofir géing ech awer da formell froen, ass de Gemengerot mat deene Règlements d'ordre intérieur hei averstanen? **Dat ass unanime, da soen ech lech villmools Merci an och dem Joël Michaux Merci.**

## 4. GEMENGEFINANZEN

**4.1. Approbatioun vum notariellen Akt fir d'Cession gratuite mat der Madame Alexa Kohn an dem Här Jean Kucharczyk**

**4.2. Approbatioun vum notariellen Akt fir d'Cession gratuite mat der Koppel Carlos Moço De Figueiredo a Leonor Da Silva Santos Moço**

**4.3. Approbatioun vum notariellen Akt fir d'Cession gratuite mat der Koppel Sefkija an Ifeta Rec**

**4.4. Approbatioun vum notariellen Akt fir d'Cession gratuite mat der Gesellschaft OLOS FUND s.c.a., dem Här Jean-Marie Kontz an der Gesellschaft Stugalux Construction S.A.**

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Ënner dem Punkt Finances communales hu mir eng Rei Akten. Ech géif proposéieren, dass mir déi Cession-gratuiten all zesummen huelen, well et ass vill. Deen éischten – et si véier Acte-de-cession-gratuiten – ass mat der Madame Kohn an dem Här Kucharczyk an do kréie mir an der Rue de la Libération 18 Zentiar, dat ass e Stéck Trëttoire wat mir an d'Voirie publique integréieren, dat gesitt Dir och op de Pläng.

Deen zweeten Acte de cession gratuite ass mat dem Här Figueiredo a mat der Madame Da Silva Santos an och do kréie mir an der Bierenger Strooss 13 Zentiar, och dat ass eng effektiv Integratioun vun dëser Parzell an d'Voirie publique, och dat gesäit een op de Pläng.

Dann deen drëtten Acte de cession gratuite ass mat dem Här Rec an der Madame Rec, do kréie mir an der Nierzenger Strooss 16 Zentiar, an och do geet déi Parzell an d'Voirie publique iwwer. Och dat gesitt Dir op de Pläng.

Dann, de véierten a leschten Acte de cession gratuite, dat ass am neie Quartier Lenkeschléi, do sinn 3 Parzellen, dat ass d'Spillplaz mat 39,56 Ar, dat ass d'Rue Marthe Bigelbach-Fohrmann, dat sinn 0,90 Ar an et ass nach eemol an der selwechter Strooss, 21,66 Ar, dat ass d'Strooss, an dat ass d'Sociéitéit Olos Fund, den Här Jean-Marie Konz a Stugalux Construction, déi eis



déi Cessioun maachen. Dir kënnt lech jo drun erënneren, dass mir d'lescht Joer och déi aner Stroossen cedéiert kruten, dat heiten ass d'Kontinuitéit dovunner an dat ass am Kader vun der Utilité publique well déi Parzellen an d'Gemeengepropriétéit iwwerginn a mir dann och do den Ënnerhalt maache mussen. Dat sinn déi 4 Akten, déi dem Gemengerot hei virleien. Si Froen dozou?

**CLAUDE MARTINI (CSV):** Just eng Fro: Déi verschidde Cessiounen si jo wéinst den Aarbechten, déi gemeet gi vun der Gemeng. Hei kréie mir ëmmer déi vu Famillje virgeluecht, déi averstane si mat deene Cession-gratuitéit. Sinn och Familljen do, déi net averstane si fir e Stéck Mini-Terrain ofzeginn – 13 Zentiar ass jo wierklech net vill - a wat maache mir an deene Fäll wou d'Leit net averstane sinn? Wéi geet dat do?

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Also et ginn zwee Cas-de-figures: Entweder ginn d'Cessiounen gemaach wann elo Aarbechte stattfannen a Stroossen a wou mer erausfannen, datt Privatleit Propriétaire sinn oder awer et si keng Aarbechten – bei deenen heiten Akte sinn der och derbäi wou keng Aarbechte gemaach ginn – mä wou mir erausfannen, an et gëtt ganz vill esou Situatiounen, wou Deeler vun Tréttoiren a privater Propriétéit sinn, wann d'Leit domadder averstane sinn, da klappt dat, dofir iwwerhuele mir jo och d'Notaireskäschen, dat ass ëmmer en Argument wat mir hunn. A wa Leit net matmaachen, da bleiwen se Propriétaire mä dann droen se och d'Responsabilitéit dovunner, da sinn si Gardien iwwer déi Parzell wou si Propriétaire sinn. Do spilt dann deen normalen Droit civil. Et ginn och Leit, déi refuséieren. Zwar déi mannst, wa mer mam Argument kommen, datt mir alleguerten d'Käschen iwwerhuelen.

Kann ech lech proposéieren, iwwer déi véier Akten zesummen ofzestëmmen? Jo, wien ass domadder averstanen? **Dat ass unanime. Da soen ech Merci.**

#### **4.5. Approbatioun vum Bail mat der Universitéit Lëtzebuerg fir Studentewunnengen an der Maison des Chercheurs**

#### **4.6 Approbatioun vum Avenant vum Bail der Universitéit Lëtzebuerg fir Studentewunnengen am Gebai op Nummer 8, Avenue Grande-Duchesse Charlotte**

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Da gi mir weider, mir hunn zwee Contrat-de-bailen, dovunner een Awunner mat der Uni Lëtzebuerg. Den éischte Contrat de bail, dee mir hunn, dat ass dee mat eiser Maison des Chercheurs an der Parkstrooss, do muss ee soen, dass d'Aarbechten do an der Park-

strooss fäerdeg sinn, mir haten dat jo gebaut am Kader vun der Zesummenaarbecht mat der Uni Lëtzebuerg. Déi Uni, déi elo méi am Suden ass, dass mir wëllen déi Uni méi un d'Stad Diddeleng bannen a mir haten nientwende de Studentewunnengen, déi mir nientwende der Gare hunn an der Avenue Grand-Duchesse Charlotte, am fréiere Bauschtenhaus, am ancien Grand Hotel Diddeleng, war hei jo d'Iwwerleeung, dass mir 9 Appartementer baue loosse an der Uni déi zur Verfügung stelle fir Doktoranden, Post-Doktoranden, Chercheuren, e bëssen eng aner Kategorie vu Leit, déi op der Uni schaffen.

D'Iwwerleeung ass och dass se fir d'Rentrée académique 2019/2020 déi 9 Appartementer och effektiv kënnen an Usproch geholl ginn, dofir och de Contrat de bail, dee mir hei virleien hunn, wou mir als Propriétaire der Uni Lëtzebuerg wéi gesot déi dote 9 Appartementer zur Verfügung stellen. Eigentlech sinn et keng Appartementer, mä e bësse gréisser Zëmmeren. A fir Doktoranden, Post-Doktoranden an awer och Chercheuren ass et esou, dass mir fir déi 9 Zëmmer 1 620 Euro Loyer froen.

Natierlech ass et esou, dass alles wat d'Charge-locativen ugeet, déi muss och de Preneur, dat heescht d'Uni Lëtzebuerg, droen an natierlech droe mir alles wat Stéieren an Taxen ugeet, mä alleguerten d'Frais de location, wat d'Compteuren, d'Drecks-këschen ugeet, Frais d'entretien courants, Frais de nettoyage, d'Coûts de fonctionnement, dat iwwerhuelen si. Et ass och d'Uni Lëtzebuerg, déi genee wéi bei de Studentewunnengen déi ganz Gestéiung iwwerhëlt a kuckt, wéi eng Chercheuren oder Doktoranden do erakommen der erausginn, dat mécht exklusiv d'Uni Lëtzebuerg, well si jo och e Service bei sech hu fir dat ze maachen.

D'Durée vum Bail ass hei op 6 Joer festgesat vum 1. September 2019 bis den 31. August 2025. Wann déi Period ofleeft, géif et nach eemol ëm 3 Joer verlängert ginn, a wann no deenen 3 Joer verlängert gëtt, da vu Joer zu Joer an nom Prinzip vun der tacite reconduction. An natierlech, wann et géif gekënnegt ginn, dann hu mir hei ëmmer e Preavis vu 6 Méint dran. Dat ass e bëssen d'Situatioun, wéi mir se hei virfannen an natierlech dierf hei d'Uni Lëtzebuerg keng Sous-location maachen ausser mir hätten hinnen den Accord ginn, mä ech mengen, deen Objet ass awer ganz kloer.

Natierlech, wann si elo eranzéien, gëtt en État des lieux gemaach, esou wéi dat klassesch ass bei engem Contrat de bail, mir hat schonn déi Diskussioun hei am Gemengerot, et si jo Zëmmeren, mä do sinn och Cuisine-equipéieren, do sinn och déi néideg Sanitaires dran, do gëtt en État des lieux gemaach mat engem Procès-verbal an och Fotoen. Hei hu mir och dragesat, a mir schwätzen herno nach iwwer den Avenant wat



Studentewunnengen ugeet, dass alles awer wat déi jäerlech Maintenance ugeet vun den Equipementer an och Sécherheet an och déi technesch Equipementer, dass dat och d'Uni Lëtzebuerg muss en charge huelen a wann iergendwellech Modifikatiounen am Gebai sollte gemaach ginn, wou de Locataire maache kann, da brauch den natierlech och den Accord vum Propriétaire, en l'occurrence vun der Stad Diddeleng. Dat ass e bëssen d'Essenz hei vun deem Contrat de bail, den Dir virleien hutt. Et ass e ganz flotte Projet. Wéi gesot, et ass och virgesinn, dass déi Leit fir d'Rentrée 2019-2020 kënnen anzéien a mir wäerten och do de Gemengerot um Lafenden halen, mir wäerten do och eng Aweigung maache fir d'Rentrée, wann do effektiv alles glat iwwer d'Bühn leeft, an och de Gemengerot hei säin Accord gëtt fir datt mir dëse Contrat de bail kënnen guttheeschen.

Ech géif dann och eriwuer goen op den Avenant, dee mir mat der Uni Lëtzebuerg hunn, par rapport zu de Studentewunnengen. Do ass et jo esou, dass mir den 23. September 2014 hei de Contrat de bail mat der Uni Lëtzebuerg wat d'Studentewunnengen ugeet, gemaach hunn an hei am initiale Contrat de bail war dat net mat dran, dee wëlle mir hei completéiere mat zwou Dispositionen, déi fanne mir och erëm hei am Contrat de bail, dee mir elo mat der Maison des Chercheurs geholl hunn, dass alles wat déi Maintenance annuelle a ronderëm d'Isolatiounen an d'Sécherheetsequipementer, sief dat d'Détection-incendie, sief dat de Compartimentage, sief dat d'Chaudière, sief dat d'Proppermaache vun de Gouttières, vun de Pompelen, dass dat am Fong d'Uni Lëtzebuerg maache muss.

Firwat maache mir dat? Majo well d'Uni sech net vun Ufank u bewusst war, dass dat hire Rôle wär, an et ass am Fong duerch eis mëndlech Interventioun, wou se dat gemaach hunn, mir waren eis awer och eens, dass mir dat och misste schrëftlech formaliséieren, an dat maache mir och hei fir dass do och de part et d'autre och d'Rôle gekläert sinn. Wéi gesot, mëndlech si mir eis eens ginn, mir hunn hinnen och gesot, dass et wichteg wier, dat am Contrat de bail festzehalen. Méi ass et net. Voilà. D'Diskussioun ronderëm déi zwee Contrat-de-bailen ass op.

**MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):** Merci Här Buergermeeschter, d'Maison des Chercheurs, ech mengen, Dir kënnt lech erënneren, d'Affektatioun vum Petits-Haus, dat war en Hin an Hir, fir d'éischt sollt eng Crèche dra kommen an du keng Crèche, Ëmbau, Neibau, et sollt an d'Maison Relais Schwämm ee Moment mat agebaut ginn, an ech denken, do hu mir j90 am November 2016 hei unanime alleguerten de Projet vun der Maison des Chercheurs awer guttgeheescht. Och villäicht fir nach eemol drun ze erënneren, esou wäit ech weess, war den

Uschafungspräis vum Petits-Haus 520 000 Euro, den Ëmbau huet 1,6 Milliounen Euro kascht, do ass nach just meng Fro: Do huet et geheescht, do kréie mir 70% Subsid vum Ministère du Logement fir d'Acquisitioun an och fir d'Renovatioun an ech wollt just froen ob dat opgaangen ass an dunn huet et ee Moment geheescht mir kréien och vum Ëmweltministère nach e Subsid. Do wollt ech nofroen, wéi dat war. Dass et fir Doktoranden, déi fir 2-3 Joer an engem frieme Land eng Wunneng sichen, net einfach ass, dat weess ech aus perséinlecher Erfahrung, an déi ganz schwierig Wunnengslag zu Lëtzebuerg géif et och fir Doktorande mat enger dach bescheidener Remuneratioun, déi oft nëmme knapp iwwer dem Mindestloun läit während deenen 2 oder 3 Joer déi se hei sinn, géif et onméiglech maache fir um normale Marché eng Wunneng ze fannen.

Hei ass dat eng exzellent Offer. Wann ech kucken, mir froen 1 620 Euro, dat ass jo fir all d'Wunnengen zesummen, wann ech dat richteg verstanen hunn. Ech hoffe just, dass dann och d'Uni dee Loyer och 1 zu 1 plus nach ee puer Euro Chargen un d'Doktoranden awer zoukomme léisst, esou dass déi Leit awer och wierklech kënnen an engem flotten Environnement wunnen. Flott ass och, dat hate mir och dee Moment gesot am November 2016, dass do eng sënnvoll Notzung vun engem flotte Wunnhaus an engem Wunnquartier no bei der Gare an och bei de Busse fir op de Belval geschaf gëtt, an et war eis jo och wichteg, dass mir kucke fir autofräi ze sinn, eben dass mir och Doktorande kréien, déi net onbedéngt hiren Auto matbréngen, dass déi wéi gesot gutt Ubannungen hunn un den ëffentlechen Transport, dat wier jo och ze wënschen.

Ech wëll awer just drun erënneren, mir, d'CSV haten deemools e bëssen eng aner Iddi gehat wat en hätt kënnen mam Petits-Haus maachen, mir wollten esou Start-up Wunnenge maache fir jonk Diddelenger, déi nom Studium oder no hirer Ausbildung e Wunnraum sichen an ech wollt dat awer villäicht nach eemol dem Schäfferot mat op de Wee ginn, wann sech nach eemol esou eng Geleeënheet bitt, wier et och flott wa mir fir eis jonk Diddelenger, déi an d'Beruffsliewen antrieden, och eng Méiglechkeet hätte fir mat esou engem moderate Loyer an esou eng Aart WG awer och en Ënnerdaach ze fannen. Ech wëll einfach nach eng Kéier déi Iddi rappeléieren, dat wier och eppes, wat een an nächster Zukunft eng Kéier kéint envisagéieren.

Mir sinn awer absolut hei averstane mat deem Contrat de bail, wéi och mam Avenant zu deem Kontrakt vun dem Haus an der Avenue Grande-Duchesse Charlotte, wou d'Studenten dra wunnen. Do ass just meng Fro: Dir hat gesot gehat, am Ufank war sech d'Uni net bewusst dass si déi Fraisen soll iwwerhuelen, ech wollt awer just



allgemeng froen ob d'Zesummenaarbecht mat der Uni soss an der Rei ass a wéi ass et, mir hu jo och e Recht fir déi Wunnengen ze besiichten, fir ze kucken ob alles an der Rei ass, zesumme mat der Uni, oder verloosse mir eis just drop wéi d'Messagë sinn, déi mir vun der Uni kréien?

An nach eng Fro: Wéi ass et am Summer wann d'Uni zou ass, da mussen d'Studenten hir Locatioune an der Avenue Grande-Duchesse Charlotte jo verloossen, ass do ugeduecht fir déi Wunnengen och iwwer de Summer de Studenten, déi am Echange sinn oder och Doktoranden, déi just fir 2-3 Méint kommen, zur Verfügung ze stellen? Wéi leeft dat konkret?

**MARTINE BODRY KOHN (LSAP):** Merci, ech maachen et elo kuerz, ech wëll just vun der LSAP aus hei nach eng Kéier soen, dass mir dat e ganz flotte Projet fannen a wéi dat ëmmer ass bei esou komplexe Saachen, och wann am Mëndlechen déi Zesummenaarbecht ganz gutt ass, esou mengen ech, ass et ëmmer gutt wann ee kloer Regeln huet an dat ass heimat geschitt. Dann ass dat alles méi kloer an d'Zesummenaarbecht méi einfach. Mir fannen, dass dee ganze Projet och do an der Rue du Parc, eis Offer, wat d'Studenten ubelaangt, kompletéiert an erweidert well dat si jo net Studente wéi an deem aneren Haus, mä dat heiten sinn Doktoranden, mir hunn och also elo an deem Beräich hei eppes ze bidden.

Déi sinn optimal ugebonne mat Bus an Zuch fir op Esch ze kommen, do hu mir och hei eis Plaz fonnt an der Zesummenaarbecht mat der Uni an och déi Offer, déi mir hire Studente kënnen ubidden. Also, vun eiser Säit aus ënnerstëtze mir natierlech dee Projet a mir fannen, dass dat kloer geregelt ass mat deem Kontrakt, wie wéi eng Chargen iwwerhëlt, an dat ass ganz gutt.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Merci och fir déi dote ganz positiv Stellungnahm vis-à-vis vum Projet, ech kann hei kloer soen, dass de Moment d'Zesummenaarbecht mat der Uni Lëtzebuerg gutt ass, dass do e gudden Echange, e gudden Austausch ass och tëschent hire Responsabelen an eise Responsabelen, notament wat d'Gebailechkeet ugeet, respektiv d'Visiten, sief dat d'Studentewunneng, sief dat d'Maison des Chercheurs, do lafen d'Kontakter, esou dass dat och an deem Sënn positiv ass.

Wie schlussendlech decidéiert, wéi eng Studenten dohinner kommen, wéi Dir ausgefouert hutt, déi Avantage, déi mir hu mat der Maison des Chercheurs, majo dat ass d'Uni selwer. D'Uni kuckt, wéi eng Chercheure mat wéi engem Profil oder fir wéi eng Durée si se dohinner setzen, do schwätze mir hinnen net dran, dat

ass hir Responsabilitéit fir dat och kënnen ze maachen an et ass och esou, wat d'Studentewunnengen ugeet, ginn déi esouvill ech weess, am Summer net verlount well mir jo zwee Cas-de-figurë kënnen hunn. Entweder et si d'Studenten, déi maachen hiert ganz Studium op der Uni Lëtzebuerg, da brauchen se d'Wunneng, oder si maachen hire Bachelor, dat heescht, och iwwer de Summer sinn se deelweis do oder si gi villäicht an hiert Land zeréck a brauchen awer nawell d'Wunneng, dat heescht, déi kann net verlount ginn a wann dann ee géif ophalen, da profitéiert d'Uni vun där Zäit fir emol Saache frëschzemaachen oder unzesträichen en vue vun der nächster Locatioun fir déi nächst Studenten.

Dat heescht, während deenen Duréee gëtt dat also net weiderverlount, opgrond vun deenen Erklärungen, déi ech hei ginn hunn. Och déi Iddi vun der Wunneng, fir där zur Verfügung ze stellen u Jonker, déi vun der Uni kommen, dat ass eng Iddi déi een am Hannerkapp huet, déi ass net ad acta geluecht, a wann sech do eng Méiglechkeet bitt, da kann een esou eppes och fir Diddeleng an Erwägung zéien.

Subsid, deen hate mir am Gemengerot am Mäerz oder am Abrëll an do hu mir fir déi 9 Logementen 1,5 Milliounen Euro kritt, dat hate mir schonn dran. Environnement hunn ech elo net, dat kann ech awer nofroen. Normalerweis krut ech eng positiv Réckmeldung mä ech weess net méi de Montant. Ech froen dat no a ginn lech d'Informatioun. Dat ass kee Problem.

Voilà, ass de Gemengerot éischtens emol mam Contrat de bail wat d'Maison des Chercheurs ugeet averstanen? **Dat ass unanime. Merci.**

Ass de Gemengerot dann och mam Avenant wat d'Studentewunnengen ugeet averstanen? **Och dat ass unanime. Villmools Merci.**



#### **4.7. Approbatioun vum Devis estimatif fir d'Installatioun vun enger Feierdetektiounsinstallatioun an der Sozialwunneng an der Rue Tattenberg – Miwwléiert Zëmmer**

##### **DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):**

Da géife mir weider goen op de Punkt 3.7, mir ginn do an de Quartier Italien, eis subventionéiert Wunnengen zu Tattedberg, dat si Chambre-meubléeën, do hu mir hei en Devis estimatif virleie vum der Centrale de détection feu, mir haten dat och schon am Budget drastoen, dat si 14 000 Euro. Dat ass d'Erklärung dozou fir déi Détection incendie, fir déi kënnen ze maachen.

**CLAUDE MARTINI (CSV):** Ech wollt just froe firwat dat net vun Ufank u gemaach ginn ass, déi Detektioun an ob mir och aner Gebaier hunn zu Diddeleng, wou mir müssen norüsten? Am Caramutas-Haus ass et jo awer virgesinn, gell?

##### **DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):**

Am Caramutas-Haus ass et – souvill ech weess – virgesinn. Hei hate mir eenzel Melder gemaach well et jo Logement-social sinn, a mir hu festgestallt an der Praxis, dass ganz vill Feelermeldunge komm sinn an dofir gi mir hei eriwuer op en anere System. Déi meescht sinn allegueren OK, respektiv do wou mir müssen norüsten, do maache mir dat. Et ass jo och historesch gewuess, heiansdo mussen mir jo och d'Zentral erneieren, frësch maachen, dat variéiert jo da vun Haus zu Haus. Effektiv, bei neie Gebaier ass et ëmmer d'office integréiert. Voilà, ass de Gemengerot mat deem Devis averstanen?

**Dat ass unanime. Merci villmoals.**

#### **4.8. Approbatioun vum Devis estimatif fir de Reame-nagement vun den Alentoure vun der Maison Relais Schwämm**

##### **DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):**

Da géife mir op deen nächste Punkt iwwergoen, dat ass och d'Approbatioun vun engem Devis estimatif wat de Reamenagement ugeet vun den Alentoure vun der Maison Relais Schwämm an do begrëssen ech hei an eiser Ronn d'Andrea Weier an den Tom Schroeder, déi och de Projet wäerte presentéieren. Hei geet et reng nëmmen ëm d'Alentoure vun der Maison Relais Schwämm frësch ze amenagéieren, fir déi Entrée aneschtens ze gestalten, méi kannerfrëndlech ze gestalten, an ech géif do esouwuel dem Andrea Weier wéi och dem Tom Schroeder d'Wuert ginn an och dem Josiane Di Bartolomeo Ries, dat sech ëm dee Projet gekëmmert huet.

**JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP):** Merci Här Buergermeeschter, d'Andrea Weier an den Tom Schroeder, ginn herno op de Projet an, ech wëll awer e puer Saache soen am Virfeld. Mir hu beim Budget dat gestëmmt, Maison Relais Schwämm, well de Moment ass eng Situatioun do wou d'Kanner eigentlech de Bausseberäich kaum kënnen notzen, well et op ass zu der Strooss zou, dat ass net ëmmer flott fir d'Kanner. An déi eenzeg Plaz, déi si hunn, dat ass relativ vill Beton, och do ass näischt ze maachen. Nach géif sech do virum Haus, ënnert deem Bam wierklech eng Méiglechkeet ergi fir dat besser ze notzen, dofir hu mir dee Projet haut da mat an de Gemengerot geholl. Ech mengen, mir wëllen do esou séier wéi méiglech ufänke fir dass d'Kanner eng besser Qualitéit kréien an deem Gebai.

Wat dobäi kënnt, dat gesitt Dir elo wann de Projet virgestallt gëtt, dat ass, dass d'Kanner och Héichbeeter dohinner kréien, wou se selwer kënnen Geméis oder Blumen oder wat och ëmmer upflanzen a wat och wichteg ass, de Moment ass d'Haus op, sief dat zu der Strooss, sief dat zu der Schwämm, mir hu regelméisseg Problemer wann do Undrang ass fir an d'oppe Schwämm eran, dass d'Kanner do duerch d'Maison Relais op där Plaz, wou se elo de Moment eraginn, net eraus- an erakommen, dat heescht do ass e Kunterbunt mat Momenter, dofir ware mir der Meenung, dass mir dat elo ëmänneren esou séier wéi méiglech.

Wat nach ass, Dir hutt elo de Plang virleien, do ass dee roude Stréch, dat heescht dat ass d'Phas 1, déi gemaach gëtt an eréischt wann d'oppe Schwämm gemaach gëtt, wann do alles fäerdeg ass, géife mir déi Phas 2 da maachen an do ronderëm clôturieren. Ech mengen, et ass fir d'Qualitéit vun de Kanner an ech géif d'Wuert dann elo mol weiderginn un d'Andrea Weier fir eis de Plang e bëssen ze erklären. Merci.

**ANDREA WEIER (ARCHITEKTIN):** Merci, ech dierf lech de Projet vun der Maison Relais virstellen, et ass e Projet, deen sech iwwer dee ganzen Espace virun der Maison Relais zitt, en Espace wou de Moment och e puer Beem stinn, déi mir och géingen am gréissten Deel gären erhalen, respektiv déi ganz grouss Exemplare géingen am Kader vun deem Projet stoebleiwen, bei deenen anere géinge mir e bëssen intervenéieren a kucken awer, dass mir an enger 2. Phase och dohinner neier setzen, an einfach déi Struktur wéi se de Moment besteet, erëm hierstellen. De But vun deem Projet ass, de Kanner e flotte Beräich ze bidden mat deem se spille kënnen, mir hunn am Moment hu mir eng Terrassesituatioun virun der Maison Relais, deen e relativ schmuele Schlof bitt an en Héichtenënnerschied zu deem ënneschte Beräich duerstellt, dee mir gäre géinge reduzéieren andeems mir déi Terrass, déi am Moment ebe virun der Maison



Relais ass, géinge suppriméieren. Mir géingen eigentlech en neien Accès an d'Maison Relais, iwwer den direkte Wee, duerch den Haff op d'Gebai zou realiséieren an net méi den Decrochement vun der Säit hir, wou een net esou richtig gesäit wou eigentlech den Accès ass fir an d'Maison Relais eranzegoen.

Mir hunn een Haaptaccès fir hei op de Siten, dat ass duerch eng kleng Päertchen, dat wäert awer déi regulär Entrée fir op den Terrain sinn, eng Paart, wou dann och en Interphone, eng Kontaktméiglechkeet zu der Maison Relais hiergestallt gëtt a wou dann och d'Eltere kënnen schelle fir eranzekommen, wann d'Maison Relais wënnscht, dass dee ganze Site clôturéiert an ofgespaart ass, an d'Kanner dann eben och net kënnen sech aus der Bascht maachen. Mir kommen um Niveau vum Haff eran, kommen da riicht op eng Trap zou, dat ass den Haaptaccès fir an d'Gebai, iwwer 6 Träppleke komme mir iwwer e kleng Parvis dohinner. Dee bestoenden Accès hei hannen iwwer den Eck, deen och am Moment besteet fir vun hannen an de Lift eranzekomme fir all déi Persounen à mobilité réduite, dee bleift bestoen, dee gëtt villäicht bannen dran am Kader vun der Renovatioun vun der Schoul liicht ëmgestallt, mä do bleift och en Accès bestoen.

D'Demande vun der Maison Relais, hei am Schoulhaff e klengen Iwwerdaach ze kreéieren, ass heimat am Projet integréiert, ass awer net direkt en Deel vun eiser Missioun als Landschaftsarchitekten fir dee Reaménagement vun dem Haff hei. D'Iddi weiderhin ass hei uewen eng kleng Surface ze kreéieren wou d'Kanner sech och kënnen ophalen, och wann da de Preau kënnt, wou se och e bëssen ënnerdag wieren, si kënnen dann erofgoen an de Schoulhaff, wou d'Iddi eigentlech ass, dee ganze Schoulhaff mat engem waasserduerchlässege Belag ze realiséieren, och esou wéi et eigentlech an der Gaffelt zum Deel realiséiert ginn ass, dat heescht, dass mir do eng Permeabilitéit vum Buedem garantéieren kënnen. Mir hunn eng bestoend Dëschtentnisplak an e Kicker, déi géinge mir erhalen, déi géinge mir am Kader vum Reaménagement mat integréieren.

D'Demande ass och, e kleng Basketskuerf ze realiséieren. An der ganzer Surface hu mir déi 6 ronn Surface, dat ass eigentlech d'Méiglechkeet, dass d'Kanner weider kënnen Kräidzeechnunge maachen, well se immens gär um Buedem molen. Vu dass mir da kee Makadam méi hunn a waasserduerchlässege Material, bleift eben d'Méiglechkeet, och am Bausseraum weiderzemolen. Dann ass d'Iddi, fir hei ënnen deenen zwee Beem, dem Magnolia an dem Käschtbam, eng Surface ze realiséieren, wou mir kënnen mat Fallschutzelag schaffen, dat heescht, mir géingen den Niveau liicht upassen. Fir datt d'Kanner net mat de Féiss

um Niveau vum Buedem sinn, géinge mir 15 cm Belag opschëdde fir do eng flott Spillfläch ze realiséieren. Ugeduecht ass do eventuell dat eent oder anert Rack mat ze integréieren, oder e Sätzsteen, mä soss géinge mir déi Surface u sech oppe loossen, well et u sech schon immens vill Cachet ass fir sech dorënner opzehalen.

Dann hu mir ënner der Lann dee Beräich, dee mir relativ virsiichteg wëllen ugoen, awer ugeduecht ass, en Eck Histoire ze nennen, dass mir eng kleng Terrass realiséieren mat Natursteen-Bléck, déi mir just géingen am Terrain naturel integréieren, a mir hätten am hënneschte Beräich ënnert der Lann e Bac de plantation, deen engersäits Garde-corps mécht respektiv Clôture mécht an awer 2. direkt kann eng Funktioun iwwerhuelen an de Kanner d'Méiglechkeet gëtt fir Aktivitéite mat de Planzen, mat de Kraider oder wat och ëmmer do ass, ze gestallten. Dës Ofgrenzung geet da laanscht Strooss, laanscht d'Rue du Parc, prolongéiert duerch eng Clôture. Am Moment ass déi ugeduecht, et bleift awer ze kucken, wéi dat herno reell ausgesäit.

Mir hunn och en zweeten Accès an den Haff den awer wierklech just als Secondaire ze consideréieren ass, dat ass deen Accès tëschent deenen zwee bestoende Beem duerch wou dann och emol kann en Entretien gemaach ginn, eng Livraisoun oder sou, dass deen Accès net komplett onméiglech gëtt fir an den Haff eran. An hei hannen iwwer den Eck ewech gëtt eben d'Clôture prolongéiert fir datt et och iwwer Piscine spéiderhin eng Méiglechkeet gëtt, hei en Accès de livraison ze hunn.

Dann hu mir hei erlaanscht, den Espace vun der Kichen hannert dem Planzback ass, wou mir och mussen intervenéieren, vu dass mir de Kanner e bëssen Espace vun deem aktuellen Accès zouschreiwen esou dass mir och do missten de Revêtement frësch maachen an ugeduecht ass och do, mat engem waasserduerchlässege Pavage ze fueren, fir dass mir eng stabiliséiert Surface hunn an awer eng Surface hunn, déi ëmmer gréng bleift oder e gréngen Aspekt gëtt an d'Méiglechkeet vun der Uliwwerung un d'Kiche garantéiert, ouni dass e Melange tëschent der Circulatioun vun de Kanner an der Uliwwerung besteet. Déi bestoend Heck hei ënne beim Haus, déi bleift bestoen.

Do nach eemol kuerz, mat deene verschiddenen Descriptiounen ass relativ vill Text, dofir wëll ech do net zevill drop agoen. An deem nächsten Dia hu mir dann e bëssen de Prinzip vun der Entrée mat deem bestehenden Niveau wéi et elo am Moment ass, dee mir ebe laanscht déi Haaptfassad géinge suppriméieren an d'Méiglechkeet mat den Träppen ebe bei de Parvis fir do eropzekommen, enger klenger Clôture an där klenger Zone d'attente



fir dass Elteren, wann hiert Kand grad nach ënnerwee ass - e Moment kënnen do waarden an sech gedéllegen. Mir hunn och Vélosstännere virgesinn, esouwuel bannen am Haff wéi och baussen, esou dass do d'Méiglechkeet besteet fir Véloen ze fixéieren.

Hei just e puer Referenzbiller vun deene Mobilieren, vun deenen Elementer, déi mir geduecht hu fir an dee Projet ze integréieren, den Typ vu Beliichtung, deen a Fro kënnt, dann d'Méiglechkeet e Basketsterrain ze hunn. Punktuell hu mir ebe Bänken och mat virgesinn, eng Kéier laanscht d'Mauer, an dann och fräistoend, mir hunn dat waasserduerchlässegt Material. D'Iddi mam Natursteen ze fueren, am Beräich vun de Maueren, vun den Terrassen, an och vum Parvis fir an d'Entrée vum Gebai eran, fir och déi Wäertegkeet vun deem Gebai en valeur ze setzen. Dann hu mer ënnert dem Bam, well mir do net wëlle Fondatioune maachen, d'Iwwerleeung fir do e mobile Mobilier ze integréieren, deen zwar synthetesch ass, deen awer relativ schwéier ass fir d'Kanner fir ze bewegen, mä deen awer d'Méiglechkeet bitt, och Sëtzméiglechkeeten ze offréieren, ouni dass se 100% figéiert sinn. Hei och de Revêtement perméable am Pavé fir d'Entrée vun der Kichen. D'Iddi och fir laanscht Gebai mat e bessen Uebstgehëlzer ze fueren, fir och do de Kanner dee pädagogeschen Aspekt e bèsse méi nozebréngen.

E Bac de plantation als Delimitatioun an Ofgrenzung hannert dem Bam wier och am Holz ugeduecht an et wier spéiderhin ze kucke fir déi nei Beplanung eben net zevill grouss ze maache mä éischter a klengkrounegen a méistämmege Beem ze fueren, Méiglechkeeten ebe Barren ze implantéieren fir dass se sech kënnen drunhänken. D'Proposition fir Clôture ass de System Gaffelt, déi Méiglechkeet eben, déi Surfacë fir ze molen ze realiséieren, déi mat deene Kreesser realiséiert sinn, da kënnen se wou se wëllen och e Goal opstellen an dann zousätzlech punktuell de Mobilier fir sech am Bausseraum opzehalen. Dann ass hei eben nach eng Kéier de Plang, deen lech och virläit mam Phasage. Déi Phas, déi mir am Ament virgesinn hunn a budgetiséiert hunn, ass dee roude Contour hei dran, ouni de Preau, dat ass déi Surface, déi mir den Ament virgesinn hunn an déi och während dem Chantier clôturéiert hunn, fir dass d'Kanner, wann déi Phase fäerdeg ass, och wann hei eng 2. Phase wäert realiséiert ginn, kënnen do eralafen. Dee Beräich gëtt gebraucht fir den Accès an d'Piscine an dee Chantier ze geréieren soss gëtt et do mat de Surfacen extrem enk.

Da komme mir zu der Partie Budget, do hu mir am Punkt 1, Préparatiouns- an Terrassementsaarbechte fir ongeféier 28 000 Euro, mir hu Betongs-a Maureraarbechte fir 25 000 Euro, Kanalaarbechte fir 1 000 Euro, dann hu mir den Eclairage an alles wat Installation électrique

ass fir 6 800 Euro, Revêtement fir 44 000 Euro, 0 alles wat Construction métallique an Dekor ass, Stänneren, Menuiserie ass fir 16 500 Euro, de Mobilier fir 8 100 Euro an d'Plantatioune wat sech de Moment am Fong just op Engazonnement reduzéiert, fir 900 Euro an d'Imprévue fir 11 450 Euro an d'Honorairë fir 28 265 Euro mat engem Total vun 170 565,90 Euro an engem TTC vun 199 562,10 Euro an en Arrondi vun 200 000 Euro. Ech soen lech Merci.

#### DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci fir déi Erklärungen wat de Reamenagement vun der Entrée vun der Maison Relais Schwämm ugeet an och vum Phasage, deen ee muss hei an Erwägung zéien. D'Diskussioun ass op. Här Gangler.

#### JEAN-PAUL GANGLER (CSV):

Merci Här Buergermeeschter, ech wollt mech just nach eng Kéier vergewësseren, ob ech do net eng kloer Ausso héieren hunn, dass do Beem elo sollen ëmgehae ginn an no enger ondefinierter Zäit sollen se nei ugeplant ginn? Am Budget stinn 900 Euro, dat ass dach bestëmmt net fir nei Beem unzeplanzen? Hunn ech dat richteg verstanen? Firwat mussen déi Beem fort, déi do stinn? Sinn déi net méiglech ze halen? Déi zweet Fro ass: Wéi ass et mat der Entrée vun der Schwämm? Kënnt do nach eemol en extraen Devis? Gëtt dat eng ganz aner Aarbecht fir déi Entrée, déi elo besteet, déi jo eng historesch Entrée ass, z'erhalen? Gëtt dat eng ganz aner Bauphas, eppes komplett Ofgeschlossenes vun där heiter Saach? Merci.

#### DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci, ginn et nach weider Stellungnahmen? Madame Kayser.

#### MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):

Merci, et ass mir elo just agefall, war net ugeduecht ginn, de Parking fir Véloen ze iwwerdaachen? Well mir zu Butschebuerg ëmmer de Problem hunn, dass d'Kanner sech ëmmer beschwéiere well et oft reent op d'Véloen. Ob et do net eng Méiglechkeet gëtt fir dat ze iwwerdaachen? An ech wollt awer nach just froen, während den Aarbechten, Dir hutt elo gesot et ass d'Phas 1 mam roude Stréch, wéi geet dat do mat der Accessibilitéit vun der Maison Relais? Musse mir déi dann zoumaachen? Wéi ass do den Timing geplangt? An déi Clôture am Holz, déi ass awer net immens héich, oder hutt Dir wëlles, déi méi héich ze maachen? Well Dir sot, et gëtt eng Pärtche mat engem elektroneschen Öffner an esou weider, wann se awer esou niddereg ass, da kënnen d'Kanner och driwwer klammen, dofir froen ech wéi héich déi Clôture gëtt, wat hat Dir do geduecht? Merci.



**ROMAIN ZUANG (LSAP):** Merci Här Buergermeeschter, Dir kënnt lech virstelle wann ech dee ganze Projet kucken a senger Entitéit, dat heescht, d'Phas 1 an d'Phas 2, da gluckst d'Häerz mir natierlech wann ech dat gesinn dass do op där Plaz, wou mir vill gehäit waren, besonnesch an der Zäit, wann d'Schwämm op war, dass mir do ëmmer vill Leit virun der Dier haten, respektiv déi Trap blockéiert hunn anerer och an d'Maison Relais erakomm sinn, wou mer Schwierigkeiten haten, dass mir do och mat Déifstal konfrontéiert waren. Also, endlech kann ee soen, dass mir à moyen terme do eng super Saach kreéieren, dat och am Respekt vun der Legislatioun, wou wéi an all Maison Relais eng Spillplaz virgesinn ass, a wou mir bis dato elo nëmmen déi kleng Terrass haten, laanscht de fréiere Restaurant - déi elo géif ewechgemaach ginn- plus nach uewenop um 1. Stack zu de Basengen zou, hu mir nach e bësse vum Balkon profitéiert fir do eenzel Elementer ze setzen, mä u sech war et ni Plaz genuch fir d'Entitéit vun de Kanner dobaussen op enger Spillplaz ze hunn, wat dozou geféiert huet, dass een dann huet missen och nach op eng aner Spillplaz an der Géigend zeréckgräifen, wat dann erëm den Inconvenient hat, wann eng Kéier e Kand à l'improviste ofgeholl ginn ass, dann huet ee missen dat Kand siche goen, respektiv den Encadrement huet misse mat engem Kand eriwwe kommen.

All déi Saachen, mengen ech, fannen herno hiren Nidderschlag an der Realisatioun vun deem dote Projet, dat heescht also, masseg Plaz fir d'Maison Relais, - keen Déplacement méi op aner Spillplazen, direkt am Beräich virun der Dier, dat gëtt eng super Spill- a Rouplaz fir d'Kanner an ech denken, dass mir och do der Legislatioun Rechnung droen an och do kéinten um Ministère eemol nohake fir do deen néidege Subsid ze kréien, dee mir eigentlech nach ni encaisséiert hunn. Also, dat do wier eng super Saach an ech denken, dass mir eis do ganz gären als Fraktioun fir déi Approbatioun ausschwätzen. Merci.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Merci, da kënne mir op verschidde Punkten agoen.

**ANDREA WEIER (ARCHITEKTIN):** Voilà, ech probéieren dann emol op dat wat ech mir hei notéiert hunn, ze äntweren. Wat d'Clôture ubelaangt wollte mir dat op engem raisonnablen Niveau halen, mir wollten elo kee Prisong maachen. Mir wësse wuel, dass Kanner kënne klöteren, mä mir ginn och dovunner aus, dass déi Maison Relais e puer Leit huet, déi déi Kanner och e bësse wäerte superviséieren, esou dass mir eigentlech just wëlle garantéieren, dass net einfach vun engem Moment op deen aneren d'Kanner kënne aus der Maison Relais op d'Strooss lafen. Dat ass en extrem wichtige Punkt. Dass se kéinten driwwer klammen, dat kënne mir net

ausschléissen, mä dofir sinn d'Educateure menger Meenung do, fir dat e bësse am Grëff ze halen an och fir hir Kanner esou ze dirigéieren, dass se sollen och Limite respektéieren, dofir brauche mir déi net op 1,80m eropzezéien, dat ass meng Meenung.

Wat den Iwwerdaach fir d'Vëloen ubelaangt, dat ass ni ugeschwat ginn. Wann dat effektiv eng Demande ass, da kënne mir deem nokommen, et ass wahrscheinlech eng Optioun, dat muss ee kucken, dozou kann ech keng Decisioun huelen. Wat d'Beem ubelaangt, ass et natierlech esou, dass mir déi 4 Beem, déi elo am Moment an der Entrée vun der Piscine stoen hunn, déi sinn allegueren an engem extrem schlechten Zoustand, déi hunn deelweis d'Kroun, déi ausgefall ass, déi net méi immens flott ausgesinn.

D'Dänn, déi ass och scho verschwonne mëttlerweil, wann een eng Kéier laanscht gaangen ass op de Siten, déi steet schonn net méi do. An där Phas, déi mir elo géingen entaméieren, hu mir net geplangt, déi Beem direkt ewechzemaachen. Déi kënne menger Meenung no stoe bleiwen, dat hänkt awer elo e bësse vum Chantier vun der Piscine of. Wann déi Plaz brauche fir Stockage oder fir Accès oder d'Gestioun vun hirem Chantier, kann et scho sinn, dass déi Beem mussen zäitweilg verschwanne fir dann awer duerch nei, gesond Beem kënne ersat ze ginn. Dat weist e bësse d'Evolutioun herno vum Chantier.

D'Demande ass duerch, mir dierfen se ewech maachen. Wéini déi dann ewech kommen, dat bleift ze kucken. Mir hunn an der 1. Phas keen Abattage elo mat virgesinn. Dofir brauche mir am Budget och keng nei Plantatioun fir déi Planze mat ze integréieren. Wat den Accès an d'Maison Relais ubelaangt, ass et esou, dass mir Optiounen iwwerluecht hunn a gekuckt hunn, fir eben de Chantier ze geréieren, fir eben net den Accès komplett ze spären, dat heescht, mir géingen an där Phase eng provisoresch Konstruktioun mat virgesinn. Mir géingen hei iwwer déi Säitewand vun der neier Annex, déi ugebaut ginn ass e Genre Echaffaudage Entrée ze realiséieren a géingen aus enger Fënster eng Entrée an d'Maison Relais maachen, wat eis erlaabt, hei ënnen de Parvis komplett onofhängeg vun enger Entrée ze realiséieren.

Dat heescht, mir hunn do eng Optioun, hei temporäre en Accès ze geréieren, an da kënne mir hei vir déi Aarbechten attackéieren ouni dass mir do wierklech e Problem mat der Accessibilitéit vun der Maison Relais kréien. Mir kënne hei mat Chantiersclôture relativ grousszügig dat ofsécheren, well mir jo net parallel mat den Aarbechte vun der Piscine wäerten ufänken. Dat heescht, mir wäerte mat den Amenagementen virgräifen a kënne dann esoubal mir hei iwwer de Parvis



fäerdeg sinn, dann déi provisoersch Entrée zeréckbauen a mir hunn dann hei eisen Accès an d'Maison Relais, esou dass mir op deem Niveau eng gutt Léisung fonnt hu fir eng Chantiersphas. D'Entrée vun der Piscinnen, dee Projet gétt deplacéiert.

**JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP):** Jo, ech wëll just nach eemol op den iwverdaachte Vëlosstänner kommen, dat wier jo eng flott Saach, ech muss awer soen, mir hunn 10- 12 Schoulgebaier wou mir néierens en Iwwerdaach hunn, et ass awer anscheinend just zu Butschebuerg wou d'Vëloen ëmmer naass ginn. Also, ech si ganz gäre bereet, esou Saachen ze iwwerdenken, mir hunn och een um Deich gemaach mat eisem Atelier, deen ass superflott, a vu dass Butschebuerg soll d'nächst Joer nei Spiller an de Schoulhaff kréien, géife mir dat da mat eranhuelen.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Voilà, da bleift mir just nach drop anzegoe wat déi historesch Fassad ugeet vun der Schwämm a wann ech lech richteg verstanen hunn, Här Gangler, war Är Fro ob déi erhale bleift, dat war déi Suerg, déi Dir ausgedréckt hutt. Bon, Dir kënnt lech jo bestëmmt drun erënneren, de virleschte Gemengerot hu mir jo hei iwver d'Aarbechten an der oppener Schwämm geschwat, do war jo och de Responsabele vum Service hei, an och d'Architekten, déi dee Projet virgestallt hunn an an deem Kontext hu mir de Phasage erkläert vun der Entrée, déi sollt deplacéiert ginn, an an deem Kontext hate mir jo och gesot, dass mir an Diskussiounen ware mat Sites et Monuments an dass dat doten eng Fassade ass, déi erhale bleift. Déi gétt net ofgerappt an och net denaturéiert, well se effektiv e gewëssene Baustil vun enger gewëssener Zäit reflektéiert.

**JEAN-PAUL GANGLER (CSV):** Dierf ech nach eemol zeréckkommen op déi Fro mat de Beem? Wa mir op déi alleréisch Foto zeréckginn, déi Beem déi een do gesäit, sinn dat déi, déi hei um Plang sinn oder sinn déi net méi drop?

**ANDREA WEIER (ARCHITEKTIN):** Déi um Plang, déi sinn nei an déi Dänn, déi hannen drun steet, déi ass scho fort. Dir gesitt do den Ausfall vun der Kroun, vum Ahorn, déi Beem sinn allegueren an engem terribelen Zoustand, dat heescht wann een dat Ganzt renovéiert ass et schuet wann een hallefkrank Beem stoe léisst, mir hunn se och vun hirem Emplacement liicht méi zesummegecélt fir dass d'Kanner méi Plaz hu fir ze spillen.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Voilà, ech mengen, dann hätte mir allegueren d'Fro probéiert ze beäntweren, da géif ech proposéieren, dass mir zur Ofstëmmung komme wat dësen Devis estimatif fir de Reamenagement vun den Alentour vum der Maison Relais Schwämm ugeet.

Wien ass mat deem Devis, esou wéi en hei presentéiert gouf, averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech dem Gemengerot Merci an och dem Tom Schroeder an dem Andrea Weier fir hir Präsenz hei an hiren Erklärungen.

#### **4.9. Approbatioun vun Dekonten**

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Da fuere mir weider, mir komme bei d'Dekonten, dat sinn der 12 Stéck, ech géif se dann eenzel duerchgoen. Deen éischten ass de Remplacement du mobilier urbain am Stadkär, dat war en Devis vun 130 000 Euro, d'Depense war 129 707,51 Euro. Dat war 2015-2018.

Da waren et fir de Gemengerot Tablets, dat war en Devis vun 18 000 Euro, d'Dépense effective ass méi bëlle ausgefall, dat war 9 403,64 Euro an dat war am Joer 2016-17.

Dann hate mir d'Implementatioun vum Code de distribution de gaz, dat war en Devis vun 150 000 Euro, d'Dépense war 148 846,09 Euro an dat war 2016-2018.

Dann hate mir d'Maison Relais, étude et mise en conformité, dat waren 92 000 Euro Devis, an d'Dépense effective 90 927,73 Euro, dat waren d'Maison Relais Lenkeschléi an Ribeschpont, dat war 2016 an 2018.

Da komme mir bei Luxmeetering, d'Integratioun vun de Waassercompteuren, den Devis war 50 000 Euro an d'Dépense 49 140, 00 Euro. Dat war 2017-2018.

An der Gaffelter Schoul war et d'Fotovoltaik, am Kader vum Ausbau, dat war en Devis vun 80 000 Euro, d'Dépense war 66 998 Euro, do krute mir och e Subsid vum MDDI vun 11 160 Euro.

Dann eise Centre de médecine scolaire an der Beetebuenger Strooss, d'Mise en conformité, de Compartimentage an och d'Trap, dat war en Devis 28 000 Euro an d'Dépense effective war 19 962,54 Euro an dat war 2017-2018.

Dann an eisem Centre sportif René Hartmann, de Sall Grimler, dat war déi Protektioun op den Tribünen, dat war en Devis vun 100 000 Euro an d'Dépense war 99 620,74 Euro. Da war och an der Salle Grimler d'Modernisatioun vum Eclairage a vun der Sonorisatioun, dat



waren Devis vun 180 000 Euro an d'Dépense effective war 179 936,33 Euro an dat war 2017-2018. Da war och erëm am Centre René Hartmann, dat war de Back-up, den Nobreak fir d'Elektresch, wann eng Stroumpann wier, dass dat ka weiderlafen. Dat ware 50 000 Euro den Devis, an d'Depense 45 838,78 Euro. Dat war 2017.

Da war de Reservoir vum Drénkwaasser op der Weich, do huet d'Conduite d'adduction misse frësch gemaach ginn, well se net méi an engem gudden Zoustand war, dat war en Devis vun 120 000 Euro an d'Depense war 118 501,54 Euro an dat war 2017.

Dann de leschten Devis, dat war um Strutzbiérg C, Modernisatioun vum Eclairage, dat war en Devis vun 30 000 Euro, an d'Dépense réelle war 22 572, 59 Euro. Dat zu den 12 Dekonten, déi de Gemengerot hei virleien huet.

**MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):** Merci, Här Buergermeeschter, ech hunn eng Fro zum Punkt Maison Relais, étude, réception et mise en conformité, do steet dann, dass dat Lenkeschléi a Ribeschpont ass, do ass e Punkt am Dekont, deen ech net richteg verstinn, déi 1 170 Euro jeeweils wou dann ëmmer esou steet, Personne de contact, Ecole Ribeschpont, Ecole Lenkeschléi, 1 170 Euro, well an där selwechter Zeil steet eng Facture ELCOM S. à r.l. iwwer 274 Euro, mä ech verstinn net de Montant vun deenen 1 170 Euro, wat dat heescht. Dat ass mir soss nach ni ongefall.

Dann hunn ech nach eng aner Fro, dat ass bei der Fotovoltaikanlag, dat waren 80 000 Euro, dat ass jo herno méi bëlleg ginn, do steet dann herno Avantage Energie S.à r.l., hu mir do mat enger anerer Firma en Accord fonnt, ass et dofir méi bëlleg ginn? A meng Fro ass och, op wéi eng Gebaier mir an Zukunft nach wëlles hunn, eng nei Fotovoltaikanlag ze bauen? Da wollt ech och nach froen ob mir de Punkt Centre Hartmann - Installation d'un système backup kënnen eenzel ofstëmme well mir haten eis bei deem Devis deemools enthalen. Merci.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Merci, nach weider Stellungnahmen? Dat mat der separater Ofstëmmung ass kee Problem. Wat hei d'Fotovoltaik ugeet, mir hu jo de Montant, do hellt een sech Devisen eran, an hei ass effektiv vun Energie S. à r. l. de Montage gemaach gi vun der Fotovoltaik, dat heescht, mir hunn elo hei dee bëllegste geholl, dofir freet een en Devis eran an dann hëlt een d'Offeren eran an da wíelt een deen, deen am mannste kascht. Dat ass de Virdeel, dass een déi zeréckbehält, déi och am bëllegste sinn an dat mat der Personne de contact kann de Loris Spina beäntweren.

**LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN):** Jo, dat ass am Fong ganz banal, deen Numm, deen do steet, dat ass dee vun eise Mataarbechter, deen sech ëm d'Sécuritéit an d'Elektrizitéit an eise Gebaier këmmert, dee war am Kontakt mat der Firma ELCOM S. à r. l., déi bekëmmert sech ëm d'Sortie-de-secours an d'Sécherheetsluuchten an esou weider an dem Manuel säin Numm steet do well hien deen Dossier traitéiert. Et ass well hie sur place de Kontaktmann war.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Da géif ech proposéieren, dass mir iwwer déi 11 Dekonten ofstëmme. Wien ass domadder averstanen? **Dat ass unanime.**

Da géife mir hei iwwer den Dekont ofstëmme, wat de Back-up System ugeet am Centre sportif René Hartmann, **wien ass mat deem averstanen? Dat si Stëmme vun LSAP, déi Gréng, déi Lénk an eisen onofhängege Member. Wien enthält sech? Dat ass dann d'CSV. Merci.** Dann hu mir och hei de Volet vun den Dekonten duerch.

#### **4.10. Approbatioun vum kombinéierte Bauprojet fir eng Maison Relais an enger Schoul op Ribeschpont**

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Da géife mir op deen nächste Punkt iwwergoen, dat sollt normalerweis d'Presentatioun sinn, respektiv den Devis estimatif, wat eis Maison Relais Um Ribeschpont ugeet. Ech begrëssen hei an der Ronn vum Architekturbureau Christian Bauer, d'Sala Makumbundu, den Här Guido Mertesdorf an d'Cathy Lanners a vun eise Service technique de Jeff Peiffer. Den Devis, deen Dir hei virleien hutt a wou mir och elo duerch d'Präsenz vun eise Gäscht wäerte presentéieren, schreift sech an an d'Budgetsdebatt, déi mir haten an och de Budget, dee mir virgesinn hate fir um Site Ribeschpont op där Parzell, wou mir jo Propriétaire sinn als Gemeng, eng nei Struktur ze bauen, also Richtung Neibau ze goe fir gutt 170 Kanner, fir och do de Volet vun der Kannerbetreung an de Virdgrond setzen.

Ech wollt do och soen, dass mir d'Richtfest hate viru kuerzem, wat eis Crèche am Quartier Italien ugeet, dofir géif ech och do de Fokus setzen op d'Kannerbetreung. Ech denken, dass dat e ganz flotten neie Projet ass, engersäits d'Maison Relais awer och Schouklasse, an ech géif hei d'Wuert dem Josiane Di Bartolomeo-Ries ginn, an herno och eise Gäscht fir hei op dee Projet anzegoen.



**JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP):** Merci, ech wëll elo net zevill an den Detail goen, dofir sinn eis Architekten hei, déi wäerten lech herno den Detail presentéieren. Et ginn awer verschidde Messagen, déi mir wierklech wichteg sinn, bei der Maison Relais Ribeschpont, well dat awer e ganz spezielle Projet ass. Dir hutt do den Devis leien, Dir hutt och virleie wéivill Subside mir wäerte kréie vun deenen eenzele Ministèren, do kënnt eng liicht Adaptatioun, déi wäert ech lech duerno och soen, mä einfach fir d'éischt e puer Aspekter vun der Iddi vum Ribeschpont a firwat baue mir am Ribeschpont. Ech hat dat zwar beim Budget schonn erkläert mä et ass mir awer och wichteg, hei nach eng Kéier ze soen, firwat kënnt et an de Ribeschpont.

De Ribeschpont ass esou e bëssen eng zentral Plaz tëschent Butschebuerg an dem Brill. Vu dass mir am Brill mat der Maison Relais Schwämm scho relativ iwwerlaascht sinn, a Butschebuerg och, hu mir eis geduecht, dat ass eng Plaz, do kann een zentral vun zwou Säite Kanner an déi Struktur eranhuelen, wat eis dann natierlech an den eenzele Gebaier ganz vill hëlleft. De Buergermeeschter huet et scho gesot, 170 nei Plazen, dat ass richtig vill, wann een dat an esou kuerzer Zäit bäikritt. Wat de Moment nämlech am Ribeschpont ass, de Moment hu mir eng kleng Struktur vu Maison Relais, déi wierklech nëmme ka wéineg Kanner ophuelen, an en plus mussen mir een Deel, deen am Ribeschpont de Moment ass an der Structure d'accueil, also an der Kantin, mussen mir an der Mëttesstonn an d'Waldschoul eriwuerféieren, wat zwar um 4 Auer net méi geschitt, mä trotzdem ass dat awer ëmmer en Transport, dee muss gemaach ginn. Dofir mengen ech, dass de Site Ribeschpont eigentlech ganz gutt ass fir eis.

Wat och gutt ass, ech mengen am Ribeschpont deen Terrain gehéiert der Gemeng schonn, doduerch komme mir och extrem gutt virun a mir kënnen och hei schnell bauen. Wichteg bei deem ganze Projet a bei där ganzer Diskussioun, déi mir vun Ufank u gefouert hunn, dat war, dass mir net géifen op de Wee goe vu Containeren, déi mir herno erëm kënnen réckelen, wou mir awer net wëssen, wat sinn d'Niewekäschte wa mir esou e Container réckelen. Dofir ware mir der Meenung, de ganze Schäfferot, dass et ganz wichteg ass, dass mir hei eng Struktur hisetzen, déi qualitativ ganz héich ass.

Zum Gebai gëtt herno vill gesot, mir sinn duerch d'Erfahrung vum Strutzbiërg déi mir haten, déi mir virun e puer Joer gemaach hunn, ware mir der Meenung, dass mir och dës Kéier nees op de Wee gi vum Holzbau, wat och relativ schnell virugeet, wat villäicht e bësse méi deier ass wéi wann een e Container setzt. Fir eis war dat extrem wichteg. Dat Gebai, deen Holzbau, do ass

och d'Geothermie mat dran an do kommen och herno Fotovoltaikanlagen op den Daach, wéi dat fir jiddereen heibanne misst an der Rei sinn, well mir eis awer wëllen dodrop konzentréieren.

Ganz wichteg un dësem Projet - a mir hu vill geléiert duerch d'Bildungshaus Lenkeschléi - do hu mir wierklech iwwerdéilescht Joere gesinn, dass et méiglech ass, d'Maison Relais an d'Schoul zesummenzebréngen an engem Gebai. Dat war hei vu virera kloer, dass mir géifen esou e Projet combiné maachen an net nëmmen Maison Relais oder Schoul, dat ass och ëmmer de Message vum Ministère, den Här Meisch setzt och ganz staark dorobber, dass déi Gebaier genotzt ginn zu Zäiten, wou d'Maison Relais villäicht net funktionéiert, oder och d'Schoul net funktionéiert. Dat gesitt Dir am Fong wa mir et elo virstelle wäerten, mir hunn do 3 Klasseraim dran, wou d'Schoul benotzt, déi Klasseraim sinn awer net elo esou typesch Klasseraim, wéi mir se an aneren Schoule virfannen.

Am 1. Klasseraum do hu mir zum Beispill e Klasseraum Atelier, deen dann och speziell amenagéiert gëtt, mir hunn e Klasseraum mat Bibliothék, deen esou soll amenagéiert ginn, dass déi 2 dat kënnen notzen a mir hunn och e Klasseraum mat Rollespiller, wou mir kënnen Rollespiller dra maachen, och dat ass wichteg dass déi 2 wann d'Schoul bis ophält, d'Maison Relais do awer weider ka funktionéieren. Dofir mussen mir dann awer speziell Amenagementen maache vun de Miwwelen.

Wichteg war eis och, wat mir ganz wéineg hunn, dat ass fir déi Teens déi Raim, dat sinn déi vun 10-12 Joer, déi sech net ëmmer wuelfille wann se mussen tëschent deene Klengen do ronderëm sprangen, och dat war eis méiglech hei ze maachen. E Bewegungsraum hu mir e relativ groussen am Gebai, iwwer 104 Meter carré, wann ech mech net ieren. Dat ass och eppes wat mir ëmmer méi gebrauchen, och fir datt d'Kanner och wann se am Wanter mol net virun d'Dier kënnen, sech awer an engem Raum austoben. Kantin, Precocé, mir hunn eng Kantin fir déi grouss, mir hu fir de Precocé eng aner Kichen, eng pädagogesch Kichen, wou de Precocé an de Cycle 1 wäerten dra funktionéieren. Mir hunn och e Ruheraum am Precocé virgesinn, dat ass alles richtig gutt iwwerducht.

Ech wëll awer trotzdem soen, mir ware viru 14 Deeg um Ministère, wou mir déi 3 Ministèren do setzen haten, souwuel den Intérieur wéi och den Educationministère an de Sportsministère also ech muss soen, mir sinn do erakomm mir hunn déi Pläng gewisen a mir hunn diskutéiert, an et ass alles séier gaangen, well si um Projet carrément guer näischt geännert hunn.



Dat heescht, de Projet ass esou ausgeduecht ginn, dass gesot gouf, OK et ass alles tipptopp wéi Dir et ugeduecht hutt, wéi d'Schoul zesumme mat der Maison Relais de ganze Projet ugeduecht hunn. Dat Eenzezt, wat se eis gesot hunn, ass, dass mir an der Kantin wann ech gelift net méi wéi maximal 40 Kanner eranhuele während engem lessgang, dat war dat Eenzezt wat si gesot hunn.

Zu de Subsiden, do kréie mir wéi ëmmer vum Ministère de l'Intérieur déi 3 Klasseraim an d'Subside fir de Precocéavum Educationsministère kréie mir 10 000 Euro pro Kand. Bei 170 Kanner, Dir wësst wéivill Suen dat sinn, a mir kréien nach 2 500 Euro fir déi Spezialéquipement uewen, déi dann och an de Klasseraim an iwwerall soss mussen installéiert ginn. De Sportsministère iwwerhëlt de Bewegungsraum an och de Premier équipement. Wierklech wichteg, dat wëll ech soen, ass einfach déi Qualitéit, déi mir hei mat deem Projet duerleeën.

Ech wëll awer nach eppes soen, wou mir als Diddelenger esou gutt dra sinn, ech wëll eis hei awer selwer luewe fir déi gutt Aarbecht, dat ass eis Waardelëscht. Wann ech gesinn, dass aner Gemengen 900 Waardelëscht hunn, 9 000 Kanner op de Lëscht, da wëll ech awer d'Chifferen nennen, déi mir hei hunn. Mir hunn de Moment ëm déi 130 Kanner op de Waardelëscht, dat sinn awer ëmmer Kanner wou weinstens ee vun den Elteren doheim ass, wou einfach assuréiert ass, dass se versuergt sinn. Wann ech elo bedenken, dass mir Lenkeschléi an hei d'Maison Relais Ribeschpont wäerte bauen, komme mir eigentlech dem Zil esou no, dass mir keng Waardelëscht méi wäerten hunn. Mir wäerten awer och - wat bis elo nach net de Fall war - de Precocé kënne mat an d'Betreiung eranhuelen, sief dat an der Ganzdagsbetreiung, well mir gutt opgestallt sinn, sief dat awer och do wou mir de Mëttesdësch ausbauen.

Et ass e groussen Invest, dee mir hei als Stad Diddeleng fir eis Kanner gemaach hunn, mir investéieren immens vill an ech kann nëmme soen, Merci insgesamt dofir, dass mir dee Budget esou gutt zur Verfügung gestallt kréien, dass mir dat doten elo hei zu Diddeleng gutt an de Grëff kréien. Merci.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Merci dem Josiane Di Bartolomeo-Ries fir déi doten Erklärungen an och fir d'Mise en perspective an ech géif dann hei dem Sala Makumbundu direkt d'Wuert weidergi fir eis duerch de Projet ze féieren.

**SALA MAKUMBUNDU (ARCHITEKTIN):** Merci, e schéine gudde Mëtteg alleguerten, ech präziséieren direkt, dass ech hei am Numm vun enger ganzer Ekipp schwätzen, eis Kollege vun den Ingenieurs-

bureau SGI a Seigel Schleimer sinn och haut do a stinn och sécher zur Verfügung wann herno nach Froe wieren. Ech probéieren dann, méiglechst komplett ze sinn an der Presentatioun vum Projet.

Dir kennt alleguerten déi Siten, dofir hei just als Mise à jour, hei ass déi besteeënd Schoul an de Site fir d'Maison Relais, dee mir erausgesicht hunn, ass uwerhalb vun der Schoul, hei gesitt Dir d'Orientatioun, Norden ass uewen um Plang. Et ass gutt erschloss doduerch, dass mir déi besteeënd Erschléissung kënne benotzen, de Bus kënnt bei d'Elteren, déi awer Kanner mam Auto géife bréngen och bei. Dat war och de Grond firwat mir gesot hunn, d'Entrée soll awer onbedéngt och direkt op der Säit vun deem Accès leien, an si muss awer och eng Bezéiung zu der Schoul hunn an dofir hu mir d'Entrée hei op den Eck geluecht.

Dir gesitt villäicht direkt, si ass esou konzipéiert, dass se iwwerdaacht ass, esou dass wann eemol schlecht Wieder ass an d'Kanner hei ukomme mat den Elteren, da sinn se hei an deem dote Beräich direkt ënner Daach. Vun do kënnen se dann eran, iwwer de Sas, an e grouse Beräich goen, wou se hir Vestiaire fannen, dat war e ganz wichtigen Aspekt, dee mir och an der Diskussioun hei am Haus mat de Servicer haten. Do komme mëttes iwwer 100 Kanner eran, déi mussen all kënnen do opgefaange ginn, d'Jacketten ausdoen an esou weider. Dat heescht, dee Beräich ass ganz wichteg a flexibel, esou dass e kann no de Besoinen ugepasst ginn. Mir hunn hei en Trapenhaus mat Lift, mir hu probéiert, de ganze Konzept esou kompakt ze maachen, dass mir wierklech nëmme mat dem engem Trapenhaus an dem Lift auskommen. Mir hunn och eng Fluchttrep, déi ass dobaussen, doduerch kënne mir dat och méi einfach halen, dat huet och natierlech e positiven Impakt op de Budget.

De Rez-de-chaussée ass an zwee gedeelt, Dir hutt den Accueil mam Restaurant an den Nieweraim an dee ganze Beräich vum Precocé. Hei hu mir fir déi Kleng eng Raumdispositioun gewielt, déi wierklech autonom ka funktionéieren. Si kommen duerch d'Haaptentrée eran, hunn hei en eegene kleng Vestiaire, vun do kënnen si sech da verdeelen, hei ass de grouse Sall, wou se sech kënnen ophalen, mam Rouraum hannendrun. Si hunn dann hannen dedéiert Säll fir Theater, Rollespill, Bastelen, dat sinn hei déi méi kleng Säll, wou se verschidden Aktivitéiten hunn. Dat heiten ass e Stockageraum, well Dir braucht ëmmer vill Stockage an deenen Schoulen, do ass esouvill Material wat muss versuergt ginn.

An hei hu mir eng pädagogesch Kiche mat Restaurant, dat heescht déi ganz kleng sinn net am gesamten Trulli mat deene méi groussen, déi hunn hiren eegene Beräich, wou se kënnen och iessen, esou dass mir hei eng ganz



autonom funktionéierend Aktivitéit kënnen hunn, wou déi Kleng an hirem Rhythmus no kënnen betreit ginn.

An déi aner Säit ass méi fir déi aner Notzungen, mat deem grouse Restaurant hei, mir kruten dann effektiv och d'Oplag, dass net méi wéi 40 Kanner gläichzäiteg sollen do sinn, u sech huet een do e bësse Sputt. Hei hu mir en Accès fir Livraisounen, deen onofhängeg vum Accès ass, iwwer deen d' Kanner eraginn. Déi aner Säit hu mir d'Spull, déi direkt en Accès no baussen huet, fir dass de Knascht, d'Poubellen an esou direkt kënnen erausbruecht ginn ouni dass mir duerch de Sall goe mussen. De Sanitärberäich ass dat üblecht, do gëtt et elo net vill ze soen. Dann, iwwer d'Trapenhaus kënnt een dann an den 1. Stack, dat ganz Gebai huet just e Rez-de-chaussée a en éischte Stack, et ass also ganz kompakt.

D'Madame Di Bartolomeo-Ries huet et schonn ugeschwat, hei uwen hu mir 3 Klassenäil, déi awer a Kombinatioun kënnen funktionéiere mat Bibliothék a Relaxatioun fir deen heiten, oder als Atelier deen an der Mëtt, respektiv da fir Rollespiller deen heiten. Déi aner Säit hu mir méi kleng Raim, ech fänken éischter hei un, hei ass fir Betreier de Bureau, dann hu mir e Medieraum, dat ass haut eppes wat ëmmer méi wichteg gëtt an nach e Jugendraum. Deen heite Beräich ass fir d'Haustechnik reservéiert, dat mécht et eis einfach fir d'Lüftungsanlag, fir d'Loft iwwer den Daach eranzehuelen an déi verbrauchte Loft och erëm iwwer den Daach lasszeginn. Sanitäre, wéi och ënnen, dat ass ganz kompakt iwwerenee fir dass dat technesch einfach funktionéiert an hannen um Wupp dee grouse Bewegungsraum vun 105 Meter carré, wou d'Kanner Plaz hunn och emol bei schlechtem Wieder, sech do opzehalen an ze defouléieren. Dee gëtt dann eben och entsprechend equipéiert. An dann hu mir hei nach e Raum fir Aktivitéiten, wéi héich bauen, wou déi méi eeler Kanner dann och hir Aktivitéite kënnen maachen.

Wann Dir erakommt, wat eis wichteg war, éischstens, dass hei an dem Couloir awer eng Perspektiv ass, ënnen ass dat anescht, do hutt Dir de separate Beräich vum Precocé, hei hutt Dir eng Perspektiv, hei ass eng Dier déi verglast wäert sinn, déi och den Accès ob d'Fluchtrap gëtt an Dir kritt och vun uwe Luucht iwwer den Dach, esou dass mir wierklech hei eng hell a frëndlech Atmosphär hunn. Dat Ganz ass e Massivholzbau, wéi et schonn ugeschwat gouf, an en ass esou gemaach, dass mir haaptsächlech an der Mëttelachs eis Droelementer hunn, mir hunn e Betongskär, hei am Beräich vun der Trap a vum Lift an de ganze Rescht ass en Holzbau op enger Betongsbuedemplack. Dat ass esou geduecht, dass Dir och eng gewësse Flexibilitéit kënnt hunn an der Benotzung, well dat fanne mir ëmmer wichteg.

Mir hunn haut e Besoin vun deem mir net wësse wéi en an 10 Joer ass. Dat heescht, mir musse kënnen reagéieren, esou dass déi Wänn, déi net droend sinn, dass déi och kënnen geréckelt ginn. Dat heescht, dat Ganz ass an engem Raster opgebaut a wann eng Kéier de Besoin ännert, da kann een eng Wand, déi keng Dromauer ass, einfach ee Raster versetzen, zum Beispill fir e Raum z'ënnerdeelen oder fir zwee Raim zesummenzekeréien. Also, do hutt Dir Méiglechkeete fir op d'Entwécklung ze äntwerten. Hei gesitt Dir d'Opsicht vum Daach, do ass elo schonn agezeechent wat och mat virinstalléiert wäert ginn, d'Méiglechkeet nämlech fir Fotovoltaik op den Daach ze bréngen.

Dat ganz Gebai ass esou konzipéiert, dass mir mat erneierbaren Energie kënnen schaffen, dat heescht, mir schaffen an engem Konzept Geothermie, wou een iwwer eng Sohle Waasser pompelt an da wäert funktionéieren, mir hunn da Fotovoltaik nach als zweet Energiequell, esou dass mir onofhängeg vu fossilen Energie kënnen funktionéieren. Hei gesitt Dir an der Coupe de Rez-de-chaussée an den 1. Stack. Dat ass elo Lenksschnëtt, wou Dir iwwer déi ronn 41 Meter vum Gebai gesitt, wéi sech dat entwéckelt, Bewegungsraum hei, da Restaurant, hei dann duerch de Couloir geschnidden, wou mir och nach wäerte Vestiären zousätzlech amenagéieren. Hannen dann d'Fluchtrap an do gesitt Dir gutt wat ech erkläert hu vun der Luucht, déi uwen iwwer Uewerliichter erakënnt.

Et war e grouse Wonsch vun de Responsabelen hei, dass mir oppassen, dass déi Nodeeler vum Holzbau net sollen hei optauchen, duerch Erhëtzung am Summer, an Dir gesitt et jo elo, mir hu waarm Summeren déi lescht Joeren, et ass ze erwaarden, dass dat esou bleift. Dofir hu mir hei zesumme mat den Ingenieuren och wierklech drop opgepasst, dass mir och all Moosnamen ergraff hu fir de summerleche Wärmeschutz. Wat heescht dat? Dat heescht éischstens, dass mir vum Energiekonzept esou fieren, dass mir d'Méiglechkeet hunn, nuets auszekillen. Dat heescht, mir hunn Ouverturen niewent de Fënsteren, déi gi motoriséiert, esou dass mir nuets kënnen kal Loft duerch d'Gebai stréime loossen.

Mir hunn d'Méiglechkeet, iwwer dat Konzept vun der Geothermie ze temperéieren am Summer. Ech soe bewusst temperéieren, well mir et kënnen 2-3 Grad erofkillen, mä et ass awer elo keng Klimaanlag. A mir hunn zousätzlech d'Méiglechkeet, iwwer d'Lüftungsanlag, wa mer net an enger Heizperiod sinn, iwwer eng adiabatesch Killung och nach e bëssen ze killen. Mir hunn natierlech eng efficace Sonneprotektioun virgesinn, dat ass d'Basis vun allem. Déi ass och virgesinn, hei fir déi Uewerliichter am Daach, dat sinn express dowéinst keng Coupolen, mä Dir musst lech virstelle wéi esou



Veluxen, déi geneigt sinn, déi kënnen opgemaach gi fir d'Nuetsauskilling an si hunn de Virdeel, dass mir do och kënnen Sonnestoren drop maache fir ze vermeiden, dass et iwwerhëtzt. Dat ass wierklech eppes wou mir wëssen, dass dat eng Schwächt vum Holzbau ass, well mer wéineg Mass hunn a well d'Gemeng do och schonn éischer net esou gutt Erfahrung gemaach huet, dass verschidde Gebaier awer ze waarm ginn. Dofir hu mer hei de Fokus drop gesat. D'Raumhéichte sinn och relativ gutt, mat 3,25 Meter, esou dass mir och e bëssen e Puffer hunn uewen am Raum, wann emol waarm Loft ass, dass déi am Raum ka stoen.

Éischt Impressiounen vun de Fassaden: Dat ass elo hei déi hënnescht Säit mat der Fluchttrep, dat ass ganz einfach, mir krute just eng Oplag wéinst der Sécherheet, dass mir hei ënnen mussen zoumaachen, fir dass sech do kee ka verfänken, dat ass awer elo schonn alles mat berücksichtegt am Budget. Vir déi Agangssäit mat enger grousser Fënster vum Restaurant, hei ass d'Fënster vum Bewegungsraum an deem heite Beräich ass deem iwwerdaachte Bausseberäich virum Agang. Da sidd der dann hei ënnen drënner dem Gebai. Vun där anerer Säit gesäit een dat e bësse besser, hei ass dee ganzen iwwerdaachten Agangsberäich hei ass de Sas, do geet et eran, do hu mir eng gläichméisseg Fassad, wou mir ëmmer probéiert hu fir mat deene selwechte Moduller ze schaffen, och dat erlaabt eis dann, de Budget an der Gitt ze halen, an dat si festverglaste Elementer an niewendrun hutt Dir den Öffnungsflügel, dee motoriséiert ass an och vun de Leit ka manuel betätegt ginn. Dat ass ëmmer wichteg, wann d'Leit awer mengen, d'Banneklima ass net gutt, da mussen se eng Upak hu fir kënnen selwer kënnen ze reagieren.

Dat Ganzt ass net nëmmen Holzbau vun der Struktur mä och d'Fassad ass mat enger Holzverkleedung virgesinn. Mir hunn elo proposéiert, dass se natur bleift, dat heescht si wäert mat der Zäit e bësse vergroen a wat een hei manner gutt gesäit, mir hu gesot, mir schaffe mat Kontrast mat de Faarwen, dat heescht déi Fënstere mat hirem Kader, déi si faarweg gestallt, déi selwecht fënnt een dann hei, Dir gesitt dat esou am Gréngen, wou e faarwegen Akzent gesat gëtt a wann d'Holz mat der Zäit da vergrot, dann huet een ëmmer nach dee faarwegen Akzent, deem do bleift. Voilà, hei nach déi hënnescht Säit, hei ass de Beräich vum Trapenhaus, och do ass et eis wichteg fir vill Luucht eranzuhelen, fir datt méiglechst vill Beräicher vum Dageslicht kënnen profitieren.

Do wou Technik ass, brauche mir keng Fënster, déi hu mer ewechgeholl, hei si Sanitären hannendrun, esou dass mir dat méiglechst einfach konnten halen. Hei gesitt Dir et e bëssen an enger méi klenger

Perspektiv iwwer den Eck mat der Entrée an deem Rhythmus vun de Fënstere. D'Fënstere si bewusst relativ grouss, well mir et wichteg fannen, dass an de Raim wou d'Kanner sech laang ophalen, dass mir do wierklech gutt Dageslicht hunn. Mir hunn de Virdeel, dass am Wanter mir profitiere vu solare Wärmegewinner, mä am Summer ass et natierlech wichteg, dass dann eise Sonneschutz efficace do ka funktionéieren. Dat Klenkt hannendrun ass e Beräich wou mir Poubellë virgesinn hunn, dat sinn esouwuel klassesch wéi och gekillte Poubellen, well mir hu jo och lessensreschter hei, mir hunn zwar keng Produktiounskichen, mä mir hunn natierlech déi Reschter, déi bleiwe wann d'Kanner net alles giess hunn.

Voilà, elo komme méi dréche Saachen, Zuelen. Mir hunn zesumme mat der Ekip vum den Ingenieuren zesummen dat komplett duerchgerechent. Dat ass elo d'Opdeelung no de verschiddene Lousen, do gesitt Dir och ëmmer wie wéi eng Louse geschafft huet. Do ass elo alles mat dran, wat ech virun ernimmt hunn, Struktur mat der Betongsbuedemplak, Trapenhaus, déi ganz Holzkonstruktioun, mat allen Äerdaarbechten déi mir brauchen, d'Haustechnik ass och mat dran, mat dem Pre-equipement fir d'Fotovoltaik, déi dann herno kann drop gesat ginn, de Lift ass natierlech mat dran, Lüftungsanlag, Geothermie, dat ass komplett mat agerechent. Herno all Ausbau an d'Fassadegewerker, déi dobäi sinn, also d'Fënstere, de Bardage vun der Fassad, dee ganze Bannenausbau, inklusiv d'Abau-miwwelen an d'Kiche well dat gehéiert bei d'Gebai. Alles wat elo net hei opgefouert ass, ass dat wou Mobilier meublant ass, dat heescht Dëscher a Still, déi sinn elo hei an deem Budget net mat dran, mä Dir gesitt hei Abau-miwwelen, Kichen, natierlech den Nettoyage final. Et ass esou, dass dat Gebai komplett ass éier Dir et da kënnt iwwerhuelen. Do komme mir da fir de rengen Coût de construction op e Montant vun 3,6 Milliounen, 3599740Euro, fir präzis ze sinn.

Dee Montant fannt Dir hei erëm, dorobber hu mir au stade de l'APD, dat ass do wou mir sinn, do hu mir nach eng kleng Reserv gelooss, déi ass awer nëmme 4% well mir awer mengen, dass mir ganz präzis scho geschafft hunn, esou dass mir eis net méi müssen eng grouss Reserv ginn, esou dass, wa mir déi Reserv mat arechnen an d'Niewekäschen nach mat considéieren, dat sinn dann notament d'Taxen, déi Dir musst bezuele fir d'Autorisatiounen an d'Honoraren, komme mir dann op 4,42 Milliounen Euro hors TVA an op en TTC vu 5,18 Milliounen Euro, also 5180293Euro fir ganz präzis ze sinn. Et gouf schonn ugeschwat, et gëtt natierlech fir esou e Projet eng ganz Rei Subsidien. Au jour d'aujourd'hui si mir nach net an der Situatioun, wou mir kënnen e konkreten definitive Chiffer ginn, do musse mir



ofwaarde bis mir dat schréftlech kréie vun deene respektive Ministèren. Mir hunn dat elo evaluéiert no den Diskussiounen, déi mir mat hinnen haten, dat heescht Ministère de l'Education, Ministère de l'Intérieur a Ministère des Sports, schätze mir haut op 2,2 Milliounen Euro, mir wëssen, dass do nach e bësse Sputt dran ass a mir hoffen, dass dat nach no uewe geet. Wat hei elo net richtig ass, well mir am Fong gesinn hunn, dass mir besser sinn ewéi mir eigentlech viséiert hate mat der Energieklass, mir sinn net op BBB, mä op AAA, dat ass och virun allem doduerch, dass mir an der Geothermie sinn, do hunn d'Ingenieure gesinn, wéi se gerechent hunn, dass mir awer no bäi waren a mat engem klengen Effort supplémentaire komme mir do op eng ganz gutt Klass AAA, wat eis och nach e bësse méi Subside wäert bréngen, dat heescht, do hu mir och nach finanziell eppes wat mir eis méi erwaarde wéi mer bis elo évaluéiere konnten. Dofir eng éischt Evaluatioun, wa mir d'Subside mat consideréieren, da komme mir gutt ënner 3 Milliounen Euro, de Moment si mir bei 2,8 Milliounen Euro, mir mengen, dass mir do nach erofkommen, well mir eppes misste kréien.

De Planning ass ganz wichteg, den Drock ass do, et gouf scho vun der Waardelëscht geschwat, dofir si mir och prett esoubal de Gemengerot gréng Luucht gëtt, dass mir direkt weiderfuere. Mir hu virgesinn, am September, direkt Mëtt September, d'Soumissioun ze starten, dat heescht, mir si schonn amgaangen d'Ausschreibungen ze preparéieren, mir maachen dat iwwer de Summer esou dass mir d'Offeren erakréien am November an d'Commande nach Enn des Joers kéint vergi ginn, esou dass mir am Ufank vum nächste Joer kënne mat den Aarbechte starten an da gi mir dovunner aus, well den Holzbau jo awer eppes ass wat sech gutt virfabrizéiere léisst a wou mir net dovunner ausginn, dass mir lwwer-raschungen an der Bauzäit kréien, dass mir dann eng Mise en service am Februar 2021 wäerten hunn. Voilà, ech soen lech Merci a mir sinn disponibel fir eventuell Froen.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Merci dem Sala Makumbundu fir déi detailléiert Presentatioun wat déi dote Betreiuungsstruktur ugeet an d'Diskussioun ass op.

**MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):** Merci, ech wollt eng méi allgemeng Ausféierung maache mat méi kleng Froen an eise groussen Technikener kënnt dann duerno mat deene méi spezifesch Froen an deene Saachen, wou ech net esou suedelfest sinn. Am Numm vun der CSV begréisst mir explizit dëse Projet, et ass gewosst, dass et och e Wonsch vum Léierpersonal, Elteren a Kanner ass, dass um Site Ribeschpont eng eege Maison

Relais gebaut gëtt. Do waren ëmmer Enkpäss well dat war eben nach eng vun de wéinege Schoule wou d'Kanner hin- an hiergefouert ginn si fir an d'Kantin, dat war och bësse fir d'Kanner opreegend, well se net genau ëmmer woussten, wou ginn ech iessen, wéi kommen ech zrëck, wéini a wouhinner kënnt meng Mamm mech sichen an esou weider.. Dofir hate mir och scho plädéiert, dat war och unanime hei op alle Bänken, dass mir mussen onbedéngt kucken, dass mir dem Ribeschpont och seng Maison Relais ginn, déi dës Schoul och verdéngt.

Et muss een och soen dass de Ribeschpont eng kleng Schoul ass, fir all Schouljoer gëtt et just eng Klass, just d'Spillschoul huet 2 Klassen an dat mécht eng Cosyness, an déi war awer ëmmer e bësse ennerbrach wann d'Kanner hu mussen hin- an hiergefouert ginn an ausernee gerappt gi sinn, dofir si mir explizit frou, dass dat heiten elo realiséiert gëtt. Et muss ee jo och wëssen, mir hunn e bësse Zäitdreck, mir hu virun net all ze laanger Zäit de Projet A Bëlleg gestëmmt, dat sinn d'Kanner, déi op der Lëtzebuerger Strooss an deen neie Quartier wunne kommen, do kommen 200 Wunneenheeten an déi Kanner sinn alleguerten affektéiert un d'Schoul Ribeschpont, do ass schonn e gewëssenen Drock do, vun der Populatioun déi weider wësst, och am Ribeschpont selwer si Stroossen, déi erschloss gi sinn, nach aner Projeten, déi nach weider dohinner kommen, dofir si mir frou, dass dat gemaach gëtt.

Wat ech och well betounen ass, dass et flott ass dass dat eisen Terrain ass, do hu mir keng Fraise vum Achat vum Terrain. Et war jo och scho virgesinn, wéi den Ribeschpont geplangt ginn ass, dass do sollt eng gewëssen Annex kommen, dat hate mer jo deemools virgesinn. Wat och extrem flott ass, dat soll een och net vergiesen, dass hei alles do ass wat ee ronderëm braucht. Et ass e flotten Amphi do, et ass eng flott Spillplaz do an et ass e Mini-Stade do, dat heescht, dat sinn och Aktivitéiten, wou déi Kanner, déi an der Schoul an an der Maison Relais sinn, kënne notzen ouni mussen iergendwou higefouert ze ginn.

Wat elo d'Kombinatioun ass, Maison Relais a Schoul, d'CSV sot dat och scho viru Joeren, dat war nach éier mir iwwerhaupt doriwwer geschwat hunn, do hu mir ëmmer gesot gehat, majo d'Gebaier musse jo gehëtzt ginn, och scho moies fréi, loost eis kucken dass mer do zesumme schaffen, an dat war jo och op alle Bänken hei och ëmmer méi gewënscht ginn. Um Strutzbiereg hu mir esou e Beispill, wou eng gutt Kohabitatioun ass, a virun allem awer och d'Bildungshaus Lenkeschlei, do hat och keen dru gezweiwelt, dass dat dee richtige Wee ass, och wann et elo am Ministère e bësse anescht ass wéi virun, e bësse Kappzerbrieche ass, wie bezilt elo



wat, wei ee Stull a wéi eng Dier, wat gehéiert zur Maison Relais a wat gehéiert zur Schoul? Mä dat schéngt awer och do elo esou lues gesackt ze sinn, dass dat awer elo deen neie Wee ass an dass mir do awer musse kucken, dass mir kënne méi zesumme schaffen.

Da kommen ech op eng gutt an erfreetlech Nouvelles, dat ass dass de Precocé sän Doheem hei fanne soll, an do ass schonn ugeklonge gewiescht bei de Budgetsdebatten an de Schoulorganisatiounsdiskussionen, dass eis Kanner aus dem Precocé och e Mëttesdësch kréien. Et kann een och roueg nach eng Kéier erwänen, dass mir déi éischt Gemeng waren, déi dat hat, mir waren déi éischt Gemeng, déi eng Ganzdags-Precocéstruktur ugebueden huet wou d'Kanner konnten dee ganzen Dag betreit ginn an enger egener Struktur. Mir hunn dat och ëmmer begréisst a quitte, dass elo eis Aschreiwungszuele vun de Precocé-Kanner erofgaangen sinn, mir haten déi leschte Kéier an der Schoulkommissioun rieds doriwwer, dass mir missten Etüde maachen, mä ech hunn déi elo a menger Praxis ganz einfach gemaach. All déi Kanner, déi net an de Precocé ginn, dat si 70% vun den Elteren, déi soen et ass well mir kee Mëttesdësch hunn, dofir bleiwen se an der Crèche well mir schaffen à mi-temps, mir kënne net um halwer zwielef do sinn.

Vun eis ass ëmmer gefrot ginn, kommt mir bidden de Kanner och e Mëttesdësch un, dat hei ass jo elo eng flott Opportunitéit fir dat ze maachen an dat begréisst mir och explizit. Dann hu mir elo en 104 Meter carré grouss Bewegungsraum. Do erlaben ech mir nach eemol, meng Fuerderung oder eis Revendikatiounen nach eng Kéier virzebréngen: Mir hu gesot, mir kréien e Psychomotricien, deen an der Schoulzäit aktiv ass, mä kommt mir maachen et esou dass mir och e Psychomotricien astellen, villäicht iwwer eise schoulesche Service, fir dass mir och an der Net-Schoulzäit déi Kanner kënne betreiën.

Mir hunn elo esou vill Gebaier wou mir Bewegungsraum hunn an et geet net duer fir dass een esou eng Mini-informatioun – ech wëll dat elo net ofwäertend soen, mä ... - gemaach huet fir déi Kanner ze betreiën, mä kommt mir ginn eis do awer wierklech vläit och e Stouss a mir engagieren een deen dat och haaptberufflech mécht an och gutt mécht, a villäicht och vu Maison Relais zu Maison Relais geet, well et geet net duer, e Bewegungsraum ze hunn an da lafen se do ronderëm, mä dat kann een och vill méi geziilt asetzen. Ech soen ëmmer, Kanner déi wibbeleg oder verhalensopfälleg sinn, déi halen net um 12 Auer op, wibbeleg oder verhalensopfälleg ze sinn oder motoresch Problemer ze hunn, mä déi wiere frou wann se kéinte betreit ginn an der Maison Relais, dofir wéi gesot, kommt mir stellen esou een an. Ech widderhuele meng Propos – heiansdo wann een ëmmer

erëm eppes widderhëlt, wéi dat mam Mëttesdësch vum Precocé, iergendwann eng Kéier gëtt et Realitéit an dat ass jo och esou flott an der Oppositioun, dass een awer ëmmer erëm konstruktiv Iddie ka mat erabréngen.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Wann se gutt sinn, ass dat jo och kee Problem.

**MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):** Voilà. Ech sinn och erfreet, dass de Planning awer zackeg ass an ech denken, déi Holzbauweis ass déi eenzeg Aart a Weis fir datt mer séier virukommen, all Är Ausféierungen hu mech iwwerzeegt. Ech denken awer et misst een elo kucke wéi dat herno konkret gëtt. Ech kéint mir virstellen, dass et esou ass, wa mir de Precocé eraushuelen aus dem Haaptgebaai, dat Gebai wat schonn do ass, an hei hu mir méi speziell Raimlechkeeten an dësem Gebai och, dass mir wahrscheinlech d'Schoulhale méi an deem enge Gebai maachen an da wahrscheinlech déi Raim uewe fir déi Aktivitéiten halen, déi ausserhalb sinn, wéi Theater spillen oder esou.

Dofir denken ech och, dass dat wäert zesumme wuesen, dovunner sinn ech ganz iwwerzeegt, mir hunn hei zu Diddeleng jo och ëmmer Chance mat eise Personal an eise Schoulen an an eise Maison Relais, dass dat zesumme liewen an dat zesumme wuessen dass dat och gutt klappt. Ech denken och, an dat ass elo just eng Iddi vu mir, dass mer wahrscheinlech méi d'Schoulhale wäerten am Haaptgebaai maachen an d'Maison Relais an de Precocé an deem aneren an dann esou paraschoulesch Saachen oder extra Saachen an deem neie Gebai ze maachen. Dat wäert sech awer och alles erginn, do ass et net un eis, eppes ze endoctrinéieren.

Ech fannen et och ganz flott, dass déi Schoulsäll modulabel sinn, ech géif et nämlech och gutt fannen, wa Schoul gehale gëtt an deem enge Gebai an da fir Molen oder Bastelen oder Theater gi mir mol enzwousch anescht. Kanner mussen och heiansdo e Break maachen, si kënne net 90 Minuten oder 120 Minuten roueg setzen, dat geet einfach net. An dann häss de e kleng Break an da géings de e kleng Trëppeltour maachen duerch den Haff an dat neit Gebai. Ech denken, dass mir dat Haus mat vill Liewe wäerte fëllen a mir sinn explizit ganz averstane mat deem Projet, virun allem och mat dem finanzielle Volet, dat ass kee Prunkbau, dat ass e funktionelle Bau, et ass genau dat wat mir brauchen, et ass op engem gudde Site a vun eis kritt dësen Devis op jidder Fall eng Approbatioun. Merci.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Merci, gëtt et nach weider Wuertmeldungen? Här Gängler.



**JEAN-PAUL GANGLER (CSV):** Merci, mech hunn déi technesch Aspekter an dësem Projet ganz iwwerzeegt, ech war direkt erstaunt, dass do Geothermie ugefouert ginn ass. Ech muss elo allerdéngs soen, an den Devisë fannen ech mech net richtig erëm fir kënne ze chiffrieren, wéivill de Montant vun där Geothermie do an deem ganzen Devis ausmécht. Do sti verschidden Zuelen, och bei de Subsiden an esou, wann et villäicht méiglech wier do eng Iddi ze ginn, wann een elo esou e ganz modernt Gebai wéi dat heiten, wat schonn à la pointe du progrès ass, baut, an et setzt een do op Geothermie, dat géif mech interesséieren, wéivill de Prozentsaz hei an deem heite Fall ausmécht. Ech fannen dat och flott, dass mir elo schonn hei op Geothermie setzen, dass mir net musse bis 2030 waarde bis mir se villäicht kënne am Quartier Neischmelz profitéieren. Hei kënne mir scho mat deem Mëttel do schaffen. All déi aner Aspekter fir d'Kompenséiere vun deenen Nodeeler vun der Holzbauweis, déi si ganz iwwerzeegend.

Elo ass natierlech de Mann vun der Strooss, wéi ech, deen sech freet, esou eng Schoul, déi am Holz gebaut ass, gétt dat net vill méi Kaméidi? Dofir wollt ech froen ob et scho Schoulen am Land ginn, wou mir eis kéinten op Experienze beruffen, wéi gutt dat heiten elo mat enger Schoul kompatibel ass? Kanner lafen, Kanner trampelen, Kanner jätzen, d'Enseignantë vläicht och... Wéivill kann dat ausmaache vu Kaméidi bei enger Holzbauweis par rapport zu enger Betongsbauweis? Dann hunn ech mir nach d'Fro gestallt, firwat hu mir hei keen Dialogue compétitif ugefouert? Ech huelen un, do gétt et d'Erklärung, dass et huet misse séier goen an dat ass jo awer eng Prozedur, déi gewëss hir Zäit brauch. Fir de Rescht fannen ech dat do ganz positiv wat do vun techneschen Innovatiounen dran ass an ech mengen, dat gétt eng ganz flott Saach. Vun dohier all eis Zoustëmmung wann déi Froe bis beäntwert sinn. Merci.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Merci dem Här Gangler. Nach weider Stellungnahmen? Den Här Zuang an dann den Här Martini.

**ROMAIN ZUANG (LSAP):** Merci, esou wéi et och an der Schäfferotserklärung festgehalten ass, ëmmer da wann et néideg gétt, eng Maison Relais- oder eng Schoulinfrastruktur aus- oder neizebauen, hu mir et elo haut mat der Approbatioun vun engem Devis fir eng gréisser Struktur fir 170 Kanner um Ribeschpont ze dinn.

D'Kannerbetreung wéi och d'Schoul ass der Gemeng säit jee hier immens wichteg, an net fir näischt gouf et d'lescht Woch bei der Straussefeier vun der Structure publique am Quartier Italien e Luef vum Minister Meisch fir d'Gemeng Diddeleng fir de konsequenten Ausbau vun de Schoulen a Maison Relais-Infrastrukturen,

fir der wuessender Demande nozekommen. Mir haten an der Schoul Ribeschpont en dueble Problem, oft hate mir déi eng oder aner Klass mat ganz héijen Effekttiffer well all Klass ausser dem C1 nëmmen eemol do war. Op der anerer Säit hate mir eng Kantin mat 36 Plazen, déi schnell net méi grouss genuch war fir all Kand opzehuelen, esou dass d'Kanner vum C2, C3 an C4 hu missten an d'Maison Relais Waldschoul gefouert ginn, dëst och fir de Foyer.

De Modell huet funktionéiert, et goufe weider keng Kritike vu Säite vun den Elteren, och well d'Kanner gären an d'Waldschoul gaange sinn, duerch dee flotte Kader, deen sech do bitt. Allerdéngs huet d'Zesummenaarbecht vu Schoul a d'Maison Relais dorënner gelidden, konnten dach net all Kanner un eenzele Projekte partizipéieren. Duerch de Bau vun dëser Struktur schafe mir direkt e puer Problemer aus der Welt a kréien déi néideg Qualitéit esouwuel an der Mëttesstonn wéi och fir d'Foyerszäiten. De Bustransport entfält fir eng Partie Kanner. D'Mëttespaus gétt méi roueg a méi laang an nom Foyer kënne d'Kanner esouguer ze Fouss heemgoen. Wat d'Opdeelung vun deem neie Gebai ubelaangt, fält dee grouss Beräich fir de Precocé op, mat engem Klasseraum vun 92,5 Metercarréen, an engem zousätzleche Rouraum vu ronn 30 Metercarréen.

En plus verschidde Funktiounsraum, grad wéi e Restaurant mat pädagogescher Kiche fir 24 Kanner, wou natierlech och d'Kanner vum ganzen C1 ënnerbruecht kënne ginn. Hei kéint dann den 3. Grupp Schoul-Maison relais ënnert beschte Konditiounen entstoën, och d'Restauration fir Precocé-Kanner, déi net an dëse Modell ageschriwwen wäerte ginn, kënne dann och an där Struktur méiglech ginn. Dann, um selwechte Stack hu mir nach e Restaurant fir 80 Kanner well hautdesdaags ass et üblech, dass an zwee Duerchgäng giess gétt. Um 2. Stack hëllef 3 Klassen d'Effekttiffer op engem raisonnabele Level vun der Schoul ze erméiglechen. Wéi am Bildungshaus sinn déi Säll multifunktional, also gekoppelt mat enger Funktioun, déi ausserhalb vun de Schoulzäite vun de Maison Relais Kanner kënne genotzt ginn. Besonnesch opfalend op dësem Stack ass dee grouss Bewegungsraum wou och nach Theater ka gespillt ginn, fir gutt 50 Kanner.

Et freet mech och ze héieren, dass sech den Architekturbureau ganz vill Gedanken gemaach huet iwwer d'Lüftung vum Gebai, e Problem dee mir an de meeschte Maison Relais Gebaier nach ëmmer hunn. Hei ervirzehiewen ass och d'Installatioun vun engem Lift, esou dass ech nëmme ka soen, dass an deem Projet un alles geduecht ginn ass, deen och finanziell raisonnabel auszuweisen ass. Vun eiser Säit gi mir d'Approbatioun fir deen Devis.



**CLAUDE MARTINI (CSV):** Merci, ech hu just eng kuerz Anekdot nach dozou. Dir hutt vum summerleche Wärmeschutz geschwat, do ginn normalerweis esou Rideaue virun de Fënsteren erof, mä wann e bësse Loft ass, da blockéieren déi meeschtens. Wéi ass et an dësem Fall? Ass den System méi ausgeräift wéi virun 10 Joer? Ass et nach ëmmer de Fall? Well et ass och wann et waarm ass dobaussen, an d'Sonn schéngt op d'Südsäit, dass déi Rideaue uewe blockéier sinn an an deem Fall ass et jo dann esou, dass de Leit, déi wou do schaffe muss rappeléiert ginn, dass wann et waarm ass, sollen d'Fënsteren zoubleiwe fir dass d'Hëtzt och dobausse bleift, fir dass d'Gebai sech net vu baussen no bannen ophëtzt. An deem Fall misst een am Fong d'Personal regelméisseg drun erënneren, wat se maache mussen wann et méi waarm gëtt, also eng Consigne vun der Gemeng aus, a virun allem ass d'Hauptfro ob déi Rideaue dann och ënne bleiwe wa Loft ass oder net?

**ROBERT GARCIA ( DÉI GRÉNG):** Merci, eng vun den heefegste Formulatiounen am Gemengerot ass Folgendes: „Et ass schon alles gesot ginn, mä...“ an da kënnt nach eng Véirelstonn no. Ech wäert dat awer net maachen, alles wat gesot gouf huet eis zougesot a mir wäerten dësem Projet eis Zoustëmmung ginn.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Merci och dofir, ech géif d'Wuert zeréck un d'Sala Makumbundu gi fir op verschidde Punkten anzegoen an duerno ginn d'Josiane Di Bartolomeo-Ries an ech op e puer Saachen nach an.

**SALA MAKUMBUNDU (ARCHITEKTIN):** Also ech probéieren, op déi verschidde Froen ze äntweren. Dat ass elo den Detail vun der Berechnung, déi de Bureau d'études gemaach huet fir d'Haustechnik. Heizung und Kühlung, dat ass den 1. Posten, hei uewen dat sinn 153 546 Euro, dat ass alles dat wat elo déi Geothermie betrëfft. Do ass och dra gerechent déi zousätzlech Wärmepompe, déi mir brauche wa mir am Summer wëllen temperéieren, déi schléit mat ongeféier 6000 Euro zu Buch, déi mir dofir brauchen. Dat ass wierklech dee ganze Volet Heizung und Kühlung, deen do mat berücksichtegt ass an d'Lüftung, zum Verglach, ass 210 500 Euro, dat heescht vum Käschtepunkt hier si mir bei engem Prozentsaz, dee ganz raisonnabel ass.

Dat war Är éischt Fro, dat zweet war mat der Akustik, do kënne mir zwou verschidde Saachen dozou soen. Dat éischt ass, dass de Statikbüro eng Schwéngungsanalyse gemaach huet fir ze kucken wéi sech den Holzbau verhält wann d'Kanner do lafen a virun allem och mat deem Bewegungsraum, dee mir do hunn, dat ass jo net näischt, esou dass mir dat konnte rechneresch nowiesen, dass mir do op der gudder Säit leie wat

Schwéngunge betrëfft. Reng akustesches ass et natierlech esou, dass mir déi Mesur fir Trittschalldämmung wäerten hunn a fir d'Banneraumakustik hu mir et esou proposéiert, dass mir am Kader vun der Holzkonstruktioun, déi mir wäerten hunn, Panneae benotzen, déi schon rainuréiert sinn, esou dass mir och do d'Raumakustik iwwer de Plafong kënne an de Grëff kréien. Dir hutt Beispiller gefrot, ech mengen, Dir hutt selwer hei an der Gemeng um Strutzbiereg en Holzbau, wou een awer dat ka gesinn an no deem wat mir och héieren hu vum Fonctionnement ass do awer vun der Akustik hier kee Problem. Dann ass och vläit de Virdeel, dass mir hei am Massivholzbau sinn also net am Holzrahmenbau, dat bréngt eis eng gewësse Mass eran, déi do och hëlleft.

Den Dialogue compétitif, dat hat Dir och ugeschwat, dass elo hei effektiv net envisagéiert. Firwat? Well et éischters soll séier goen an 2. ass et awer elo net vun esou enger grousser Komplexitéit, dass een den Know how vu ganz wichtege Firmen do bräicht, mëttlerweil hu mir hei am Land awer eng Partie Entreprises, déi den Holzbau awer esou maîtriséieren, dass mir dovunner ausginn, dass mir eng kompetent Offer géife kréie wa mir dat iwwer eng éffentlech Soumissioun maachen.

Du war nach d'Fro vum summerleche Wärmeschutz, respektiv vun de Storen: Et ass richtig wat Dir sot, et muss een ëmmer oppassen, dass déi Storen net eropgi bei där éischter Léftchen. Hei ass et esou, dass mir d'Storë schinnegefouert hunn an net op de Seeler well wann se an de Schinne sinn, sinn se méi stabil. Wann natierlech ganz vill Wand ass, ginn se awer erop, awer se gi vill méi spéit erop wéi wa mer se op de Seeler géife lafe loossen, dat ass wichteg. Mat der Steuerung ass et och esou, Dir hutt den Notzer ugeschwat, dat ass déi Inconnue, déi een ëmmer an all Gebai huet, wéi verhält sech den Notzer? Hei hu mir elo decidéiert mat der Gemeng, datt mer gesot hunn, mir steieren deen Öffnungsflügel iwwer eng zentral Steuerung, déi ofhängeg ass vun der Temperatur, vum CO<sub>2</sub>-Gehalt an de Raim an esou weider. Ech sot virun si kann iwwersteiert gi vum Notzer wann e mengt, ech géif awer gär e bësse Loft hunn, mir mussen dat nach verfäinere, mä d'Iddi ass awer, dass d'Steuerung no nger gewësser Zäitche seet, ok, elo gouf et gesteuert vum Notzer, elo maachen ech awer erëm den Automatikmodus, fir eben ze verënneren dass een de Raum verléisst a Waarmloft erakënnt, an dann hu mir näischt gewonnen. Dat heescht, hei ass d'Approche, ze soen, dass et méi sécher ass, wann net ëmmer déi selwecht Leit an de Säll sinn, iwwer eng Steuerungsanlag ze fuere fir dat awer an de Grëff ze kréien. Voilà, ech mengen dat war et vun deenen technesche Froen.



**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Merci dem Sala Makumbundu, ech ginn d'Wuert weider un d'Josiane Di Bartolomeo-Ries.

**JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP):** Jo, ganz kuerz, ech wëll drop agoe wat gesot gouf. Mir wëssen alleguerten zënter der Schoulorganisatioun, dass mir um Ribeschpont déi héchsten Effekttiffer an de Schouklassen hunn. Wann dat Gebai bis steet, kënnen mir natierlech do schonn entlaaschten. Wien eriwwer geet a wien an der Schoul bleift, dat ass eng Zesummenaarbecht déi elo schonn immens gutt funktionéiert. Dat heescht, déi duebel Notzung vun de Säll, dat leeft am Ribeschpont, an si sollen och decidéieren, wéi si sech herno do wëllen organiséieren. Wat awer sécher ass, soubal d'Gebai am Februar opgeet, soll de Precoc awer direkt eriwwer geholl ginn, dat ass vill méi eng Qualitéit a mir hu vill méi Méiglechkeeten.

Nach wat gesot gouf, de Psychomotricien, och dat sot ech öfters, do soen ech, mir stellen lech bei der definitiver Schoulorganisatioun de PEP vir, do wäert dann d'Mady Wegener och drop agoen, si sinn am Dialog och zesummen amgaangen ze kucken, well mir jo elo och d'Méiglechkeet hunn iwwer d'Structure d'accueil e Psychomotricien anzustellen an dat wäert Dir dann och am Oktober presentéiert kréien. Villäicht nach zum Bausseberäich, dat ass elo hei guer net ugeschwat ginn, déi Kanner sollen och en Schoulhaff kréien an do géife mir op de Wee goe fir en Naturschoulhaff ze maachen, et passt sech an de Projet Ribeschpont an, well mir ënnen schonn e groussen Deel hunn, hei géif dann awer éischter eng Struktur gemaach gi fir déi méi kleng. (Precoc oder Cycle 1) well do kréie mir och e grouss Subsid.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Merci, ech wollt nach op dräi Punkten agoen, engersäits déi Remarque zum Drock respektiv zum Projet A Bëlleg. Wann ee kuckt, wéi eng Tournure deen heite Projet kritt, ech mengen, et gi schonn déi éischt Kanner an des Maison Relais, dann ass nach keen eenzege Steen op A Bëlleg gebaut ginn. De Gemengerot weess jo och ganz genau, dass mir hei eng Modification ponctuelle vum PAG gemaach hunn, dass mir nach e PAP musse maachen, dass mir eng Convention d'exécution musse maachen, dass wann een déi ganz Prozedur kucken an den Timing, deen dese Projet huet, wéi gesot, da sinn déi éischt Kanner an der Maison Relais an dann ass nach keng eenzeg Zill a kee Chantier um Projet A Bëlleg geluecht, esou dass mer déi Liste d'attente, déi mer hunn, effektiv dann och évacuéiere kënnen.

Dann, par rapport zum Dialogue compétitif, dee geet jo hei ugewannt, wann ee kuckt, déi 2 lescht Beispiller déi mir hate mam Centre Sportif René Hartmann, mam

Bildungshaus Lenkeschlei, wann een och d'Gesetzgebung kuckt, well déi ass och kloer definéiert, wéini een en Dialogue compétitif an Erwägung zitt, dat ass dann, wann eng gewësse Komplexitéit am Projet ass.

Mir si jo och an engem gesetzleche Kader hei vun den Ausschreibungen an dat ass e Projet, deen nient der Zäitschinn, déi mir eis ginn hunn, ganz kloer déi klassesch Prozedur privilegiéiert par rapport zu engem Dialogue compétitif, engersäits par rapport zum Timing vum Projet, anersäits awer och par rapport zu der Komplexitéit vum Projet, deen hei jo awer méi einfach ze exekutieren ass wéi déi zwee aner Projeten, mat deene mer jo och schonn Erfahrung hei zu Diddeleng gemaach hunn.

An dann zu der Remarque vum Här Martini par rapport zu den Enseignanten, dat Eenzege wat mir als Stad Diddeleng kënnen maachen, Dir wësst jo, dass d'Enseignant vum Ministère de l'Education nationale agestallt ginn, dass d'Gemeng keng Weisungsgewalt huet vis a vis vun den Enseignanten, dat Eenzege wat mir maache kënnen ass e waarmen Appell an sensibiliséiere mä mir kënnen hinne sécherlech net soe wat se ze maachen hunn, well hei huet all Mënsch säi Rôle. Selbstverständlech setze mir och hei op den Dialog, esou wéi mir dat bei villen anere Projeten hei zu Diddeleng maachen.

Dës gesot hate mir hei eng gutt a konstruktiv Diskussioun ronderëm deen dote Projet. Vu dass mir um Schluss ukomm sinn, komme mir nach op de Vote: Wien ass mat dem Devis averstanen, deen Dir hei virleien hutt fir d'Maison Relais Ribeschpont? **Dat ass unanime.**

Da soen ech dem ganze Gemengerot Merci an och dem Sala Makumbundu a senger ganzer Equipe an dem Jeff Peiffer fir hir Präsenz.



## 5. ÄNNERUNGEN UM GEMENGERELEMENT IWWER D'SUBSIDE FIR STUDIEN AM SECONDAIRE AN AM POST-SECONDAIRE

### DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Elo komme mir zum Punkt 5 an do geet et ëm d'Gemengereglement an do geet et ëm d'Gemengereglement wat d'Subsiden ugeet fir de Secondaire an och de Post-secondaire an do géif ech och rëm dem Josiane d'Wuert ginn.

**JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP):** Ech géif direkt virugoen op dat Subsidereglement. Ech wäert och hei net laang schwätzen. Dat Reglement hu mir selwer eng Kéier ausgeschafft, ech war laang Presidentin vun der Subsidekommissioun, elo ass den Här Zuang President vun der Subsidekommissioun an him si Saachen opgefall, déi ech net esou gesinn hunn. Bon, mir wollten déi dann hei mat eranhuelen. Dat ass am Artikel 1.2., do hate mir bis elo ni dra stoen, dass de bei eis och kéins e Subside kréie wanns du iwwer 30 Joer al bass. D'CEDIES gëtt awer och am Fall wanns du en Doktorat méss - do hues de jo awer des ëfteren emol iwwer 30 Joer - da ginn si nach weider Subsiden.

Do hu mir eis do ugepasst a mir proposéieren dann och, wann s du 30 Joer hues, wann d'CEDIES Dir de Subside accordéiert, datt mir eis do drun hängen an dann och dee Subsid sollte ginn. An dann ass et esou, dee Saz dee kënnt och bäi, "sont exclus d'office les candidats dispensant d'un revenu propre", 3,5 Mol, an och do ass et esou, datt mir eis do der CEDIES ugepasst hunn, well och si dat an hirem Subsidereglement stoen hunn. Dann den Artikel 2.3., dat war, also fir mech war et eigentlech kloer, fir déi Kommissioun, déi elo en charge ass, do war et net esou kloer, mir hunn ëmmer gesot wann s de 30 Punkten hues, da kriss de déi 200 Euro Subsiden. Do war et fir mech kloer, dass dat iwwer e Joer gekuckt ginn ass a wann s du am éischte Semester 10 Punkten has an du has der am zweeten Semester 20, da bass du op déi 30 komm, dann hu mir ëmmer de Subsid ginn.

Do ass et awer elo esou, dass dat soll ëmgeännert ginn, datt een einfach dat och propper definéiert am Reglement, wat bis elo eigentlech net de Fall war. Mir hunn dat als Kommissioun ëmmer esou applizéiert, mee hei ass et elo eng Kéier schréfftlech festgehalten. Wat nach nei ass an dat hate mir och net esou dran, dat war wann een de Bachelor mécht,

säi Bachelor, do ass et net onbedéngt esou, datt e Bachelor ëmmer 15 Punkten huet. E Bachelor kann och manner hunn, trotzdem wëlle mir, well dat jo awer en Travail final vun deem ganze Studium ass, huet d'Kommissioun proposéiert, och do dann e Subsid ze gi vun 100 Euro, wann ee seng Bachelor-Aarbecht mécht. An dann dat lescht wat geännert gëtt, dat ass de Secondaire classiquen, de Secondaire général an de Secondaire professionnel, well dat jo elo net méi esou ass, dat gëtt einfach anescht genannt. Dat war am Fong alles wat do sollt geännert ginn. Merci.

### DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci dem Josiane Di Bartolomeo-Ries fir déi doten Erklärungen wat déi Adaptatiounen ugeet zu dësem Reglement wou d'Beneficiairen effektiv jo dann eis Schüler a Studenten sinn. Sinn do Remarquen oder Froen dozou?

### MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):

Jo Merci Här Buergermeeschter. Et ass wéi d'Josiane gesot huet, mir sinn eis am Fong ëmmer gutt eens ginn an der Kommissioun, mee et ass effektiv wichteg, dass een déi Saachen awer och schwaarz op wäiss fixéiert. Wat ech virun allem och gutt fannen, dat ass effektiv déi Saach mat dem Travail de Bachelor oder Master. Et sinn der vill, déi einfach och e Semester drun hänke fir hir Aarbecht ze schreiwen an dann eben och keng Punkte kënne kréie well se keng Exame méi hunn, well se schonn alles ofgeschloss hunn an dass een deenen awer eng kleng Prime gëtt, an awer déi 100 Euro deenen zegutt kënnt.

A wat ech och nach eng Kéier explizit begrëissen, dat ass eppes wat mir am Fong ëmmer begrëisst hunn, dass mir effektiv, et ass net all Gemeng déi dat nach mécht, d'Prime d'encouragement och fir d'Secondaireschüler bäibehalen. Ech mengen, et gesäit een och an der Receptioun, mir hunn ëmmer vill Succès, d'Schüler sinn ëmmer frou wann se kënne heihinner kommen an als Elève méritant gewielt ginn an ech fannen et och ëmmer gutt, dass mir jo och de Certificat hinnen aussstellen, dat ass och eng Valorisation vun hirem Fläiss an dat begrëisse mir explizit, datt mir do och e bëssen derhannert bleiwen, dass et och wierklech déi Elève-méritante sinn, déi eppes kréien an net jiddwereen, deen einfach an d'Schoul geet an dat fanne mir explizit och ganz gutt a mir sinn natierlech selbstverständlech mat deenen Ajustementen hei averstanen. Merci.

### DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci fir déi doten d'Zoustëmmung. Den Här Jadin.

### YVES JADIN (DÉI LÉNK):

Ech hu just eng Fro: "Sont exclus d'office les candidats disposant d'un revenu propre dont le montant imposable annuel dépasse 3 et demi fois le salaire social minimum". Le salaire minimal,



ass dat dräi an hallef Mol de Salaire minimum mensuel oder ass dat dräi an hallef Mol de Salaire minimum iwwer d'ganz Joer gekuckt? Iwwer d'ganz Joer? Da misst een awer vläit dohinner schreiwen, datt dräi an hallef Mol dat ass wat s du de Mount kanns verdéngen. Well dat do heescht einfach fir mech, dass dat do 3,5 Mol dat ass wat s du mindestens muss verdéngen. Also, esou kënnt et bei mir eriwwer, gell.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Et ass dem CEDIES säin Text gell, et ass esou wéi de CEDIES et formuléiert.

**YVES JADIN (DÉI LÉNK):** Jo, bei mir kënnt et esou riwwer.

**ROMAIN ZUANG (LSAP):** Mir hunn deen doten Saz tel quel eriwwer geholl, well mir net wollten do iergendwéi eppes opkomme loossen, wéis du elo sees, "deng Interpretatioun". Also dat heiten ass déi vum CEDIES. Mir hunn eis prinzipiell nëmmen um CEDIES orientéiert, dofir och d'Saach mat de Studenten iwwer 30 Joer. Bon, et ass natierlech esou, dass et hei effektiv Studente ginn, déi op eng Kéier soen, "dat wat ech elo gemeet hunn ass näischt, ech fänken e ganz neie Studium un, am Fong geholl dat, da verdéngen se erëm eng Kéier näischt an all Kéiers wou de CEDIES eng Hëllef gëtt, si mir natierlech och do fir deene betraffene Studenten dann och e Subsid zoukommen ze loossen, wann se d'Konditiounen soss erfëllen.

Ech wollt just nach eng Kéier vläit drop zrëckkommen, et ass wierklech nëmme fir Kloecheit ze schafe well mir effektiv an der Kommissioun mat där Geschicht mat deene 15 ECTS pro Semester dach awer dat geholl hunn a gesot hunn, wann s du dann e Joer hues, da muss du der zwee Mol 15 hunn. Also, d'Interpretatioun huet dat zougelooss a fir dat ee Mol fir d'anert Mol aus dem Wee ze raumen hu mir einfach gesot, wéi d'Josiane Di Bartolomeo-Ries virdru gesot huet, ganz klipp a kloer, ee Semester mat zéng-zwielef ECTS Punkten an dat anert mat uechtzéng -nonzéng, dat ass keen Thema, domat bass du op drësseg ECTS Punkten.

Dat anert, dat gëtt et am Fong geholl all Joer, et kommen ëmmer erëm nei Fäll bäi an et ass am Fong geholl deen heiten och dee vun deem Bachelor, wou e Student de Bachelor du gemeet hat an nëmmen 12 Punkten hat. Dat heescht, hie war en net conforme zu eise Reglement, dass ee mindestens 15 Punkte muss hunn. Dofir hu mir deen heite Saz mat erageholl, dass wann een e Bachelor-Ofschloss huet, och wann dee keng 15 Punkten huet, mee wéi dee wou hei an deem betraffene Fall 12 Punkten hat, dass een dann awer och deenen déi honnert Euro zoukomme léisst, virausgesat dass de Kandidat de Bachelor bestanen huet. Merci.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Merci dem Här Zuang an senger Qualitéit als President vun der zoustänneger Kommissioun fir nach déi doten Erläuterungen. Kann ech proposéieren, dass mir zum Vote iwwerginn, wat d'Adaptatioun vun dësem Reglement ugeet?

Ass de Gemengerot domat averstanen? **Dat ass unanime.** Majo, da soe mir lech Merci an da schafe mir och, wéi gesot, Kloecheit, well déi nächst Beneficiairë fale jo automatesch ënner dat heiten neit Reglement, dat de Gemengerot hei verabschit huet.

## 6. GEMENGEPLANUNG A STADENTWÉCKLUNG

**6.1. Approbatioun vun der Proposition fir d'Ännerung vum Deelbebauungsplang (PAP) "Route de Burance", presentéiert vum Architektbureau "dagli" fir Rechnung vun der Gesellschaft Roubur S.A.**

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Da komme mer eriwwer op den Amenagement communal, do hu mir zwee PAPen. Also, wéi gesot, éischtens emol eng Modifikatioun vun engem PAP an dat ass an der Bierenger Strooss. Deen hate mir jo hei am Gemengerot virun enger ganz Rei Méint, wéi gesot, dat war de 15. Juni 2018, deen hat de Gemengerot jo hei och gestëmmt mat der Societéit ROUBUR S.A., déi en hei presentéiert hat, eragereecht hat, deen och guttgeheescht gouf. Bon, elo hu mir awer hei eng Modification ponctuelle, wou mir musse virhuelen. Dat heescht, mir befannen dass hei, am Kader vun der Procédure allégée, esou wéi d'Gesetz et och virgesäit, dat heescht mir adaptéieren am Fong de PAP op engem oder zwee Punkten ouni dass awer den Ensembl vum PAP effektiv a Fro gestallt gëtt, also den initiale PAP. Wat huet sech hei erausgestallt, effektiv herno an der Ausaarbechtung ronderëm d'Convention d'exécution, déi ass esou gutt wéi fäerdeg, huet sech erausgestallt, dass am Fong en Deel vum PAP sech um Kollekt befënnt. An effektiv, de Kollekt ass gutt ee Meter breet, dat ass am Fong do wou Diddelenger Bach ass. Effektiv, wéi d'Detailaarbechte gemeet gi sinn, huet dat sech erausgestallt an am Fong ass et esou, dass mir hei eben zwee Haiser hunn, am Kader vum PAP, déi sech effektiv um Kollekt befannen an esou dass mir hei a Fong mussen duerch déi Modification ponctuelle vum PAP effektiv déi zwee Haiser déi op deenen zwou Extremitéite sinn, lénks a riets, e Recul maache vun engem Meter no hannen. Dat heescht si bleiwen zwar am Alignement, dat ass kee Problem, dat heescht de PAP en tant que tel bleift an der Rei, dat heescht déi



zwee Haiser lénks a riets réckelen ee Meter no hannen. Dat heescht, hannen d'Reculen, ech mengen dat ass och kee Problem, mir bleiwen do an deenen zéng Meter well mir do genuch Sputt hunn, den Alignement bleibt bewahrt, an herno ass och virgesinn, eben am Kader vun der Convention d'exécution, vu dass déi Sträif wou de Kollektar ass natierlech d'Sociétéit ROUBUR och Propriétaire ass, dass dat natierlech cedéiert gëtt un d'Gemeng, well d'Gemeng zu all Moment muss kënnen Accès kréien op de Kollektar.

Anerwäerts hätt missen eng Servitude gemeet ginn. Esou oder esou ass méi am Kader vun der Cession publique, mee do si mir schonn an der Exekutioun vum PAP, mee einfach fir lech ze soen dat kënnt dann deementspriedend och duerno, dass am Kader vun der Exekutioun vum PAP mir an der Cession publique deen doten Deel kréien a mir dann natierlech ouni Problem kënnen dann op de Kollektar kënnen zougräifen. Hei ass natierlech elo d'Prozedur, si mussen eis déi Demande maachen, d'Sociétéit ROBOR, dann hunn se och gemat den 8. Abrëll 2019 fir z'erklären mam Kollektar, wat et do un sech huet. Mir hunn de 17. Mee direkt och den Intérieur cedéiert an déi hunn eis och den 03. Juli Feu vert par rapport zu der Procédure allégée do ginn. Wéi gesot, eng technesch Adaptatioun déi mir hei maache mee déi am Fong de PAP en tant que tel net a Fro stellt. Voilà, dat sinn alleguerten d'Explikatiounen déi ech wollt ginn a bei der Geleeënheet begrëssen ech dann och natierlech vun eisem Service technique d'Eva Gottschalk hei am Gemengerot. Här Gangler.

**JEAN-PAUL GANGLER (CSV):** Majo ech wollt nach froen, dat gëtt jo elo eng zousätzlech Cessiou, déi ass jo da méi grouss wéi dat wat virgesi war oder net, an do hate mir dach, wann ech dat richteg an Erënnerung hunn, déi Cessiou gebonnen un eng Spillplaz déi sollt gemat gi bei der Rue Jean Berchem, do wou de Sequoia steet. Wann Dir mir do vläit kënnt erläuteren ob dat do och eng Repercussioun op déi Spillplaz do kritt, dass déi méi grouss oder méi kleng géif ginn, wann d'Cessiou ännert. An op Dir eis och vläit kënnt soe wéi dat elo vir sech geet mat der Spillplaz, ass dat d'Gemeng déi se baut an déi Firma bezilt se oder ass et d'Firma, déi se baut? Ech weess net ob ech do alles richteg verstanen hunn. Merci.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Jo, ech kann nach ee Mol drop agoen, well awer elo net verschidden Saache vermëschen. Well dat eent ass jo wat mir man am PAP, mee dat wat Dir uschwätzt ass schonn an der Convention d'exécution, dat ass schonn déi Etapp déi elo réischt kënnt. Ech wëll elo net hei Saache matenee vermëschen, mee och well elo hei d'Cessiou méi grouss ass, mir sinn nach ëmmer am

Kader vun deene 25 Prozent an natierlech wäert hei d'Sociétéit d'Plaz amenagéieren an dann un eis cedéieren. Dat heescht dat ass awer och an der Convention d'exécution wou dat fest gehale gëtt. Mee et ass am Fong déi nächst Etapp wou de Gemengerot domadder cedéiert gëtt. Mä effektiv, quant au principe vun der Cessiou changéiert hei deementspriedend näischt. Et ass effektiv an deene 25 Prozent wou d'Spillplaz wäert kommen, respektiv wou mir dann déi dote Sträif cedéiert kréien, wou de Kollektar ass, respektiv d'Diddelenger Bach, wou mir da kënnen Entretien maachen. Mä wéi gesot, den nächste Gemengerot wäerte mir souwéiso d'Convention d'exécution hunn an do wäert dat doten och Nidderschrëft dra fannen.

Voilà, dat zu den e bësse méi techneschen Erklärungen vun dësem PAP. Ass de Gemengerot domadder avers-tanen? **Dat ass unanime.** Da soe mir lech villmools Merci.

## **6.2. Approbatioun vun der Konventioun a vum Duerchféierungsprojet vum Deelbebauungsplang (PAP) "Rue Pasteur" mat der Gesellschaft Sedna Investments & Services S.A.**

### **DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):**

Da komme mir op den nächste PAP. Mee do si mir éischter um Niveau vun der Exekutioun, also do si mir schonn e Schratt méi wäit, wou ech dann och effektiv op déi verschidde Punkte wäert och agoen hei vun der Convention d'exécution, juste pour rappel, mir begrëssen dofir dann och hei an eiser Ronn och déi zoustänneg Leit, déi sech em deen heite Projet bekëmmern, den Här Pascolini, d'Madame Hengesch an och den Här Schumacher. Hei si mir wéi gesot am Kader vum Projet d'exécution vum PAP, de mir jo hei och unanime gestëmmt haten den 17. März 2017. Et ass jo hei mengen ech e Projet ronderëm 14 Wunnunitéite bei der Bierenger Kapell, fir lech dat ze situéieren an der Pasteur Strooss, an hei ass am Fong den Deel wat d'Exekutioun vun deem heite Projet ugeet, wéi gesot, déi 14 Maison-unifamilialen, déi en bande sinn, wou och dee ganze PAP gouf jo dann och vum Intérieur approuvéiert. Hei ass et esou dass mir am Fong 24,77% cedéiert kréien, am Kader vun dëser Convention d'exécution, dat sinn am Fong plus minus 15 Ar. Et ass virun allem den ëffentleche Raum deen do ass, de ganze Volet vun den Stroosse wou mir jo och systematesch ëmmer jo dann och kréie well mir jo och da fir den Ënnerhalt deementspriedend och respons-abel sinn. Hei hale mir och fest, an dëser Convention d'exécution, dass 900 000 Euro mussen hannerlooss ginn als Garantie bancaire, déi Garantie ass jo klassesch, effektiv hannerlooss muss ginn éier d'Aarbechten ufänken a gëtt jo natierlech och hei festgehalten an der Situatioun, wou effektiv hei de Promoteur d'Aarbechten net



géif maachen, aus iergendswelleche Grënn, dass mir natierlech op déi Garantie bancaire kënnen zeréckgräife fir dann eben an Eegeregie d'Aarbechten ze maachen. An normalerweis war och virgesinn dass eben au fur et à mesure wou d'Aarbechte viru kommen, dass och déi Garantie bancaire kann effektiv zeréck erstatt ginn respektiv fräi gemeet ginn. Dann natierlech ass och an dëser Convention d'exécution dass de Maître d'ouvrage hei am Fong déi ganz Aarbecht ënnert der Surveillance vun der Gemeng muss maachen, dass hien awer och eng gewëssen Responsabilitéit natierlech dréit.

Mir hunn awer och hei dra geschriwwen, dass natierlech och hei wat den Trottoire ugeet am Kader vun den Aarbechten, just e Revêtement provisoire gemeet gëtt a wann herno alles fäerdeg ass, da gëtt de Revêtement definitiv gemeet, well jo Chantier eben halt ass an dass herno wann de Revêtement definitiv ass, dass mir och dann réischt d'Reception maache vun der ganzer Voie publique, also effektiv eng kllassesch Situatioun, wéi mir schonn eng ganz Rei Projeten hei zu Diddeleng haten. Dann natierlech och Réunioun de chantier, déi wäert dann och stattfannen zwëschent dem Maître d'ouvrage an eisen Servicer. An am Fong och hei, och expressis verbis am Artikel 9 drageschriwwen, wann innerhalb vun engem Joer no Begënn, also nodeems d'Aarbechten ugefangen hunn, d'Aarbechten net géife gemeet ginn, dass wéi gesot d'Gemeng d'Aarbechten a propperer Regie ka fäerdeg maachen an effektiv dann op d'Garantie bancaire kann och zrëckgräifen. An hei hu mir och nach eng Klausel dra gesat, et ass de Punkt 13, dass natierlech och d'Méiglechkeet besteet, wa Projeten um Site sech géifen doen, Projeten déi ausserhalb vun dësem PAP sinn, dass déi natierlech och nach kënnen mat eraklammen an iergendenger Form, ech mengen déi Ouverture hu mir deementspreechend och hei gelooss.

An effektiv, hu mir och hei de Punkt 14, wann innerhalb vun zwee Joer nodeems des Convention d'exécution vun den Autorités supérieures approuvéiert gëtt, wann innerhalb vun zwee Joer dovunner d'Aarbechten net gemeet sinn, respektiv de Maître d'ouvrage d'Travaux d'infrastructure am Fong net ugefangen huet, dass dann am Fong des Conventioun periméiert ass. Voilà, dat ass e bëssen de Kader an dem mir eis hei bewegen. Ech mengen ech wier op déi wichteg Punkten agaangen an dofir ass d'Diskussioun op. Froen, Remarquen? Här Glesener.

**HENRI GLESENER (LSAP):** Merci Här Buergermeeschter. Also ech wëll mol hei elo eng Kéier soen, dass ech et e ganz flotte Projet fannen. Mir wëllen eigentlech alleguer, dass esou Baulücken, déi hannert den Haiser sinn, déi fréier riseg Gäert haten, dass mir déi wëllen ausbauen, dass mir eise Bauperimeter dofir besser nutzen

an net ausweide müssen. Dat heiten, haut schwätze mir jo iwwer de Projet d'exécution, wann, jo dat erschreckt mech net, well et quasi ëmmer esou ass, mee trotzdem bleift ze ernimmen, dass et ëmmerhin e Projet ass, dee scho vun 2016 ass, an 2017 ass de PAP an dësem Gemengerot, am Mäerz 2017 huet de Gemengerot unanime de PAP vun deem ganze Projet hei gestëmmt.

Et ass e ganz flotte Projet an deem Sënn, dass et mol erëm eng Kéier e lauter Eefamilljenhaiser sinn an net e Grupp vun Appartementshaiser. Ech fannen e reit sech och ganz flott an déi dote Plaz an, an ech géif mir bal wënschen, dass déi Propriétaire vun deene Terrainen, déi elo hannendrun an deem, komm ech nennen et en Dräieck, zur Pierre Dupong Strooss an der Fanny Schumacher Strooss, dat och esou gesinn an eventuell och op dee selwechte Wee ginn. Ech gesinn, dass um Enn vun deem dote Projet zumindest schonn de Wee bei de Parkplazen dat géif erlaben, dass een do kéint weiterfueren. An deem Sënn Bravo fir dee ganze Projet an och d'Aart a Weis wéi e gefouert gëtt. An ech gesinn, ech muss och dem Gemengeservice do felicitéieren, déi jo bestëmmt déi ganzen Zäit do dobäi waren. Merci villmools.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):**

Merci dem Här Glesener fir seng Stellungnahm an Zouso. Da géife mir proposéieren, dass mir zum Vote iwwerginn, wat dese Projet d'exécution respektiv wat d'Convention d'exécution ugeet. Ass de Gemengerot domadder averstanen? Dat ass unanime. Da soen ech lech Merci an ech soen och eisen Intervenante Merci, obwuel se net hu brauchen z'intervenéieren, et war alles kloer. Merci. **De Projet gëtt unanime gedroen.**



## 7. REGIONAL MUSEKSSCHOUL – APPROBATION VUN DER PROVISORESCHER SCHOULORGANISATION FIR D'SCHOULJOER 2019/2020

### DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Ech proposéieren, dass mer elo op de Punkt 7 iwwerginn an dat ass déi provisoresh Approbation vun der Schoulorganisatioun vun eiser Museksschoul. Claudia Dall'Agnol, du hues d'Wuert.

### CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN):

Wéi all Joer presentéieren ech lech och dës Kéier déi provisoresh Schoulorganisatioun fir d'Joer 2019/20, esou wéi se den 19.06. presentéiert gouf. Et ass vläit e bëssen héich gegräff, well déi Chiffere sinn eng Momentopnam an eng Minutt nodeems se arrétéiert goufen, kënnen déi schonn erëm geännert hunn a bis zur Rentrée wäerten nach Schwankungen dra sinn. Nichtsdestotrotz si mer wéi all Joer dru gehalen, déi provisoresh Schoulorganisatioun ze stëmmen an dofir maache mer dat dann och haut. Ech ka mech also just op déi Chiffere baséieren, déi provisoresh sinn an ech maachen dann och de Verglach mat der leschter provisoresher Schoulorganisatioun an dee Verglach maachen ech ganz kuerz well, wéi gesot, munches kann änneren, wa mer mat der definitiver Schoulorganisatioun dann zeréckkommen, D'Unzuel vun de Schüler dat nächst Joer ass an d'Luucht gaangen an esou hate mer op den 19. Juni – dat ass deen Dag wou se eigentlech provisoresh arrétéiert gouf – 1143 Schüler ageschriwwen. Déi leschte Kéier, also d'Joer 2018-2019, wéi mer dat am Juni provisoresh arrétéiert haten, waren dat der 1101. Generell erkläert sech natierlech, datt d'Zuel eropgeet doduerch, datt mer eng ganz attraktiv Museksschoul hu mat enger regionaler Struktur dann natierlech och d'demografesch Entwécklung an – dat hat den Direkter déi leschte Kéier scho gesot – datt mer méi eng dynamesch Kommunikatioun an eng aner Visibilitéit, eng besser Visibilitéit no bausse well hunn.

Eraushiewe wëll ech vläit, dass fir d'nächst Joer d'Creatioun vun engem Departement Danse virgesinn ass – do hate mer och déi leschte Kéier driwwer geschwat – bei der Rentrée. Bis elo si 85 Schülerinnen a Schüler ugemellt. Dir hutt et matkritt, ech sot Schülerinnen a Schüler, an Dir kënnt elo roden, wéivill Jongen et sinn: Et sinn der aacht. An et sinn nach Plaze fräi. Do runner mierkt een awer och, datt dat eng reell Demande war. Wat vläit nach ze soen ass, dee Modell, deen Dir an Ären Dossier leien hutt vun der provisoresher Organisatioun, deen ass all Joer u sech d'selwecht

opgebaut fir dat et fir lech méi einfach ass fir ze vergläichen. Et ass, wéi gesot, keng exakt Wëssenschaft, dat kann et natierlech och net sinn zu dësem Zäitpunkt well d'Aschreiwungen nach op sinn an eppes Definitives kann ech lech dann eréischt soen, wa mer déi definitiv Schoulorganisatioun stëmmen.

Dat gesot géng ech lech bieden, elo mol als éischt déi provisoresh Schoulorganisatioun ze stëmmen. Wéi gesot, mir kënnen houerfreg drop sinn, datt mer eng gutt organiséiert Museksschoul hunn, déi funktionéiert, an datt eist neit Departement esou gutt ukënnt a bei der definitiver Schoulorganisatioun wäert dann och erëm eisen Direkter derbäi sinn, fir méi an den Detail ze goen an och Froe kënnen ze beäntweren, déi lech vläit op der Zong brennen, wann d'Chiffere bis méi detailléiert an definitiv sinn. Merci.

### DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci Claudia Dall'Agnol, fir d'Presentatioun. Sinn hei elo bei de Conseillere Froen oder Remarquen? Dat schéngt net de Fall ze sinn. Dat heescht, do waars Du kloer. Da géif ech hei d'Membere vum Gemengerot froe fir emol iwwer déi provisoresh Schoulorganisatioun ofzestëmmen. Sidd Dir domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Da soe mir lech och do villmools Merci.

## 8. ENNERSTÜTZUNG FIR DEN UNESCO PROJET „MAN AND THE BIOSPHERE“ ENNER DER LEEDUNG VUM SYNDIKAT PRO-SUD

### DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

bei dësem Punkt geet et ëm de Projet UNESCO Man and the Biosphere, jo effektiv keen onwichtige Projet wou d'Stad Diddeleng Loscht huet a Wëlles huet matzemaachen am Verbond mat de Südgemengen an do ginn ech dem René Manderscheid d'Wuert.

### RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFIN):

Merci Här Buergermeeschter. Ech beschränke mech op eng ganz kuerz Interventioun. Dir hutt an Ärem Dossier Ennerlage vun A-Z leien. Do ass am Fong alles gesot respektiv geschriwwen wat ee muss wëssen, trotzdem zwee Wieder vu menger Säit aus. Ëm wat geet et? Et ass natierlech de But, datt mir den UNESCO Label Biosphere géife kréien. Dee Label, dee gëtt et säit 1970 a méttlerweil si 700 Gebidder an 120 Länner als UNESCO Biosphere ausgewisen. Déi 11 PRO-SUD-Gemenge schaffe säit engem Joer un der Fäerdegstellung vu esou engem 250-Säiten-Dossier fir den



UNESCO Label ze kréien. Den 30. September ass Stéchedag fir den Dossier ofzeginn an am Fréijoer 2020 soll dann eng Decisioun geholl ginn ob dann déi 11 PRO-SUD-Gemengen de Label och kréien. D'Zil vun dem Biosphere Programm ass eng wirtschaftlech Entwécklung an Naturschutz an denausedgewisene Gebidder mateneen an Aklang ze bréngen. Et ass och esou, wéi gesot bis zum 30. September soll all eenzel PRO-SUD-Gemeng an hirem Gemengerot den Avis dozou anhuelen. Doniewent gouf awer och eng Biergerbefroung an alle PRO-SUD-Gemengen organiséiert an déi war hei zu Diddeleng de 24. Februar am Festsall vum Lycée Nic Biever. An den 21. Mee war dann zu Bascharage eng Soirée d'échange vun all deene Biergerbefrounge fir dann do d'Resultater virzestellen. D'Kärpunkte vun dem Dossier sinn ënner anerem d'Opwäertung vum industrielle Liewen, d'Vernetzung vu kulturellen Institutionen, doucen Tourismus, d'Virstelle vun enger eegener gemeinsamer Identitéit.

Voilà, dat heescht am Kloertext, wa mir den UNESCO Label sollte kréien, da géif dat engersäits och nach eng grouss Wäertschätzung säintens vun der Bevölkerung wéi d'Regioun matbréngen, esou wéi de Bekanntheetsgrad an d'Attraktivitéit iwwer d'Landesgrenz eraus ze erhéichen. Dofir wier ech frou wa mir hei am Gemengerot eis géifen eens sinn fir dee Projet z'ënnerstëtzen esou datt mir kënnen dann effektiv an d'Renne goe fir dee Label ze kréien. Merci.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Merci dem René Manderscheid fir d'Erklärung ronderëm dee net onwichtige Projet hei fir d'Südregioun an d'Diskussiounen sinn op. Den Här Jadin.

**YVES JADIN (DÉI LÉNK):** Villmools Merci. Also, mir als Déi Lénk begrëssen de Fait, datt PRO-SUD-concernéiert Gemengen dëse Schratt ginn. Et ass wichteg datt eis Ëmwelt erhale bleift an datt de Mënsch se respektéiert a mat hier zesumme leeft wat awer am Moment leider net ëmmer de Fall ass. Déi eklatant Buedemkonsommation zerspléckt eist Land a gräift eis Biodiversitéit un. Just nach een Drëttel - no dem Rapport do - vun eise Beem ginn als gesond agestuft. D'Dréckwaasser wäert à moyen terme e grouse Problem ginn. Ech verweisen do gären op de geplangte Projet vun der Joghurtsfabrik zu Diddeleng/Beetebuerg. D'Südregioun soll iwwer dëse Projet-Phare ervirgehewe ginn, wat viraussichtlech och nei Beruffer wäert kréieren. Eng flott Saach. Och wäert den Tourismus dovu profitéieren. Wou fënnt een an der Grande région Sitë wéi d'Haard oder de Giele Botter?

Eng Erweiderung vun deene Siten oder souguer eng Neischaaffung vun neie Sitë géif dozou bäidroen, datt eis Natur sech nees kann erhuelen. Déi Villfältigkeit

ouni déi vill positiv Aspekter ze vergiessen, zum Beispill d'Banne vun CO<sub>2</sub>. Iwwer europäesch Finanzementer, déi mir da wäerte kréien an Zukunft kéint een aner Projeten an Zesummenaarbechten organiséieren. Sief dat lokal, interkommunal oder souguer international. Wat ze begrëssen ass a natierlech mat alle Mëttele muss ënnerstëtzt ginn.

Uuni elo nees op alleguer déi Virdeeler wou am Projet vir gi sinn anzegoen, hänkt déi ganz Saach dovun of wéi mir an Zukunft mat eiser Ëmwelt a mat eisem Patrimoine ëmginn. Dofir ass Naturinformatioun, bewusst vermeiden ech den Ausdrock «Erzéiung», vun de Kaner, Jugendlecher awer och eis Erwuessener wichteg. Dat soll herno vun de Gemengen ënnerstëtzt an organiséiert ginn. Ee vun de Punkten, well elo zum Beispill den R.O.I. vun eise Schoule mat Plastikvermeidung, e kleng Schrëtt an déi richteg Richtung. Mir wäerten, dat ass elo schonn e bekannte Projet, natierlech ënnerstëtzen.

Mir wollten awer e puer Froen an dësem Kontext schreiwen. Grouss geschriwwen gëtt d'Biodiversitéit. Wéi steet et awer mam Zoubetonnéiere vun eise Virgäert? Gëtt et do e Règlement? A wa Neen, kéint een an Zukunft do nobesseren? De Label, am Fall gesat mir kréien den a mir hoffen dat natierlech och, garantéiert eis zu kengem Moment, datt mir weider eis Ëmwelt an eise Patrimoine zerstëieren. Gëtt an dëser Baitrëtsdemande och dovunner geschwat, datt zum Beispill zu Käerjeng e Contournement gebaut gëtt, deen einfach duerch eng Natura 2000 Zone leeft? Dat huet näischt mat Diddeleng ze dinn, et gehéiert awer zu dem Projet. Oder den Ausgang vun der Diddelenger Gemeng op dräi Spueren, gëtt deen doranner ernimmt? Wann dës Aarbechten iergendwann eng Kéier realiséiert ginn, kënnen mir de Label dann net oferkant kréien? Well dat huet jo dann och ganz aner Suitë fir eis. Merci.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Merci dem Här Jadin fir seng Stellungnahm. Här Garcia.

**ROBERT GARCIA (DÉI GRÉNG) :** Ech wäert dem Beispill vum Här Manderscheid follegen a ganz kuerz sinn, well ech hunn an deene leschten zwee Joer e bësselchen zevill iwwer de Projet do missen referéieren. Villäicht och par Rapport zu deem wat den Här Jadin gesot huet, de Man and Biosphere ass kee contraignant Label elo wéi d'Natura 2000 oder Naturschutzgebitt, et ass einfach e Constat vun engem gewëssenen Zoustand vun engem Gebitt an do gëtt dee Label opgrond vun deem Zoustand oder e vergëtt e net. An dat entscheet sech bannent engem Joer an do huet elo keen Afloss eng Joghurtsfabrik oder e Contournement, well dat ass net d'Aufgab vun der UNESCO. D'UNESCO gesäit éischter dee grouse Kontext a net déi Detaildenger, dat ass



éischter méi an der Logik vun engem Naturschutzgebitt. Ech wollt awer trotzdem ganz kuerz op eng aner Fro hiweisen déi esou e Label kéint kréien, well der Labelen der ginn et der wéi Sand um Mier an d'Gefor besteet, datt wann een dee Label bis huet, datt een da guer näischt méi mécht, well ee guer net méi ënner Zugzwang steet. Well de Label vu Man and the Biosphere ass zu 99% a Gebidder déi vun dem Label eigentlech en immensen Opschwung erwaarden. Et si Gebidder an der Pampa oder an engem Naturschutzgebitt an déi erwaarden sech do vun deem Label en touristesche Méiwäert, en ökonomesche Méiwäert, mengen ech, doduerch datt dann durabel Betriber sech do usidelen an esou weider. Et sinn all lauter Saachen déi an der Regioun vum PRO-SUD villäicht net ënnert dem Drock stinn, well och mat oder ouni Label, geet d'Wirtschaftsentwécklung hei weider an de Label ka just hëllefen, villäicht an eng méi durabel Richtung ze drécken.

An dofir mengen ech, datt et de Moment awer gënschteg ass an der ganzer Dynamik déi de PRO-SUD ënnert hirem fréieren an och ënnert hirem aktuelle President elo kritt huet, dovunner ze profitéiere fir zesumme mat deem anere grouse Projet Esch 2022, deen dote Regain vu Mouvence ze profitéieren an enge gewësse Richtung ze goen. An dofir ass et mengen ech och immens wichteg, an ech denken datt dat sech och op déi positiv Bewäertung vun der UNESCO wäert auswirken, datt hei awer elo scho Mol, éischters Mol déi ganz Biergerbefrounge gemaacht gi sinn. Do sinn, mengen ech, iwwer 100 Iddie komm, vill vun deene sinn utopesch, déi wäerte ni realiséiert ginn an et wäert sech awer herno erausstellen, wann op kommunalen awer och interkommunale Niveau, déi Iddi konkret um Terrain weider gedriwwen gëtt, datt dann dee Projet och eng Zukunft huet. Wann herno elo just an all Gemeng just en Aarbechtsgrupp gebilt gëtt a philosophéiert iwwer Gott an d'Welt an de Klimawissel, dann hu mir näischt gewonnen. Ech géif soen, dee Projet leeft vu konkrete Projeten an op dem Gesamtgebitt hu mir schonn dräi konkret, also do gouf et jo eng ganz Rei vun Aarbechtsgruppen, ech erwänen der do dräi.

Dat eent ass den Aarbechtsgrupp, deen am populäersten ass, iwwer d'Produits du terroir. Bei Produits du terroir, do denkt een éischter un d'Eisleck, Mëllerdall an d'Musel awer net un de Süden. Do gëtt et awer och en immens Potential an ech denken, datt bis 2022 do scho méi déi Produits du terroir, souwuel déi vun der Landwirtschaft wéi och déi travalléiert wäerten eng gréisser Visibilitéit kréien. Et ass och souguer envisagéiert, e grouse Maart ze maachen, 2022. Also, ech denken, datt dat schonn een Aspekt ass, dee ganz konkret ass an dat interesséiert d'Leit och wierklech immens vill. Den zweeten Aarbechtsgrupp ass den, an do ass

Diddeleng jo natierlech och beträff, dat ass déi vun den Red Rock Trail, 2022 solle Visiteure déi an d'Kulturhauptstad kommen, déi sollen, ähnlech wéi et am Mëllerdall ass, e professionellen, attraktiven Trail hu vu grousem Niveau an deen si dann tëschent Käerjeng a Beetebuerg iwwer all déi Siten, souwuel Natursite wéi och historesch Site ka féieren an do si mir jo och amgaang e System vu Giten opzemaachen wou och an all Gemeng mindestens ee Gite zur Verfügung steet fir datt d'Leit och kënne do schlofen. Zu Diddeleng si jo Gesprécher gefouert ginn. Ech denken, dat ass och eppes ganz Konkretes, dat geet da vun dem abstrakte Man and the Biosphere erof.

An deen drëtten Projet dee mir natierlech perséinlech eis um Häerz läit, dat ass den, de Man and the Biosphere ass jo engersäits, do gëtt vill vu Natur geschwat, Biosphere, mee dat ass awer och de Man oder Woman, an dat ass hei an eise Kontext natierlech de materiellen an immaterielle Patrimoine vun der Industriegeschicht an do si ganz vill Aktivitéite gelaft, déi awer elo dohinne gefouert hunn datt den ale Projet vun dem Centre national de la Culture industrielle mat sengem dezentraliséierte Netzwierk vu Site erëm aus der fofzënjäereger Hibernatioun an engem Tiefkühler erausgeholl ginn ass an do d'Hoffnung besteet datt mir 2022 och de Visiteure net nëmmen dierfen aus dem Haus mee och eisen eegene Leit kënnen e flotte Réseau vu Site vum Patrimoine industriel kënnen ubidden. Ech denken, dat si schonn éischt Pisten an ech sinn éischters emol optimistes, datt mir dee Label kréien d'nächst Joer an ech sinn och optimistes datt mir bis 2022 an Zesummenaarbecht mat der Koordinatioun vun 2022, mee och déi vill Aarbechtsgrupp, datt mir do e Quantesprung gemaacht hunn an der Visibilitéit vun eiser Regioun net nëmmen dobause mee och no bannen an dofir kann ech dat och gudde Gewëssens – ech war elo e bësselche méi laang wéi den Här Manderscheid – awer ganz präzis, den Accord vun eiser Fraktioun zu der Adhesioun zum M.U.B., Minett UNESCO Biosphere, ginn.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Merci fir déi doten Erklärungen an och Präzisierungen. D'Madame Oliveira an dann d'Madame Kayser.

**EMILIA OLIVEIRA (LSAP):** Merci Här Buergermeeschter. Also mir vun der LSAP begreissen dee Projet vun der UNESCO an u sech kann ech mech jo elo kuerz halen, well Confrères hu jo alleguerten hir Meenung dozou gesot. Mir fannen et awer wichteg de Label ze kréien, well et einfach e positiven Akzent fir eis Gemeng ass, fir eisen Tourismus a géif jo dann den Tourismus hei zu Diddeleng e bësselchen unzéien a wat fir eis Gemeng eng Beräicherung wier an ech géing mech freeë wa mir dee Label kréichen. Villmools Merci.



**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Merci fir déi doten Zoustëmmung. D'Madame Kayser, et geet weider mat den Zoustëmmungen.

**MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):** Merci Här Buergermeeschter, selbstverständlech och vun eiser Säit ënnerstëtze mir dës Démarche fir de Label ze kréien an et war och ganz interessant dem Här Garcia nozelauschteren. Et ass virun allem och, dat war eng Fro, déi ech mir och gestallt hunn, de "Man" wou deen da bleift, an ech fannen et effektiv och wichteg, datt mir net nëmmen d'Regioun als Biosphär hunn, mä an der Biosphär wunnen och d'Mënschen an dat hunn ech och ganz interessant fonnt, datt do och schonn déi éischt Démarche si fir konkret Projeten ze maachen an déi net nëmmen zu Diddeleng mä och iwwer Diddeleng eraus. Mir mussen och e bësselche méi global denken, méi iwwer d'Grenze vun eise Gemengen eraus. Mee meng Fro ass: Wéi gesäit et aus mat der Zesummenaarbecht mat de Nopeschgemengen a Frankräich? Wéi ass do d'Zesummenaarbecht? Ass do och eppes ugeduecht oder kann een zum Beispill dee Label och ausbauen? Well de Minett hält jo net op zu Wuemereng, dee geet jo och doriwwer eraus an och net zu Lonkesch. Wéi ass et do mat der Zesummenaarbecht mat de net lëtzebuergesche Gemengen? Ass do eppes envisagéiert?

Oder kéint dat souguer entravéieren dee ganze Projet wann elo vun der Säit net genuch gemaacht gëtt fir zum Beispill déi verschidde Kritären unzewinnen déi ee brauch fir dee Label ze kréien. Dat war meng konkret Fro, mä, wéi gesot, soss si mir ganz begeeschtert a mir fannen et och flott, datt de PRO-SUD— mir si jo e bësselche esou déi Kritiker vum PRO-SUD, wat mécht en, wat maache se – mir sinn och frou datt si hei awer eng wäertvoll Aarbecht gemaacht hunn an och de ganzen Dossier och begleet hunn an och déi Entrevuë mat der Populatioun och organiséiert hunn. Do si mir och ganz frou driwwer a, wéi gesot, wann Dir mir do just nach kéint eng Explikatioun ginn, wéi gesäit et aus mat de Nopeschlänner? Merci.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Jo, ech mengen dorobber kann ech agoen an ech mengen den Här Garcia brennt och drop, e puer Punkten ze soen. De Moment befaasst sech d'Kandidatur mat de PRO-SUD-Gemengen, dat ass och dat wat mir deementspreechend à ce stade erarechen. Eng Zesummenaarbecht ass awer net ausgeschloss, mee à ce stade mat dem Timing deen si eis de Moment ginn hunn, beschränkt sech op déi eelef PRO-SUD-Gemengen.

**ROBERT GARCIA (DÉI GRÉNG):** Voilà, ech muss dem Buergermeeschter ganz Recht ginn. Ech wollt awer nach villäicht eng Remarque dobäi déi ech virdru

vergiess hunn. Dat hei ass dee bei 700 Man and the Biosphere dat zweet Gebitt dat en Industriegebitt betrëfft, et gëtt nach Turin mat sengem Ronderëm a soss si mir déi zweet. An d'UNESCO ass ganz interesséiert, datt mir dat gutt maachen. Dofir huet si eis – ech schwätzen elo schonn e bësselche mat enger anerer Kap – huet si dem Comité vun dem M.A.B. un d'Häerz geluecht fir d'éischt national eppes ze maachen, well et ginn zwar där transfrontalier Gebidder vum M.A.B., mee dat ass ëmmer relativ komplizéiert besonnesch mat engem Land wéi Frankräich wou ee muss fir all Feldwee an all Toilette muss bis op Paräis froe goen an dofir ass d'Taktik gewiescht, wéi de Buergermeeschter sot, fir d'éischt datt dat um Gebitt vum PRO-SUD klappt an da kann een an enger zweeter Phase net nëmmen dat eent Gebitt mee souguer verschidde Gebidder vun de Nopeschlänner derbäi hunn.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Wat ech hei och nach well präziséieren, wat scho puer Mol ugeschwat ginn ass, wéinst Tourismus an datt een och dovunner profitéiert. Generell, de PRO-SUD-hat jo déi Visite do organiséiert op Liesgau. Also, et ass esou, et dierf een sech och keng falsch Hoffnungen maachen... Mir wësse ganz kloer, datt wa mir de Label zréck behalen, datt mir natierlech oder verschidde Plazen effektiv duerch den Tourismus och hei profitéieren. Op der anerer Säit ginn et awer och sécherlech Plazen hei am Süden déi elo scho gutt funktionéieren, mee déi en zousätzlechen Attrait fir de Projet bréngen an déi, ob et de Projet elo géif ginn oder net géif ginn, déi géife selwer funktionéieren an och gutt ofschneiden, mee déi brénge natierlech eng Plus-value fir de Projet en tant que tel.

Et ass eng Win-Win Situatioun op béide Säiten am Kader vun der Vernetzung. Ech mengen et sinn Erfahrungswärter déi eis sécherlech hei feele mee awer, déi am Kader vum Dialog mat aner bestehende Projeten ëmmer interessant ass eranzehuele fir aus deenen Erfahrungen déi schonn anerwäerts gemaacht goufen, datt een och déi an d'Praxis ka mat abezéien. Voilà, dëst gesot, da géing ech proposéieren datt mir zum Vote iwwerginn.

Wien ënnerstëtzt hei de Gemengerot vun der Stad Diddeleng, eis Kandidatur fir den UNESCO Label Man and the Biosphere? **Dat ass unanime.** Da soen ech dem Gemengerot Merci och fir déi doten Zoustëmmung.



## 9. FESTLEEË VUN ENGER INDEMNITÉIT FIR D'MEMBERS VUM AARBECHTSGRUPP „BILDUNGSHAUS LENKESCHLÉI“

### DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Bei dësem Punkt geet et ëm d'Bildungshaus Lenkeschléi, nämlech ëm d'Indemnitéite fir d'Membere vum Aarbechtsgrupp an do ginn ech dem Josiane Di Bartolomeo-Ries d'Wuert.

### JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP):

Villmools Merci. Ech ka mech eigentlech ganz kuerz halen. Dir wësst, datt déi lescht Joere ronderëm d'Bildungshaus e Groupe de Travail entstanen ass, dee mëttlerweil awer véier Joer funktionéiert. Mir kommen an eng Endphas, d'Aarbecht gëtt wierklech net manner. Si gesinn sech mindestens zwou an eng hallef Stonnen d'Woch do uewen um Site an Italien am Appartement. Elo war d'Fro, vu datt eigentlech déi vun der Structure d'accueil, déi maachen dat während hirer Aarbechtzäit an d'Schoulpersonal huet dat bis elo fir näischt gemaacht. Mir hunn eis du mam Joël gesinn, mam Direkter an deem huet eis ugebueden, datt si et eventuell als Formatiounsstonne kéinte kréien oder herno iwwer de Contingent Déchargen. Vu datt dat awer elo nach net decidéiert ka ginn, proposéiere mir elo als Gemeng, datt mir deene sechs, siwe Leit déi do an deem Aarbechtsgrupp als Enseignant funktionéiere géifen eng Indemnitéit ginn an dat wieren 148,74 Euro Index 100. Dat ass am Fong dat selwecht wéi mir och beim Kannergemengerot fir den Encadrement géife maachen. Wann dat fir lech an der Rei ass.

### DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci Josiane Di Bartolomeo-Ries fir déi doten Erklärungen. D'Fro sinn op. Madame Kayser.

### MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):

Merci Här Buergermeeschter. Et ass wéi d'Madame di Bartolomeo gesot huet dat ass net ee Joer mee dat ass véier Joer wou déi Leit dru schaffen. Do sinn ech e bësschen erstaunt datt just eng Indemnitéit fir dëst Joer virgesinn ass. Meng Fro ass, sinn déi Leit déi lescht Joere remuneréiert ginn oder ass et effektiv esou wéi Dir sot, datt een dat als Formatioun oder Décharge konnt ugesinn? Da wollt ech awer och soen zu dem ganze Problem vun deene Leit déi do an dem Grupp sinn, déi erwaarden sech mengen ech net onbedéngt elo eng Indemnitéit. Ech mengen, dat ass dee klengste Problem. Ech menge mir mussen eis onbedéngt esou séier wéi méiglech zesummesetze wéi mir kënnen d'Reglementatioun vun der Affektatioun vum Léierpersonal beziungsweis vun

de Educateuren an dat Bildungshaus Lenkeschléi organiséieren, well do si jo Leit déi hunn sech mat Häerzblutt do investéiert an dee Projet aus dem Null eraus opgebaut an ech denken, do musse mir och wierklech kucken, datt mir dem Engagement och Rechnung droen, net datt déi Leit eis verluer ginn an datt déi herno traureg a frustréiert sinn an och rose si mat eis. An ech denken och, ob déi elo e puer Euro Indemnitéit méi oder manner am Endeffekt kréien, domat ass et net gedoen. Dofir musse mir kucken datt mir do esou séier wéi méiglech dee Règlement d'affectation des postes nach eng Kéier op de Leescht huelen. Voilà, dat wollt ech awer nach eng Kéier kuerz soen, datt mir dat net vergiessen.

### DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci fir déi dote Stellungnahm. Nach weider Remarken? Dat ass net de Fall, da ginn ech d'Wuert weider un d'Josiane Di Bartolomeo-Ries.

### JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP):

Voilà, jo ech wëll awer direkt reagéieren hei op wat d'Madame Kayser gesot huet. Et ass net esou, datt si nëmmen déi Indemnitéit kréien, si kréien och Formatiounsstonnen. Déi kréien se derbäi. Dat eenzegt dat mir ofgemaach hunn och mam Direkter, dat war datt d'Indemnitéit am Fong ophält wann si d'Déchargé kréien. Well mir awer net wësse wéivill, dann hu mir gesot, ok da waarde mir of ob si iwwerhaupt, well mir wësse net ob si am Contingent nach Stonnen iwwereg bleiwe fir hinnen Déchargen ze ginn. Mir wollten awer reagéieren, firwat nëmme réckwierkend op den éischte Januar. Dat war am Fong esou datt si elo wierklech an der Endphase richteg vill musse schaffen. Ech mengen dofir war réckwierkend op den éischte Januar. Ech wëll awer och zu der anerer Remark soen, ech hu net méi spéit wéi muer de Mëtten, mir hate schonn eng Kéier an der Direktioun eis mam Aarbechtsgrupp getraff a muer de Mëtten hu mir um halwer dräi hei Rendez-vous hei mam Aarbechtsgrupp vum Bildungshaus fir da Punkten ze klären, déi musse gekläert ginn.

### DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci. Da géing ech proposéieren, datt mir iwwer dës Indemnitéit fir den Aarbechtsgrupp ofstëmme. Ass de Gemengerot domat averstanen? **Dat ass unanime**, da soen ech lech Merci.



## 10. PERSONALFROEN

### 10.1. Festleeë vun Indemnitéite fir Keesseverloschter fir déi eenzel Gemengenagenten

#### DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Deen nächste Punkt betrëfft d'Personal, dat heescht dat ass de Punkt 10. Do geet et ëm eng Fixatioun vun enger Indemnité pour perte de caisse fir verschidde Gemengemataarbechterinnen a -mataarbechter an dat ab dem 1. Januar 2019. Dir wësst jo, datt mir hei déi Indemnitéit gi fir déi Leit déi mat Boergeld, mat Suen ze dinn hunn hei am Haus an effektiv hu mir dat jo och beschränkt op ganz Rei Servicer, déi am Alldag, wéi gesot, mat boer Suen ze dinn hunn an déi Leit déi dann hantéiere kréien déi Indemnité pour perte de caisse an dat wier engersäits d'Recettes communales an d'Fakturatioun an den Accueil a Réception. Déi haten et menges Wëssens schonn. Dann ass de Centre culturel op der Schmelz Oweskeess wa Concerte sinn.

A wat elo ganz nei derbäi kënnt, dat ass d'Jugendhaus. Dat ass jo elo ganz nei. Et war jo virun d'A.S.B.L. d'Educateurenagestallt huet. Dat ass dann natierlech net iwwer d'Gemeng gelaf wann si Suen effektiv manipuliert hunn. Vun do u wou et awer elo Employés communaux sinn, handhaben si eben och mat Boergeld am Alldag an awer virun Allem och während dem Jugendsummer, bei den Aschreiwungen an dofir musse mir dat och hei deementspreechend adaptéieren. Voilà, dat ass einfach d'Erklärung dozou. Ass de Gemengerot domat averstanen? Jo, **dat ass unanime**, da soe mir lech Merci.

### 10.2. Kreatioun vun engem zousätzleche Gemengenemployéposte fir den Depart an d'Pensioun vun engem Gemengenagent auszegläichen

#### DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da komme mir op d'Kreatioun vun engem Poste vun engem Employé communal awer dann an der Kategorie C zu Groupe technique en surnombre an dat eben in weiser Vorraussicht well ab Hierscht, also et ass am Service Gestion et Maintien du Patrimoine, als Gas- a Waasserwierk an dat wat ee vun eise Mataarbechter am Hierscht 2019 an d'Pensioun geet. Et gëtt hei de ëm de Carlo Bodry an do ass am Fong hei d'Propos un de Gemengerot, e Poste en surnombre elo ze schafen a natierlech, wann den Här Bodry an d'Pensioun geet, säi Poste ofzeschaffen. Firwat schafe mir hei en Employé-communalsposten? Et muss een hei jo soen, datt den Här Carlo Bodry jo an der Salariéscarrière ass an hien en Employéposte jo ausféiert. Dee ganze Volet ronderëm Gas a Waasser wat d'Achaten ugeet,

wat d'Fakturatioun ugeet, wat déi ganz Gestiouen ugeet vu Logistik a vum Stock. Dat ass natierlech de Profil vu senger Aarbecht wann ee kuckt engersäits hien als Salarié huet sech do e ganzt Wëssen ugëeegent iwwer all déi Joere wou en hei op der Gemeng schafft a natierlech déi ganz Experienz, dat ganzt Wëssen ass haut wéi esou oft Situatiounen sinn, gläichstellen éischter mat engem administrative Poste, wéi elo reng mat engem classesche manuelle Poste.

Dat ass jo classesch, Leit déi manuell ugefaangen hunn, mee déi sech effektiv iwwer all déi Joeren sech eng gewësse Kompetenz ugëeegent hunn, déi och eriwwe gaange sinn an den administrative Beräich esou datt mir haut den Ufuerderungen am Fong fir esou e Poste, net méi e classeschen Aarbechter also Salarié ass mee éischter en Employé administratif. An dofir wëlle mir en och deementspreechend als Employé administratif och hei effektiv kréieren an eben och mat der Obligatioun, mat deem Engagement, datt mir natierlech dee Poste als Contre-maître Carrière V4 à tâche complète ofschafen ab dem Moment wou den Här Carlo Bodry an d'Pensioun geet.

Voilà, dat ass e bësselchen d'Erklärung firwat datt mir am Fong dat wëlle maachen an dann eben och herno am Huis clos d'Propos fir och déi Persoun anestelle well et och hei dorëms geet dat Wëssen, dat sech effektiv iwwer all déi Joeren ugëeegent gouf dat och en temps utile kënne weiderzedroe fir ze verhënneren, datt den Här Bodry an d'Pensioun geet, hie net méi disponibel ass an déi Persoun eben an den Service kënnt an net weess. Dat heescht, och do eng Transmissioun ze maachen. Ech mengen, dat gëtt jo ëmmer méi wichteg grad ebe bei Mataarbechter déi e gewëssent Wëssen hunn, datt een och nach Zäit huet dat Wësse mat op de Wee ze ginn. Voilà, dat ass e bësselchen d'Operatioun, déi mir hei och wëllen agoen andeems déi heite Kreatioun vun deem Employé-communalsposte maachen.

**MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):** Merci Här Buergermeeschter, et erstaunt lech net datt d'CSV och frou ass, datt och hei sënnavoll mat enger Postekreatioun ëmgaangen ass, wou och explizit schonn dra steet datt effektiv och an de Poste herno vum Här Carlo Bodry ofgeschafft gëtt. Ech wëll awer och net verhehlen, datt et awer remarkabel ass wéi den Här Bodry am Laf vu sengem Liewen, dat nennt ee Lifelong learning, wéi deem seng Carrière am Fong mutéiert huet zu dem wat en elo mécht, dat heescht de Mann ass effektiv den Haaptorganisator vun Achat a Fakturatioun an esou weider an och nach Gestiouen vum Personal an ech mengen, wa mir elo gesinn hei, mir schafen elo ee neie Poste fir hien z'ersetzen.



En plus gëtt een Deel vu senger Aarbecht scho vun enger anerer Mataarbechterin gemaacht, also dofir Respekt un den Här Bodry, dat explizit och ee Mol eng Kéier ze soen, datt mir och ee Mol eng Kéier e Mann kënne luewen deen esou vill der Gemeng och bruecht huet a wou mir praktesch zwee Leit brauche fir dee Mann z'ersetzen. Voilà, Merci.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Merci. Nach weider Froen? Här Friedrich?

**JEAN-PAUL FRIEDRICH (CSV):** Ech wollt just eng Remark dozou maachen. Ech wëll just soen datt Dir wierklech do eng positive Saach maacht andeems Dir och déi Carrière e bësselchen anescht ausschreift, doduerch datt dat e bësselchen anescht ersogewäert gëtt och am private Beräich ass dat mëttlerweil och esou, well et si ganz vill Leit, déi schaffen op engem Posten, deen et elo net méi gëtt. Ech soen elo, wann ee fréier e Keessjee war, e Keessjee ass net méi haut Keessjee, hie mécht eng ganz aner Funktioun an hei ass et och esou. Een deen an senger Carrière evoluéiert, dee soll och deementspreechend agestuft ginn a wat ganz positiv och ass, ass datt een effektiv déi Transmissioun ka maachen. A wann ee vun haut op muer fort ass, dann ass dat Wësse fort a fir en heihin ze kréie fir dat Wëssen deem anere weiderzeginn, dat ass sauer, dofir ass et ideal, datt en déi Zäit kritt fir dem anere kënne Saachen ze weisen.

Dat ass perfekt an esou soll et gemaacht ginn net nëmme fir ee Posten, mee och fir déi Posten, déi effektiv ëmmer ganz wichteg sinn, well mir mierken och op anere Plazen, déi Leit déi an d'Pensioun ginn, heiansdo ginn si net ëmmer a gudden Terme fort, dofir muss ee profitéieren dee Moment wou si do sinn, wann si a gudden Terme sinn ass et ëm esou besser, mee wann et méiglech ass déi aner nach ze forméiere wann en nach do ass, da sol lee vun dem Wësse profitéieren, well wann e bis fort ass, da gëtt et ganz schwéier dat Wëssen erëmzekeréien. Dofir Chapeau, datt Dir dat esou maacht. Tipptopp!

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Ech kann deene Remarque nëmme zoustëmmen. Soss nach weider...? Dat ass net de Fall. Gutt. Ass de Gemengerot mat dëser Création de poste averstanen? **Dat ass unanime**, da soe mir lech och do Merci.

### **10.3. Creatioun vun engem Gemengenugestallteposte fir de psycho-sozialen Encadrement**

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):**

Da gi mir iwwer op déi nächst Création de poste an do geet et och ëm en Employé-communalsposte fir den Encadrement psychosocial vun eise Mataarbechterinnen a Mataarbechter. Ech mengen Dir kënnt lech jo erënneren, datt mir hei am Kader vun der Presentatioun vum Organigramm jo an Aussiicht gestalt haten, datt mir e Service psychosocial an d'Liewe ruffen an datt mir och an dem Kader och eng kompetent Persoun wëlle rekrutéieren.

Mir wäerten haut am Huis clos nach eng Kéier doriwwer befannen. Ech wollt awer hei dem Gemengerot awer och soen, mir schafen hei en Employé-communalsposten, 40 Stonnen, Durée indéterminée, Catégorie d'indemnité A respectiv A1. Awer d'Ausschreiwung en tant que telle wéi mir se gemaacht hunn, dat ass also e Masterposten, dat heescht en A1 dee mir hei wéi gesot astellen ab dem 1. August 2019 fir effektiv de ganze Volet, an doriwwer hate mir diskutéiert, vun engersäits präventiv kënne ze schaffen hei am Haus respectiv awer och als Aarbechtspsycholog do wou et néideg ass och kënne z'intervenéiere beim Personal, well mir bal 600 Mataarbechter hunn an och eng Heterogenitéit vu Servicier an och eng Heterogenitéit vu Mataarbechterinnen a Mataarbechter mat all deene Profiller déi si effektiv mat op d'Aarbecht bréngen.

An ech mengen d'Aarbechtspsychologie ass eppes, dat méi staark am Privatsektor present ass, mee mengen ech ëmmer méi op d'Gemengen duerkënnt, och am ëffentlechen Secteur sinn nach wéineg Gemengen, déi et maachen. Ech mengen, et ass just d'Stad Lëtzebuerg, déi deen heite Wee gang ass. Mir sinn also déi zweet Gemeng, déi deen heite Wee geet. D'Fonction publique, de Staat selwer ass och dee Wee gaangen, eng Police huet och e Psycholog fir effektiv méi spezifesch anzewierken op d'Mataarbechter vun der Police. Also, am ëffentlechen Secteur ass et nach net esou present an awer kënnt et ëmmer méi op, well effektiv och d'Gemengen och zu moderne Betriber ginn an och an enger heteroclite vu Situatiounen befaasst ginn, wou een och do muss dat néidegt Encadrement kënne garantéieren.

Fir e bësselchen auszehuelen ass dat hei natierlech eng Persoun, déi eng gewëssen Hëllefstellung soll kënne ubidden an och soll wëllen, kënne orientéieren, déi och natierlech soll en therapeutesch Background hunn, dat war och esou an der Ausschreiwung festgehalten, déi awer net therapeutesch soll schaffen.



Natierlech och ass hei iergendwann eng Kéier d'Limite ukomm vun Interventioun, da muss ee natierlech weider orientéieren a méi spezifesch Servicer en fonction vun der Problematik wou effektiv d'Mataarbechterinnen an d'Mataarbechter och hei deemtsprechend erlieft.

Wat awer nach eng Kéier spezifesch zu der Ausschreibung selwer do wollte mir eis am Fong näischt verbauen, quitte datt natierlech herno och méi A1 sech gemellt hunn ewéi A2. Mir haten och ofgeschwat mam Ministère de l'Intérieur, datt mir fir dee Consultant psychosocial hei dee mir wëllen astellen datt mir do einfach en Appel à candidatures maachen an oploossen souwuel en A1 wéi och en A2. Well d'Iddi war, entweder fanne mir en A1 mat enger gewëssener Berufserfahrung den en interessante Profil huet, mir fannen awer och villäicht en A2, also e Bachelor, den och eng gewësse Berufserfahrung huet, e gewësse Bagage huet an deen och mengen ech den heite Service kéint leeden. An d'Erfahrung huet eis awer gewisen um Niveau vun de Kandidaturen, datt vill méi A1 sech gemellt hunn ewéi A2, also wierklech prépondérant esou datt am Fong och hei d'Iddi ass en A1 hei deemtsprechend ze schafen an déi Persoun soll natierlech kënnen Indépendant schaffen an natierlech sollen do och d'Mataarbechterinnen an d'Mataarbechter konsultéieren, net Angscht hunn datt iergendwellech Repercussionen direkt op si kommen.

Natierlech wäerten déi Mataarbechterinnen an d'Mataarbechter déi hei wéi gesot déi Aarbecht solle maache vernetzt schaffe mat de Servicer mee natierlech sollt och eng gewëssen Onofhängegkeet gewahrt bleiwe wann d'Leit de Service deemtsprechend konsultéieren. Wéi gesot, ech hat dat e bësselche méi wäit ausgeholl, mee déi Diskussioun hate mir jo schonn och am Kader vum Organigramm, e bësselche méi wäit ausgeholl wat engersäits de Service ugeet deen hei engersäits soll gegrënnt ginn respektiv och déi Persoun, déi am Fong elo hei, wann si de Service an Ugrëff hält och eng gewësse Gestaltungsfräiheet an och Neiland am Fong betrëtt. Natierlech sech kann och inspiréiere bei aneren staatleche Servicer oder Gemengeservicer, mee wéi gesot, hei ass och e bësselche Neiland an et geet awer eng gewësse Noutwennegkeet an dës Richtung ze goen. Voilà, et ass e bësselche méi wäit ausgeholl wat engersäits de Service ugeet awer och d'Ufuederunge vun der Persoun déi dës Service am Fong ausmécht, dat eent geet net ouni dat anert. Voilà, dat zu den Erklärungen. Madame Kayser.

**MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):** Merci Här Buergermeeschter, och d'CSV begréisst d'Kreatioun vun dësem Posten. All Schoulgebaier huet säi SPOS, huet säi Schoulpsycholog wou d'Schüler kënnen higoen wann si Doleancen hunn an ech mengen mir sinn e grouse

Betrib. Et ass wéi den Här Buergermeeschter gesot huet och am Secteur public ginn et ëmmer méi Servicer déi och eng psychologesch Ulafstell hunn. Sécher ass am Ufank eng gewëssen Hemmschwell wahrscheinlech do fir mat senge private Problemer bei de Psycholog aus dem Betrib ze goen, mee ech denken dat gëtt iwwerbewäert well ech denken d'Leit sinn einfach frou wann si wëssen, hei do ass e Psycholog, do kann ech higoen, en ass awer joignabel, well fir bei en ausstehende Psycholog ze goen, do ass d'Hemmschwell heiansdo nach méi grouss. A wa mir dat diskret maachen an déi Persoun och integréieren, ech weess elo net wéi dat virgesinn ass vum Bureau hier, an de Personalbureau, an de Chancegläichheitsbureau wou ir jo och scho esou Aktivitéiten awer haten, ob mir déi do integréieren.

Mä ech denken, et ass wichteg datt mir dem Personal d'Hemmschwell huelen, datt mir dem Personal soen, hei déi dote Leit sinn do fir deng Doléancen ervirzebréngen, fir op dech ze lauschten, déi therapéieren net an ech fannen et och wichteg datt mir dat och kloer soen, datt mir och d'Leit weider orientéiere wa Besoinen do sinn, mee heiansdo geet et mat engem einfach Gespréich kann ee viles léisen a wat eis virun allem och wichteg ass an de Buergermeeschter huet et gesot, datt och den Input vun der Persoun fir e gutt Aarbechtsklima an all eise Servicer eranzebréngen, datt den Input ka kommen andeems ee weess wat fir Doléancen d'Leit an deene verschiddene Servicer hunn. Mir si ganz zouversichtlech, datt wa mir do déi richtig Persoun fannen, datt dat eng absolut Plusvalue ass fir all Mënsch den hei op der Gemeng schafft. Merci.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Merci och. Här Friedrich.

**JEAN-PAUL FRIEDRICH (CSV):** Ech fannen et och eng ganz begréissenswäert Initiativ. Och dat ass erëm e ganz positiven Aspekt well ech jo och gesinn datt ech a mengem Beruff als Delegéierte wou mir och scho ganz oft op der Bankeplaz gefrot hu fir e Psycholog ze kréie well mir kréien als Delegéierte ganz vill Leit déi och mat perséinleche Problemer, och mat vill méi wäit Saache kommen an do wier et och ganz wichteg fir esou eng Persoun ze hunn an dat froe mir schonn als Delegéiert déi ganzen Zäit.

D'Bank ass bis elo nach net drugaangen, mä mir hoffen datt si och op dee Wee ginn. Dofir ass et hei begréissenswäert. Ech mengen wann ee ganz vill Leit an enger Sociéitéit oder an enger Gemeng schaffen huet dann ass et och ganz wichteg wann ee esou eng Usprichpersoun huet an als Delegéierten, mir spillen ëmmer heiansdo schonn de Rôle als Psycholog, mee et ass heiansdo besser et huet een een deen nach méi



doranner forméiert ass well dee ka nach méi de professionellen Aspekt ginn. Dofir ass dat hei natierlech absolut begréissenswäert.

### DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci och fir déi doten Zoustëmmung. Nach aner Stellungnahmen? Dat ass net de Fall. Da wollt ech awer villäicht nach zwou Remarque maachen. Et ass jo net wéi wa mir bis elo näischt gemaacht hätten. Mir hunn elo e Service psychosocial am Organigramm kreéiert, mir stellen elo eng kompetent Persoun an déi dann och natierlech hir Repère muss fannen, mee virdrun hate mir jo sougenannte Observatoire social souwuel wéi der Service à l'égalité des chances och mam Personalbureau eng Ulafstell scho war. Dat war e bësselchen esou eng Plattform, eng hybrid Plattform, wou Leit natierlech konnten higoe wann si effektiv eng gewësse Situatioun och hate wou och e bësselche méi schwierig war, dat heescht mir hate schonn eng Ulafstell, mee mir ginn elo e Schratt méi wäit, mir professionaliséieren et aus den Erfahrungswäerter déi déi lescht Joere gemaacht hunn a mir wäerten dës Service wuel net integréieren an en aneren. Dat hate mir jo och schonn am Organigramm ausgewisen, ebe grad well eng gewëssen Indépendance soll hunn an dat soll och vis-à-vis vun de Mataarbechterinnen a Mataarbechter deemtspriechend och gewise ginn, datt dat och deemtspriechend esou soll gekennzeechent si fir net nach Imbrikatiounen mat anere Servicer ze hunn.

Voilà, dës gesot géng ech proposéieren, datt mir zu der Kreatioun iwwerginn. Wien ass mat dësem Posten averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech hei dem Gemengerot Merci.

## II. MOTIOUNEN AN INTERPELLATIOUNE VU MEMBEREN AUS DEM GEMENGEROT

### 11.1. Motioun vun der Fraktioun „Déi Lénk“ iwwer d'Partizipatioun um „weltwäiten Appel vun de Stied zugonschte vum Traité vun de Vereenegten Natiounen iwwer d'Interdiktioun vun Nuklearwaffen“ vun eiser Gemeng

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Bei dësem Punkt geet et ëm Motiounen an Interpellatiounen vu Memberen aus dem Gemengerot. Déi éischt Motioun gëtt presentéiert vun Déi Lénk an do geet et ëm den Traité vun der UNO iwwer d'Interdiktioun vun den Nuklearwaffen an do ginn ech dann dem Vertrieeder vun deene Lénken d'Wuert.

**YVES JADIN (DÉI LÉNK):** Villmools Merci. Also dat Thema hei läit mir och wierklech zimlech um Häerz, dofir wier ech frou wann dir géift nolauschteren. An der Hoffnung datt jiddwereen hei ronderëm den Dësch sech d'Méi gemaach huet, eis Motioun ze liesen an sech e bëssen op den Internetsiten informéiert huet, wëll ech awer nach e puer Wieder dozou soen. Eis, virun allem mir, ass bewosst, dass dësen Appel just eng Drëps op de waarme Stee bedeit, et ass an der Realitéit fir verschidde Leit just e Stéck Pabeier. Mee awer sinn ech, mir, der Meenung, dass d'Gemeng Diddeleng senge Bierger dat schëlleg ass. An net nëmmen d'Diddelenger Gemeng mee d'ganz Land, Europa, iwwerhaupt d'ganz Welt misst dës Wee goen, da gëtt aus der klenger Drëps eppes aneshtes.

Et kann een net akzeptéieren, dass de Bierger, mir all, sech muss aldeeglech Gedanken maachen an an enger stänneger Bedroung liewe muss, dass op ee Mol eng Atombomm fält, sief dat bewosst, sief dat wéinst enger technescher Pann. Da kann en nach frou sinn datt et just eng ass. Egal wou an der Welt e Konflikt ausbrécht, héiert een d'Leit oft soen: „Déi wäerten dach elo net...“ oder „Dat gëtt en Atomkrich“, dat sinn d'Gedanke vu ville Leit. Bis elo ass et gutt gaangen. Mir, déi Lénk, fannen et eng Pflicht, dass d'Gemengen an all d'politesch Responsabel aus der Welt sech zesummendinn an sech géint d'Oprëschten, Stockage a Weiderentwécklung vun der Atomwaff, esou wéi de Gebrauch, ausschwätzt. D'Ofschafe vun dëser Massenvernichtungswaff ass e Must. Mee leider fält Chrëschttag och net op Ouschteren. Wann ee bedenkt, dass d'Benotze vu Chemiewaffen an Antipersouneminne vun der UN condemnéiert gëtt, froe mir eis firwat dat net fir d'Atomwaffe gëllt. Dest ass bekanntlech déi déidlechste Waff wou de Mënsch je erfonnt huet an ass leider schonn zwee Mol mat desastreus Folgen agesat ginn. 1951 ass an den USA e Film eraus komm, Duck and cover, den d'Leit virun allem d'Kanner sollt opkläre wéi een sech bei eng Atomexplosioun verhält soll.

Wuertwärtlech heescht dat „sech bëcken a bedecken“. De Bert, eng Deckelsmouk, Haaptpersonnage an dësem Film, verstoppt sech hannert hirem Panzer, an hirem Panzer, nodeems e grad e Blëtz gesinn huet. D'Kanner verschanzen sech ënnert der Schoulbänk oder bei enger Mauer an zéien, zum Beispill, hir Jackett iwwer de Kapp. Naiv a falsch, well dat notzt guer näischt a just privilegiéiert Leit kënnen sech an hirem Atombunker verkrauchen. A villäicht nach e puer Joer an enger groer a liefloser Welt dohinner vegetéieren. Déi Responsabel, déi den Atomkrich ugestiwwelt hunn, sëtzen natierlech och an engem Bunker a wäerten sech dann hoffentlech bewosst ginn, wat se erreecht hunn: Näischt.



Zu kengem Moment gëtt am Film Duck and cover vun engem Fall-out geschwat nach d'Nofolleg vun esou enger Explosioun thematiséiert, halt Propaganda fir eng déidlech Menace erofzespillen. Eréischt wéi verschidde Filmer iwwer Hiroshima an Nagasaki publik gemaach goufen, huet den normale Bierger déi schrecklech Wierklechkeet gesinn an erkannt. Bon, Verschiddenen op dëser Welt schénkt dat egal ze sinn a sinn informationsresistent. An awer schwätze d'Zuelen eng aner donkel Sprooch.

Ongeféier 100 000 Liewen sinn innerhalb vun Sekonne bei deenen zwou Explosiounen ausradéiert ginn. Bis Enn 1945 stierwen nach ee Mol 130 000 Mënschen. D'Zuel déi un de Folgeschied gestuerwe sinn, ass onbekannt. Duck and cover, eng Illusioun. Mee haut ass de Mënsch opgekläert an informéiert. An dofir ginn et nach ëmmer Atomwaffen an aktuell ass den Iran amgaangen Uran unzeräicheren, an dat sécherlech net fir medizinesch Zwecker. An desem Sënn hoffen ech, dass de Gemengerot eis Motioun unanime unhëllt. Ech soen iech Merci fir d'Nolauschteren, wollt awer nach eng perséinlech Meenung lass ginn. Ech wäert ni acceptéieren, dass wéinst e puer Individuen hei op der Welt déi, ech drécken et elo ganz fein aus, wéinst hirem Ego an enormer Schlaueet ufänken, Menacen auszuschwätzen an dobäi Atomwaffen a Consideratioun zéien. Merci.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Merci dem Här Jadin. Ech mengen, dat ass e Point à l'ordre du jour, ech mengen do kënnen och nach déi aner Fraktiounen Stellungnahm dozou huelen, wann se wëllen. Här Garcia.

**ROBERT GARCIA (DÉI GRÉNG):** Jo, ech hat virdru bei der Diskussioun iwwer de Man and Biospher gesot, dass et eben Adhesiounen u Pakten oder Appelle ginn, déi éischter symbolesch sinn, an anerer déi éischter praktesch orientéiert sinn. Hei si mir natierlech an engem Fall wou et éischter symbolesch ass, well ech gleewe kaum, dass d'Gemeng Diddeleng als Gemeng isoléiert oder och mat anere Lëtzebuerger Gemengen elo iergendwellech Trumpfen oder Ayatollahen kann iwwerzeegen op den Asaz vun Atomwaffen ze verzichten.

Ech fannen awer, do ginn ech dem Yves Jadin Recht, dass een net sol einfach soen "Mir sinn einfach lächerlech kleng a mir wëllen iwwerhaapt näischt maachen" an ech denken ähnlech wéi bei anere Pakte géint d'chemesch Waffe fir d'Verbuet vun FCKWe muss een iwwerleeën, dass dat, dass ganz vill Saachen, déi herno en immensen Impakt hat ab der Basis ënne bei de Gemengen ugefangen hunn, mengen ech net dass dat heite weder lächerlech nach nützlos ass an dofir géife mir op alle Fall de Soutien vun eiser Fraktioun zu der Initiative

ginn, wëssen natierlech dass den Impakt vun Diddeleng elo och villäicht nëmmen eng kleng Dréps ass, mee vill Dréps kënnen de Steen, bekanntlech, zu Sand verwandelen.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Merci och fir déi doten Stellungnahm. Ech mengen, mir sinn eis eens, dass wann effektiv dëst ënnerstëtzt gëtt, dass dat nëmmen symbolesche Charakter huet, well mir als Gemeng iwwerhaapt guer keng Kompetenz hunn, well et jo u jeeweilegen nationalen Regierungen ass dësem Traité effektiv bäizetrieden, an dofir maache mir jo och hei Appel, respektiv dann awer och déi symbolesch Ënnerstëtzung, an ech mengen do ass et ganz wichteg, also net onwichtig, dass och do déi néideg Nuance ass. Ech mengen, dat heiten ass jo en Traité den 2017 de Friddensnobelpreis jo och krut. An dee sëtzt sech jo effektiv weltwäit dofir a fir Atomwaffen ze verbidden an effektiv nieft dem Verbuet, wat awer och mengen ech net onwichtig ass, ass awer och de Volet vun der Präventioun vun de Konflikter, deen och Partie intégrant ass vun dësem Traité.

A mir hu jo d'Chance säit 75 Joer kënnen hei a Fridden an Europa ze liewen, ech mengen, déi Chance hu mir. Verschidden aner Länner hunn déi Chance effektiv net. An et ass natierlech net onwichtig, dass mir effektiv déi dote weltwäit Bewegung och ënnerstëtzen. An et ass jo och en Opruff gemeet ginn 2018 vun der Friddens- a Solidaritéitsplattform effektiv symbolesch hei dësem Traité bäizetrieden. Also un sech, mengen ech, eng ganz ganz wichteg Saach an dofir mengen ech och vun eis aus mengen ech kéinte mir effektiv dem Fol-leeschten. Voilà.

Ech wëll awer och betounen, dass de Gemengerot lech nogelauschtert huet. De Contraire ze behaapten, wier eng Ënnerstellung. D'Aart a Weis, wéi Dir et formuléiert hutt. Ceci dit, géif ech awer hei de Gemengerot froen effektiv ob en domadder averstanen ass hei symbolesch dem ICAN bäizetrieden, respektiv en Appel un d'Regierung ze maachen och sai Rôle z'iwwerhuelen. Ass de Gemengerot domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech iech villmools Merci.



### **11.2. Interpellatioun vun der Fraktioun „Déi Gréng: Eng Strategie a Mesurë vun der Gemeng fir an Zukunft bei ëffentleche Veranstaltungen de Gebrauch vun Eeweeverpackungen a Plastik ze vermeiden an eng Zero Waste Leitlinn fir déi Veranstaltungen ze konzipéieren an duerchzuführen“**

#### **DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):**

An dann ass nach en anere Punkt den zousätzlech drop komm ass. Dat ass d'Motioun vun deene Gréngen, wat den Zero Waste ugeet. An do ginn ech dem René Manderscheid d'Wuert.

**RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN):** Also ech géif proposéieren, dass Déi Gréng ...

#### **DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):**

Dir musst Är Motioun virstellen. Entschëllegt. Här Garcia, Dir hutt d'Wuert oder d'Madame Goergen.

**ROBERT GARCIA (DÉI GRÉNG):** Okay, also a mengem Fall kann ech verstoen, dass dir net méi nolauschtert well dat doten Thema schonns esou laang um Ordre du jour ass, ech wäert mech dofir am Kader vun dëser Interventioun och ganz kuerz faassen, net well et scho spët ass an d'Summerlach scho virun der Dier lauert, mee well dat leidegt Thema vu Méi-Wee-Behälterten säit den Diskussioun ronderëm den Asaz oder den Net-Asaz vum Spullweenchen, Verschiddener wäerten sech erënneren, säit Jorzéngten en Dauerbrenner am Gemengerot zu Diddeleng war an ass, am Géigesatz zu anere Gemenge wou dozou manner laang geschwat a méi kuerzfristeg gehandelt gëtt.

Ech wëll awer zwou Präzisiounen ginn zu menger Interpellatioun. Dat eng ass, ech fokusséiere mech op déi ëffentlech Manifestatiounen an net op déi aner Saach, wou och schonn driwwer geschwat ginn ass, d'Initiativen an de Schoulen, quitte dass een d'ganz Saach muss an engem Kontext gesinn, mee ech fokusséiere mech op déi ëffentlech Manifestatiounen. An dat zweet ass an dat klengt elo e bësse paradox, ech maachen elo e Plädoyer fir de Plastik, well ech sinn net an enger GAP, an enger grénger Anti-Plastik-Partei, mä et muss een herno kucke wéi ee Stoff huet de beschte Footprint, déi beschte Cradle to cradle oder Economie circulaire Bilan an net ideologesch fir oder géint e Material ginn, an a mengem Fall hei maachen ech eben e Plädoyer fir de Plastik, wat net verhénnert dass een op anere Gebidder géint de Plastik operéiert, respektiv haaptsächlech géint den Ee Wee Plastik. Virun X Joere gouf de Spullweenchen als Alternativ zu der Notzung vu Wegwäerfgeschir agefouert. Et muss een zouginn,

dass d'Notzung vum Spullweenchen opwenneg ass a vill Handaarbecht vu sëllege Benevolen, Handkesselchen erfuerdert. An en eegent sech allerdéngs och éischter fir kleng an iwwerschaubar Manifestatiounen. Fir grouss Veranstaltungen, wou den Asaz vu Porzellan a Glas aus Sécherheetsgrënn problematesch ka sinn, gouf viru bal 20 Joer d'Konzept vum quasi onendlech verwäertbare Cup konzipiert.

Déi Behälter aus héichwäertegem, haarden, awer lichten, hygiesch einwandfreie Plastik waren um Ufank e bëssen onattraktiv. An der Zwëschenzäit ginn et se an alle Formater, vum Béierglas bis zur Champeskippen, mat allen Dekoratiounsoptionen déi méiglech sinn. Natierlech huet och de beschte Konzept net nëmme Virdeeler, esou ass et fir waarmt Gedrénks, esou wéi Kaffi, nach ëmmer net erweisen, op net de Kartongsbecher déi besser Ökobilanz huet oder net. Mä och do ginn et stänneg Fortschreitter an do wäerten nach an den nächste Joeren nei Produiten op de Maart kommen. Och bei net flëssegem a waarmen lesswuere muss een Ofstrécher maachen. Kann ee bei Zaloten an aneren Imbiss nach mat Méi-Wee schaffen, esou gëtt et bei fettem Gefréiss wéi de beléifte Fritten scho méi problematesch. Mee och do ginn et och méi ëmweltfrëndlech Léisunge wéi Eeweeplastik mat liicht verwäertbarem Material, wat och schonns vu Maartstänn a Foodtrucks genotzt gëtt. Problematesch ass natierlech och d'Tatsaach dass, zumindest bei grouse Quantitéiten, déi gebrauchte Becheren a Gläser an eng professionell Wäschanlag muss geféiert ginn. Bei klenger Quantitéit mécht et och eng professionell Gastro-Spülmaschinen, mee och do ass erëm den Drëschungsprozess extrem problematesch. Et ass also sënnavoll dass sech eng Rei Acteuren zesummen schlësse fir gemeinsam eng Wäschanlag ze bedriewen, esou dass den Transport minimiséiert gëtt an net eng héisch Masse critique muss gi si fir dass den Transport sech lount.

Wat den Asaz vun esou Becheren a Gläser eben attraktiv an ökologesch sënnavoll mécht, ass engersäits d'Tatsaach, dass se laut Hiersteller bis zu 500 Mol mee an der Praxis awer bis zu 1000 Mol benotzt kënnen ginn. Anerersäits awer och dass et kee Risiko vu Schierbele gëtt an dat et ëmmer méi Formater, bis hinn zum Wäin- oder Champesglas, um Maart sinn. Natierlech mécht dat Ganz nëmme Sënn wann déi Becheren exklusiv, also net nieft der Alternativ vum Papp- oder Wegwäerfplastiksbecher verdeelt ginn. An dat op der Basis vu Consigne oder Pfand, esou datt d'Leit motivéiert ginn, se zréckzebréngen, ausser si wëllen se fir den Hausgebrauch oder als Souvenir mat heem schleefen. Dee méi massiven Asatz vun esou Méi-Wee-Becheren ass zu Lëtzebuerg am Kulturjoer 2007 gestart ginn.



Deemools goufen 30 000 Bechere mam bloen Hirsch aus Éisterräich geliwwert, déi op alle Manifestatiounen déi den Hirsch-Logo haten, ugewannt gi sinn, wat heiansdo net geklappt huet, aller Anfang ist eben schwer. D'Tatsaach ass datt schonn deemools bei Fester mat 30 000 Leit, déi Becheren flächendeckend mat Pfand am Asatz waren. Duerno sinn se da jorelaang vun diverse Kulturhäuser wéi d'Kufa an d'Rotondë genotzt ginn. Mëttlerweil huelen d'Firmaen déi ofgenotzten oder futtis Becheren zréck an recycléieren se. An anere Gemengen, wéi zu Beispill Déifferdeng, kënnt de Prinzip vun de Méi-Wee-Bechere voll an exklusiv zur Geltung. Do gouf dat agefouert, d'Veräiner goufen informéiert, sensibiliséiert a mat der néideger Logistik versuergt fir kënne mat dem System ëmzegoen an esou kuerzfristeg op ee Wee Bechere ganz ze verzichten. Do heescht et "C'est à prendre ou à laisser" an no Informatiounen vun Ëmweltschäfte kann ech berichten, dass déi Ëmstellung do ouni Problem iwwer d'Bühn gaangen ass an dass nach kee Veräin dowéinst doheem bliwwen ass, well déi hu jo schliisslech all Intérêt op deene Manifestatiounen present ze sinn. Natierlech kënnt et méi demokratesch eriwuer wann ee jorelaang mat de Veräiner diskutéiert ob an firwat a wéi a firwat net, den Här Manderscheid hat schonns am Mäerz dëst Joer drop higewisen, dass zu Diddeleng bei verschidde Veräiner sech d'Begeeschterung a Grenze gehalen huet. Esou kann een natierlech jorelaang d'Diskussiounen erausschiben.

Ech hoffen dass den Handlungsbedarf an dem Beräich net nëmme bei Gréngen oder Youth for climate allgemenge Bewusstseinsstand ass, mee mëttlerweil och an der breeder Bevëlkerung. Et diskutéiert ee jo och net méi, ob een net awer op der lénker Stroossesäit dierf fueren oder ebe rout iwwer d'Strooss gaangen. Et ass scho kuriéis wann sech Diddeleng mat enger Initiative Plastikfräi Schoul um Beispill vun der Schoul Deich bretzt, d'Kanner fläisseg an der Zero Waste Bewegung ënnerwee sinn an déi Erwuessen dogéint weiderhi mam schlechte Beispill mussen virgoen. D'Notzung vun ëmweltfrëndleche Materiale muss eng Selbstverständlechkeet ginn, sinn a bleiwen. D'autant plus wou a ganz Europa an och zu Lëtzebuerg d'Beispiller weisen dass et funktionéiert. Mee ween soll hei sensibiliséiert ginn? Sécherlech net d'Konsumenten an d'Konsumentinnen déi sech sollen decidéieren ob se dann e normale Plastikbecher oder e Mehrwegbecher wëllen, den se dann awer net zréck kënne ginn an hir Consigne erëm kréien, esou geschitt bei der Fête de la musique 2019 zu Diddeleng.

Sécherlech och net d'Kulturresponsabel, déi hu schonn all Hänn ze di fir d'Programmation iwwer d'Bühn ze kréien an net och nach sech em Bechere këmmen sollen an déi niewebäi bemierkt am Backstage-Beräich

mat ëmweltfrëndlechem Material schaffen. Responsabiliséier solle ginn, solle fir d'éischt déi politesch Responsabel am Schäfferot, an dofir eben eis Motioun un de Schäfferot. An duerno sollen déi Servicer beoptraagt ginn, déi um Terrain direkt dofir ausgesicht sinn. An de meeschte Gemengen ass dat den Service écologique oder, an, de Service des fêtes, jee nodeem ob et esou eppes gëtt. Vu datt et jo eng sëllege Beispiller am In- an Ausland gëtt, wäert et jo och net Jorzéngten dauere bis e konsequent an effizient Konzept den Acteuren um Terrain virgeluegt gëtt an se séier kann ëmgesat ginn. An deem Sënn widerhuelen ech nach eng Kéier déi Haaptaktiounsfelder déi an der Motioun opgefouert sinn.

E flächendeckende Verzicht op Eeweplastik an alle kommunale Strukture wéi Schoulen, Crèche, Maison Relais, Verwaltung an esou weider. Dat ass also de globalen Aspekt, den iwwer d'Manifestatiounen erausgeet. Bei allen ëffentleche Manifestatiounen déi vun der Gemeng organiséiert oder vun der Gemeng finanziell oder logistesche ënnerstëtzt ginn, d'Benotze vun Ee-Wee-Behälter ze verbidden an e flächendeckend an exklusiv Ugebuet vu Méi-Wee-Behälter op Basis vun engem Pfand virzeschreiwen. En amont sech mat de Veräiner an Organisateuren ze concertéieren fir datt se sech mat Zäit op déi Mesurë kënnen astellen. E Plan d'action Zero Waste - Zero Waste natierlech symbolesch gemengt well Zero waste, mengen ech, gëtt et net - opstellen de mëttelfristeg kloer Ziler a Mesuren definéiert fir an alle Beräicher wou d'Gemeng kann agräifen dem Ziel vun engem niddregstméiglechen Niveau vun Offall méi nozekommen. Eng intensiv Informatiounscampagne fir all d'Veanstaltung vu Manifestatiounen, mee awer och fir all Bierger a Biergerinnen z'organisieren.

An de leschte Punkt: d'Bedelegung vun der Gemeng un enger regionaler Wäschanlag fir méi Wee Becheren déi fir d'Gemengen am Süde kéint installéiert ginn an domat wäit Transporter reduzéiert, an d'Aen ze faassen an deementspreechend Gespréicher mat deenen aneren Südgemengen unzereegen. Zum leschte Punkt nach vläit kuerz, mir hunn am Süde jo just eng interkommunal Struktur déi all 11 Gemengen ëmfaasst an déi themen-iwwergräifend Objektiv huet, dat ass de PRO-SUD. An de Statute vum PRO-SUD steet bei den Objektiv, ech zitieren, "d'initier, d'accompagner, de coordonner et de réaliser des initiatives, activités et projets, notamment à caractère innovateur destiné à concrétiser l'approche régionale tant sur le plan national que dans un contexte transfrontalier et quel que soit le promoteur de ces initiatives, activités et projets". Also, d'Ziler vum PRO-SUD decken sech ganz kloer mat deene Méiglechkeeten déi esou eppes duerstellt. De PRO-SUD huet jo duerch déi zwee successiv Presidenten nei Dynamik kritt.



D'Bereetschaft fir Zesummenaarbecht gesäit elo besser aus an ausserdem steet jo och d'Kulturhaapstad Esch 2022 virun der Dier, wou och virgesinn ass eng konsequent Charta mat den entspreche Moossnamen an Saachen ëmweltfrëndlech Manifestatiounen zum Doen ze bréngen. Et wier flott wann e Projet fir eng Wäschanlag fir mindestens déi 11 Südgemeinde bis dohinner realiséiert wär. Dat gesot, hoffen ech dass mir d'nächst Joer des Sujet definitiv net méi müssen op den Ordre du jour bréngen a mir alleguerten eisen immensen Dusch, am Kader vun der Äerderwiermung, mat gud-dem Gewësse kënnen an enger effizienter ökologescher Approche läschen. Ech soen iech Merci.

#### DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci dem Här Garcia fir d'Presentatioun vun der Motioun. Stellungnahmen dozou? Dat ass net de Fall. Da ginn ech hei dem René Manderscheid d'Wuert.

**RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN):** Merci Här Buegermeeschter. Bon, ech ka ganz vill vun deem wat den Här Garcia gesot huet deelen. Mee wéi ech awer och au départ am mengem Büro déi Motioun do gesinn hunn, do war ech awer liicht erschreckt, an ech erkläre mech och firwat, well ech sinn der Meenung dass déi Motioun, esou wéi se hei presentéiert ginn ass, sech deckt mat mengen Äntwerte op déi Sitzung vum Mäerz an ech ginn och e Beispill oder souguer zwee.

Ee Beispill ass déi regional Wäschanlag. Do hat ech lech hei informéiert datt d'Gemeng Suessem op eis duerkomm ass fir eis ze froen ob mir Partner wiere fir eng regional Waschanlag hei am Süden z'installéieren an hei gesäit et aus wéi wann dat eng Fuederung vun dene Grénge wier. Ech soen dat elo einfach emol esou cru wéi ech dat gesinn. Dat selwescht gëllt mam Null Plastik an de Schoulen, och do hunn ech am Mäerz gesot datt mir d'Beispill huele vun der Schoul Deich, mir kucken datt mir dat flächeniwwergräifend an all Schoule maache wat mir och haut festgehalten hunn. Wann ech déi Motioun hei esou kucken da mengt een dat wier exklusiv eng Iddi oder eng Initiative vun dene Grénge woubäi ech elo déi Initiative elo net hei doud wëll machen ech wëll just soen datt dat heiten eng Kopie ass vu mengen Äntwerten op eng Fro am Mäerz.

Dofir wollt ech proposéieren, datt déi Motioun wéi se hei virläit vum Gemengerot net ugeholl gëtt. Ech sinn awer bereet dës Motioun mat an d'Ëmweltkommissioun ze huelen. Ech invitéiere souguer déi zwee Auteure vun der Motioun an d'Ëmweltkommissioun an da géinge mir an der Ëmweltkommissioun mat alle Parteien déi am Gemengerot vertraut sinn, géife mir déi Motioun hei verfeinere, kompletéieren an dann dem Gemengerot se nach eng Kéier virleeën dann hu mir dat hei als Ekip op

d'Bee gesat fir datt de Gemengerot de Schäfferot géif opfuederen all déi Mesuren ze huelen déi néideg sinn.

Da kommen ech op den éischten Deel vum Här Garcia senger Interventioun zréck. D'Hauptaffiche ass jo gewierscht fir d'Fête de la Musique. Do deelen ech d'Meenung datt dat net optimal war fir net ze soen datt nach ganz vill Loft no uewen ass. Do kënne mir herno nach eng Kéier drop agoen, mee et ass awer esou datt mir scho probéiert hunn am Virfeld dëst Joer d'Veräiner unzeschreiwe fir datt si solle kee Plastik verwenden. Dat hat kee Succès an et ass och esou datt mir déi Cup-Systemer agefouert hunn och op der Fête de la Musique. Do wollten si se och verkafen. Och dat ass liit am Gewulls ënner gaangen. Ech muss soe mir hunn am Ganzen 306 Becheren un de Mann oder un d'Fra bruecht, wat natierlech bei 20.000 Bedeelegungen an Zuschauer mol net eng Drëps op de waarme Steen ass an ech sinn iwwerzeegt datt mir dat d'nächst Joer besser hikréien dofir hu mir net méi spéit wéi d'nächst Woch wou mir schon eng éischt Sitzung mat de Leit vun der Fête de la Musique fir ze kucke wat mir d'nächst Joer kënne verbessern.

Et ass och esou datt ech den éischten Entwurf hu vun enger Charte déi d'Veräiner solle mat ënnerschreiwen, déi wëllen an Zukunft un all eise Fester respektiv och der Fête de la Musique wëllen Deel huelen, müssen déi Charte ënnerschreiwen. Et ass och esou, datt do dra steet wéi d'Spillreegele sinn, kee Plastik, ënner anerem a Veräiner déi sech net drun hale ginn entweder ausgeschloss an Zukunft vun esou Fester respektiv och d'Cafetieren an d'Restaurateure wëlle mir mat an d'Boot huele fir datt mir effektiv net Zero Waste mee awer, wéi gesot esou mann wéi méiglech Müll op esou Fester maachen. Et sinn e ganze Koup Saachen an der Maach. Mir hunn och nach am September mat eise Servicer selwer mam Service écologique, mam Service culturel fir d'Fête de la Musique a mir hu nach eise Service des Manifestations mat am Boot, am September fir kënne global ze kucken iwwer all Fester wéi mir dat an Zukunft organiséieren.

Dat heescht, et ass munches am Raum. Et gëtt gemacht, ouni elo ze soen, datt mir alles erfonnt hunn, nee och déi Gréng hunn op Grond vun hirer Initiative Saache matbruecht awer ech géing nach eng Kéier dann op déi Motioun zréck kommen an de Gemengerot froen ob si domat d'accord wieren déi Motioun esou wéi se hei läit zréckeginn an d'Ëmweltkommissioun mat der Hëllef vun den Auteuren an dann nach eng Kéier zréck komme mat enger anerer Motioun wou all Partei sech kann erëm fannen a net nëmme datt een hei géif soen dat ass déi Partei oder dat ass déi Partei. Dat wollt ech just soen.



**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Merci dem René Manderscheid. De Loris Spina wëll nach intervenéieren.

**LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFE):** Ech hat vir nach z'intervenéieren, mee de René huet effektiv praktesch alles gesot. Ech wollt nach eng Kéier drun erënneren, datt mir 2014 eng 30.000 der Cup-Bechere kaf haten als Gemeng an dëst Joer notammet bei der Fête de la Musique hu mir als Iwwergangsphase genotzt fir d'Becheren och lasszeginn an ënnert Leit ze bréngen. Eng ronn 15.000 sinn der nach do an dofir och dat Iwwergangsjoer wou mir d'nächst Joer ganz kloer awer scho gesot hunn, mir wäerten d'nächst Joer dat 100% duerch setzen. Nach musse mir mat de Veräiner zesummen an déi Sitzung, dat ass effektiv d'nächst Woch festgeluet scho säit enger längerer Zäit. Scho virun der Fête de la Musique war et kloer, wat mir eis eng Kéier musse gesi fir ze kucken, wat brauchen déi eenzel Veräiner fir dat dote logistesche ëmzesetze well bei deene kleng Manifestatiounen oder méi klengen Events klappt dat scho ganz gutt.

Do brénge mir et fäerdeg ganz op dee Cup-System zrëckzegräifen awer effektiv bei enger Fête de la Musique, wou mir iwwer 20.000 Besucher hatten a wou d'Plaz fir déi eenzel Veräiner och relativ knappe Mooss ass, ass et net evident engersäits Becheren ze stockéieren, ze wäuschen respektiv wou setze mir dee grouse Spillweenchen hinn? An och en Taxereglement feelt nach esou datt nach eng Rei vu Saachen ze kläre sinn. A wéi gesot, dëst Joer war en Iwwergangsjoer an et ass wéi de René Manderscheid gesot huet, d'nächst Joer ass et e Must, datt d'Veräiner mussen do mat maachen oder si bleiwen ebe ganz dobaussen a si kënnen sech net dru bedeelegen. An dem Sënn hu ir ganz vill Saachen déi hei elo gefuedert sinn oder proposéiert gi sinn, si schon ëmgesat ginn.

An dofir, wéi mir elo hei gesot hunn, géife mir déi Motioun mat an d'Kommissioun huele fir datt do vun A bis Z dat anstänneg duerch diskutéiert gëtt an herno en eenheetlecht Konzept kreéieren, well et ass net nëmme d'Veräiner, et sinn och déi professionell déi jo op der Fête de la Musique hëllef wéi d'Cafetier, wéi d'Restaurateuren, déi och do natierlech mat an dem Boot musse sinn, well soss bréngt dat ganz net vill. Merci.

**RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFE):** Nach ee Wuert zu Plastifrai Schoulen. Mir hu schon d'lescht Woch eisem Service Bescheid gesot, datt mir solle kucken ob et méiglech ass an all Schoul eng Waasserborne hinstelle wou si kënnen a) direkt drenken; b) hire Bidon direkt nofëllen. Dat selwescht hunn ech gesot sollen am Square Mayrisch kucken och eng Plaz kënnen

fannen respektiv och eng zwou Plazen am Shared Space wou d'Leit kënnen op der Plaz drénken respektiv wann si e Bidon bei sech hunn, fir dee kënnen nozefëllen. Merci.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Merci. Här Garcia, Dir hutt d'Wuert.

**ROBERT GARCIA (DÉI GRÉNG):** Dir musst verstoen. An der Vergaangenheet, a mengem fréiere Liewen hunn ech 11 Joer laang a méi enger grousser Assemblée wou ech e puer honnert Motiounen deposéiert ginn an ech hunn déi d'lescht Kéier am Archiv nogekuckt an déi déi ech an d'Kommissioun bereet war ze ginn, déi sinn op Nimmerwiedersehen verschwonne an déi déi ech oprecht erhalen hunn, déi sinn da villäicht ofgelehnt ginn, se sinn awer spéider dann ënnert enger anerer Form vun enger anerer Partei oder vun der Regierung oder wem och ëmmer opgegraff ginn.

An ech gesinn datt do anscheinend hei oppen Dieren arennen a normalerweis kann ee esou Motioun och unhuele well ech well mech elo offiziell vun all Verdacht distanzéieren, datt ech déi Interpellatioun an déi Motioun gemaacht hu fir déi Gréng ze profiléieren, well mir froen dat do jo scho säit gefillte 500 a wahrscheinlech reellen 20 Joer, dofir wollt ech awer proposéieren déi Motioun hei zum Vote ze bréngen a wann dann déi Motioun an eng Ëmweltkommissioun wandert an dann zrëck kënnt als Resolutioun zum Beispill, da brauch ee jo keng Motioun méi un de Gemengerot ze maache mee dann ass se... da wäerte mir se och ënnert der Form mat droen. Mä ech sinn awer dofir datt mir trotzdem iwwer déi Motioun ofstëmme awer ech wëll betounen, datt déi Leit déi dogéint stëmme, datt ech déi net mam Fanger wäert als béis Ëmweltverschmotzer weisen, mee dat ass éischter eng politesch Taktiererei, denken ech.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Merci fir déi dote Präzisioun. Ech mengen, déi Propos, déi mir hei maachen, compte tenu vun Ärem Passé deen Dir hat op enger anerer Tribün, maache mir mengen ech hei vun dem Gebrauch wat mir och eng Kéier unanime gestëmmt hatten, dat ass de Règlement d'Ordre Intérieur. Do hu mir eis déi Méiglechkeet jo ginn, dat ze maache well soss virun hate mir déi Méiglechkeet net.

Ech wëll elo hei de Conseillere effektiv déi Propose déi de René Manderscheid mësch, expressis verbis hu mir dat jo och festgehalten, datt et déi Méiglechkeet gëtt an eng zoustänneg Kommissioun ze ginn an datt do d'Autere kënnen derbäi sinn, der Kommissioun hir Motioun kënnen presentéieren, diskutéieren an datt dann en Text ausgeschafft gëtt, den erëm hei an de Gemengerot zrëck kënnt.



Also, hei eng Allusioun ze maachen, muss ech hei och soen, datt dësen Text iergendwann ad acta géing geluet ginn, fannen ech awer net appropriéiert par Rapport zu der Initiative déi mir awer hei wëllen huelen an och par Rapport zum Fonctionnement awer vun dëser Enceinte. Also, ech wëll awer do eng ganz Rei Saache kloer stellen an dann och ze soen, datt dat ëmmer ad acta geluet gëtt op aneren Niveaueen ass och net ganz richtig. Wat ech awer och nach hei wollt soen, et muss een och villäicht am Kapp awer behalen, dat hei ass jo net nëmmen eng lokal gefouerten Diskussioun.

Et gi jo och nach eng Rei Initiativen déi um nationale Plang, och am legislative Kader an effektiv och an der Kommissioun ze beschwätzen hätt der och d'Méiglechkeet dee Volet mat eranzehuelen, dee sécherlech an deene nächste Méint och op eis wäert duerkommen.

An et feelt awer just als Präzisioun, et ass richtig, datt effektiv d'Statute vum PRO-SUD drop hiweisen, op der anerer Säit ass am PRO-SUD à ce stade nach net driwwer geschwat ginn. Et misst een och eng Kéier do an engem Verwaltungsrotsitzung dat doten eng Kéier thematiséiert gi fir Mol iwwerhaupt ze kucke wéi d'Bereetschaft ass och vun denen anere Gemengen.

Ech mengen, hei verspiere mir effektiv eng gewësse Bereetschaft, de René Manderscheid ass drop agaange mat Suessem, wéi positionéieren sech aner Gemengen. Natierlech wann déi déi selwescht Lektüre maachen, Bestandsopnahm maache wéi mir hei, mengen ech, sinn si u sech méi enclin, an déi dote Richtung ze goen, ob si awer alleguerte bereet sinn, vu datt dat nach net thematiséiert gouf, wësse mir de Moment nach net. Also dat ass och mengen ech awer e Punkt deen een hei nach muss awer och kloer stellen, well de Comité vum PRO-SUD à ce stade nach net domadder befaasst gouf awer et net auszuschléissen ass, datt e sech der Thematik unhëlt. Voilà. Madame Kayser.

**MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):** Merci Här Buergermeeschter. Also ech liesen hei ganz kloer aus de Motioun eraus, dass dëst eng Motioun ass, wou de Schäfferot opgefuerdert gëtt an engem realisteschem Delai Mesuren an d'Weeër ze leede fir ebe manner Plastik ze verschwenden an ech verstinn elo net richtig den Echauffement vum Schäfferot, well ech denken, wann Dir grad sot, ma mir ginn op dee selwechte Wee, ma da géif et lech besser zu Gesiicht stoen, ech maachen och den Appel, datt Dir déi Motioun hei matdrot a sot: Majo selbstverständlech sti mir hannert der Motioun, ob déi elo vun deene Grénge kënnt, vun deene karéierten oder deene getëppelten oder deenen orangen, ass jo egal. Mä mir ginn esouguer nach e Schrëtt méi wäit, mir huelen dat do elo mat.

Mä ech denken et ass awer net gutt fir hei ze maachen: Oh, déi Gréng maachen elo eng Motioun an dat ass géint eis, et geet jo guer net dorëm. Mir sinn hei 19 Männercher a mir hätte gär datt Diddeleng virukënt an datt Diddeleng manner Einwegplastik benotzt. Kommt mir huelen déi Motioun alleguerten un an da soe mir hei, ma nondikass, ma mir gi nach e Schrëtt méi wäit an der nächster Ëmweltkommissioun diskutéiere mir dat. Et ass jo lo net fir beleidegt Liewerwurscht ze spillen an ze soen, ma neen, mir huelen déi Motioun elo net un, well dat ass en Affront, dat ass eng Kritik um Schäfferot.

Mir gesinn dat elo net esou, mir fannen dat heiten eng ganz gutt Saach a mir ënnerstëtzen déi Motioun vun deene Gréngen, well mir och der Meenung sinn datt mir müssen op de Wee goe fir eben déi Einwegplastiken ze reduzéieren. An dat hei ass jo kee finale Statement, et ass einfach, hei kommt Jongen, rappt lech a komm mir kucken all zesumme fir datt mir weiderkommen. An et ass einfach, fannen ech och no baussen e gudde Message fir ze soen, hei kommt, de Gemengerot, deen huet agesinn, datt dat alles net esou gutt ass, mee mir vertrauen och souguer eisem Schäfferot, datt si dat an d'Hand huelen, datt si dat an de Grëff kréien an datt si zesumme weider dohannert bleiwen. Allen 19, déi mir hei sëtzen, wëllen datt mir kucken esou mann wéi méiglech Einwegplastik ze benotzen. Esou gesinn ech dat a esou gesi mir dat a mir stëmmen déi Motioun mat.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER):** Martine Bodry-Kohn.

**MARTINE BODRY-KOHN (LSAP):** Bon, ech gesinn dat natierlech e bësselchen anescht. Dir verstidd dat och, wat elo dra steet. Ech mengen de Fong, domat kënne mir jo alleguerte liewen. Do hutt Dir jo vollkomme Recht. Just d'Form hei wéi dat iwwer d'Bühn leeft do si mir elo net ganz domat d'accord. Ech mengen, den Här Manderscheid dee war ganz kloer an däitlech, well dat wat elo hei gestëmmt gëtt dat gëtt elo hei festgehalen wat elo hei gestëmmt gëtt dofir ass et guer net egal wat fir eng Prozedur mir hei maachen. An dofir sinn ech och elo guer net einfach sou, och wann Dir eis elo hei Hunneg ronderëm de Mond schmiert, et klenkt alles ganz gutt. Ech fannen awer trotzdem datt et net egal ass wéi mir dat elo hei uginne a wéi mir dat léisen.

Ech mengen, den Här Manderscheid huet et ganz kloer gesot, hei gëtt immens vill scho geschafft hannert de Kulissen an et ass elo net esou wéi datt dann elo herno ausgesäit wéi wa mir elo hei bei null ufänken an elo op ee Mol solle mir eppes maachen. An esou gesäit dat e bësselchen aus an dofir si mir als LSAP net esou frou dodriwwer. Mir géife gär den Proposition vum Här Manderscheid an dem Buergermeeschter no goen an déi



Prozedur anhalen. Voilà, dat ass meng Positioun. Merci.

**YVES JADIN (DÉI LÉNK):** Also, mir stëmmen och dofir. Wat ech awer wollt soen, déi ganz technesch Saache mat deene Glieder spullen, mat dene Spullmaschinen an sou. Dat si verschidde Leit déi hei zu Diddeleng wunnen déi maachen dat scho bal 20 Joer oder méi mat. Déi wësse ganz genee ëm wat et geet an ech soen lech direkt, déi Spullmaschinn vum Spullweenchen, déi ass net dofir gëeegent, well déi Glieder déi gi net waarm genuch a wann een se eraushëllt dann hunn se Flecken. Voilà, dofir ass et och onsënneg, engem Veräin dee Spullweenchen dohinner ze stelle mat deene Cup-Systemen do, dat klappt net. Well dat sinn d'Leit net zefridden, et si Flecken. Mir mussen eng aner Machinn huelen.

Wat ech awer net verstinn, den Här Spina hat gesot 2014 wieren 30.000 Bechere kaf gi vun iergendenger Firma an dem extrae Plastik, deen ee kann tëschend 500 an 1000 Mol gebrauchen. Mee wat ass mat deene Glieder geschitt? Firwat sinn der nëmme nach 500 do a firwat gëtt dat net regelméisseg gebraucht? Well wann dat déi Glieder sinn déi wou zum Beispill op der Fête des Cultures gebraucht gi sinn, wou eng Kéier zwee Euro Pfand gefrot gi sinn, dat Joer drop keng méi. Dat ass jo onméiglech. Dat heescht, wann een herno genuch Glieder gesammelt huet, et huet ee kee Pfand bezuelt dann ass een e puer Méint dono op eng Versammlung gaang oder eng Fête wou dann erëm 2 Euro gefrot ginn an dann ass ee bei de Veräi komm an et huet ee gesot, hei si 50 Glieder, géff mir meng Suen erëm. An dat ass geschitt. Dat ass dem Taucherclub um Chrëschtmaart geschitt virun zwee Joer. Voilà. Déi Persoun, déi dat gemaacht huet, huet sech e Witz erlaabt, deen huet selbstverständlech déi Sue net geholl. Ech mengen, dat muss alles reglementéiert sinn. Dat muss jo vu vir eran stëmmen. An ech géif och soen Dir kritt dat hin.

Mä Dir kéint awer och Mol eng Kéier verschidde Leit froen, déi eng gewëssen Erfahrung doranner hunn. Well do kommen heiansdo Saachen eraus wou ee seet, ah ma dat ass selbstverständlech, wou ee seet, nee esou klappt et sécher net. Well och mir hu misse Léiergeld bezuelen. Well wann déi Tassen an déi Plastiksbechere méi schéi sinn, da kann ech lech verroden, dann hutt Dir der dono net méi vill. Si kréie Been. D'Leit sammelen déi. Dat heescht, si mussen esou elle si wéi méiglech a fäerdeg. Dudelange.lu drop schreiwen... voilà. Merci.

**ROBERT GARCIA (DÉI GRÉNG):** Ech si konsensuell am Lëtzebuerger Konsensmodell erzunn. Ech maachen eng Proposition ob een net kéint bei der Motioun, "fuert de Buergermeeschter a Schäfferot op, hir Efforte widerzeféieren" a esou weider, dat hate mir schon eng Kéier, da gesäit dat net esou aus wéi wann Dir

näischt gemaach hätt. Also, mir ass et nämlech egal, ech hätt gär just datt de Message no bausse geet datt déi Efforte gemaacht ginn, net fir déi Gréng ze profiléieren, well mir brauchen eis op dem dote Gebitt net ze profiléieren.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):**

Also, e puer Stellungnahmen déi elo hei waren. Ech deele net der Madame Kayser hir Appreciatioun oder hir Lecture datt dat heite net e finale Statement ass. Wann iwwer eng Motioun ofgestëmmt gëtt an déi Motioun kritt eng Majoritéit, dann ass et e finale Statement. Dir kënnt net hei soen, datt et dann net e finale Statement ass, dat ass falsch. Dann huet dës Motioun eng gewësse Validitéit, huet eng Rei Fuerderungen un deenen dann normalerweis wéi bei all Motioun dat de Fall ass effektiv dann, de Schäfferot kann domadder gemooss ginn, ob hien déi Saachen ëmsetzt oder net. Also huet e ganz wuel e finale Statement. Also hei am Raum soen, datt et kee finale Statement huet, datt dat iergendwéi esou wischi-waschi ass, dat ass net de Fall well d'Motioun gëtt validéiert duerch de Gremium an dat ass dat wat de Gemengerot ass.

Et sinn eng Rei Elementer, déi hei dra sinn. Dir hutt et jo eraushéieren, verschidde Saachen sinn amgaange gemeet ze ginn an et sinn awer eng Rei Saachen... bon, ech mengen do hu mir Schwierigkeeten och um Niveau vun der Formulatioun. Och mat alle Konsensméiglechkeet déi hei och effektiv gebuede goufen. Op där anerer Säit soen ech awer, et wier villäicht eng Chance, well et sinn eng Rei Saachen awer hei dran, wou een an enger Ëmweltkommissioun och aner Punkte kéint mat eranhuelen, wou hei an de Gemengerot kommen, wou elo hei deementspriedend nach net dra sinn. Sief dat déi Saach vun enger Charte, eng Form vu Resolutioun... et sinn eng ganz Rei Elementer, déi de Moment am Gaange sinn, déi hei an der Motioun - aus der Consideratioun eraus, déi mir elo ginn hunn, dass Dir och als Gemengerot net au courant waart, wat alles scho leeft - hei net konnte mat berücksichtegt ginn an dëser Motioun, wou een awer an enger breeder Diskussioun an dofir och d'Propos an der éischter Ëmweltkommissioun déi ass, datt een dat op den Ordre du jour setzt an datt een do scho verschidden Initiativen, déi lafen, wéi d'Charta oder aner Punkten, datt een déi och mat op d'Resolutioun eranhëlt.

Dat heescht, do huet een awer herno en Text, dee méi komplett ass, méi breet gefächert ass an awer och d'Elementer an de Rayon vun Aktiounen, déi mir wëlle maachen, wat nach méi op ass wéi dat wat hei ass. Kann dat e Wee sinn, dee mir kënne goen? Neen? Gutt.



**ROBERT GARCIA (DÉI GRÉNG):** Dir hutt genuch geruddert elo, de Stausee leeft schonn iwver. Kommt mir huelen e Vote an da maacht Dir dat an da si mir alleguerten zefridden. An da kommt Dir zréck mat enger Resolutioun an dann ass all Mënsch frou.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Dat heescht, Dir sidd méi un der Motioun interesséiert hei ofzestëmme wéi um Contenu, dee mir kënnen hei bäifügen. Ass dat... (...) O.K.

**ROBERT GARCIA (DÉI GRÉNG):** Ech ginn eng Motioun eran a wann Dir domadder d'accord sidd da stëmmt Dir se an ech kann och e Schleier drëm leeën als anonym Motioun. Dat ass dat wat mech interesséiert. De Rescht ass mir egal.

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Dat ass kee Problem. Mir kënnen hei d'Motioun ofstëmmen. Ech wëll awer just och ganz kloer hei soen, datt d'Ouverture vum Schäfferot hei war an och vun der Majoritéit an deem Text nach aner Elementer bäizefügen. Mir stëmmen elo hei iwver d'Motioun of, deene gëtt dann am Kader vun der Motioun net Rechnung gedroen. OK, gutt.

**Ceci dit, géing ech da proposéieren, datt mir iwver dës Motioun ofstëmmen. Wie stëmmt se, dës Motioun? D'Stëmmen da vun deene Gréngen, d'CSV, déi Lénk. An eisen onofhängege Member? Ah, deen ass scho fort. Wien ass dergéint? Dat sinn dann d'Stëmme vun der Majoritéit.**

An nichtsdestotz huele mir dat do awer op den Ordre du Jour vun der nächster Ëmweltkommissioun a wou mir dann en Text formuléieren dee méi breet opgestallt ass an enger Rei Elementer a wou mir dann och an dee nächste Gemengerot komme wou da ganz sécherlech oder hoffentlech d'Unanimitéit ass par rapport zum Fong well ech mengen et geet ëm de Fong wou mir hei sollen och diskutéieren. An awer, d'Formulatiounen si wichteg well d'Formulatiounen maachen och aus ob Texter gestëmmt ginn oder net. Nieft dem Fong, et ass keen onwichtigte Beispill.

**RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFE):** Et ass am Fong déi iwwernächst Ëmweltkommissioun well nämlech déi nächst Ëmweltkommissioun ass jo den Dönschden. Net, datt der mengt mir géifen dat dann...

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Dat ass dann an der Hand vum President vun der Ëmweltkommissioun. Voilà. Gutt dann hu mir dee Punkt hannert eis. Komme mir op de Punkt 12.

## 12. FROEN UN DE BUEGERMEESCHTER A SCHÄFFEROT

**DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):** Ënner deem Punkt koum eng Fro era vum Här Jadin an déi beäntwert de Loris Spina.

**LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN):** Jo, voilà fir eis e bëssen ofzekillen sprange mir e bëssen an d'Schwämm, well den Här Jadin, respektiv déi Lénk, hunn eis eng Froe raginn. Ech wëll dann nach eng Kéier kuerz erëmginn, wat d'Fröstellungen hei sinn. Et geet em d'oppe Schwämm wéi gesot, den 2. August 2018 hat den Här Jadin eng Fro gestallt iwver dee grouse Waasserverbrauch an der oppener Schwämm. An op déi den 11. September 2018 hien och eng Rei vun Äntwerten scho kritt huet, an doropshin huet hien elo dräi Voleten nach eng Kéier ervaerhuwen. Wann ee bedenkt, datt de leschte Summer laut de Berechnungen vum zoustännege Service 1050 Kubikmeter méi Waasser pro Woch verbraucht goufe wéi normal, géif ech gär wëssen, freet den Här Jadin ob déi verschidde Fléckaarbechten un de Rigolen an un der Foss fir d'Tauchpompel gegraff hunn.

Ech huelen se einfach emol chronologesch erbäi, dann äntwerten ech direkt op déi éischt, well dann ass et vläit méi einfach fir nozekommen. Voilà, also wat ass do gemat ginn? Eist Zouschweesse vun den alen an ondichten Ofleef ass effektiv an de Rigolen, wéi och ronderëm d'Rigole gemat ginn, esou dass nei Ofdichtungen, d'Ofleef a Betrib konnt geholl ginn. Dat war September 2018 a wou déi nei Saison erëm ugaangen ass, respektiv kuerz virdrun, am Mee, hu mir mat enger Firma déi komplett Versigelung vum Schacht, bezéiungsweis bis den déifste Punkt vun deem Baseng, och virgeholl. An d'Basengswaasser, dat dann op de Schacht gedréckt huet, ass wéinst deem ondichten Schacht duerch d'Mauer an d'Katedral gefloss. Dat war deemools de Problem. Also just fir kuerz ze äntworten, Jo et ass dru geschafft ginn an d'Initiativ huet och Erfolleg gewisen.

An dann, déi weider Fro ass: Wéi steet et mat der Hydraulik-Verouerung vum Baseng, zu där keen Accès besteet? Ass déi dann och ondicht oder net? Also wat d'Hydraulik ubelaangt ass et e bësse méi komplizéiert. D'Verouerung, dat wësst dir, déi läit ënnert dem Buedem vun der Plage, vun der Wiss, an et ass net méiglech déi do regelméisseg opzebuddelen, dat kënnt dir lech jo virstellen, an ze kucken, wéi dicht oder ondicht déi Réier sinn. Wat een awer ka feststellen, dat ass wann de Waasserverloscht herno am Baseng, wann do vill Waasserverloscht feststellen ass um Waasserzähler, da weess een, dass do e Problem ass an da kann een och deementspreechend agraifen.



Dat bréngt een am Fong geholl op déi nächst Fro. Déi war: D'Ouverture vun der oppener Schwämm war d'lescht Joer den 19. Mee 2018, awer réischt am Juli huet de Gemengesservice festgestallt dass de Waasserverbrauch vill ze vill héisch war. Gëtt dofir all Dag vum zoustänneg Service dëse Waasserverbrauch kontrolléiert a ginn et dozou Statistiken?

Effektiv war et den 12. an 13. Juli wou de groussen an iwwerdimensionéierte Waasserverloscht festgestallt ginn ass. Dir musst wëssen, dass laut dem Betriebsbuch dat mir an dëser Schwämm hunn, ginn déi zwee Zieler, also d'Frëschwaasser, vun den zoustänneg Schwämmmeeschter all Dag kontrolléiert an och notéiert, ergo wann ee bei der dote Feststellung ebe mierkt dass de Waasserverbrauch anormal an d'Luucht gaangen ass, da kënnen eis Servicer ebe reagéieren. A säit der Ouverture 2019, kënnen mir lech elo versécheren dass mir kéng gréisser Ofwäichunge konnte feststellen, esou dass mir wierklech frou si mat deene geleschten Aarbechten an dass deementspreechend konnt Besse- rung gelescht ginn. Voilà. Ech hoffen Här Jadin, ech konnt lech elo op déi Froen äntwerten.

**YVES JADIN (DÉI LÉNK):** Eng kleng Präzisioun: wat ass dann elo de Waasserverbrauch ongeféier? Et ass jo lo, si kucken dat jo, ongeféier, d'Moyenne.

**LORIS SPINA (LSAP - SCHÄFFEN):** Also dee kann ech elo wierklech net soen. Mir ware jo d'lescht Kéier zesumme beim Här Tritz, dee kann déi genau Statistiken soen. Ech mengen, dat géing elo hei e bëssen de Kader an dem Sënn sprengen. Et geet ëmmer, e gewëssene Verloscht gëtt et wéi gesot, ech mengen dat hu mir jo sur place selwer festgestallt, an dofir gëtt dat all Dag kontrolléiert a wann dat déi normal Dimensiounen sprénkt, da gëtt natierlech gekuckt wou de Waasser- verloscht hierkënn an da gëtt deementspreechend och reagiert.

**YVES JADIN (DÉI LÉNK):** Ech mengen dann, dat muss ee jo och da gleewen. Ech mengen, dat ass jo dann tipptopp, da goufen déi Fléckaarbechten do gelescht. Also ganz kuerz, an da kënnen mir ophalen. Ech war mam Här Spina -

**DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):** - ganz kuerz, well dir kënnt eng Präzisiounsfro maachen, mir hunn d'selwecht och missen den Här Martini ënner- brieden, dofir, effektiv, wëll ech de selwechte Prinzip gär hei wahre par rapport zu der Fro. Dat heescht, et kënnt nach eng Präzisiounsfro, dann ass gutt.

**YVES JADIN (DÉI LÉNK):** Ech war just mam Här Spina d'Schwämm kucken, an den Dag wou déi eng Kéier frësch gemat gëtt, ganz, also do ënnerstëtze mir als Déi Léng honnertprozenteg dee Projet, well si ass al.

**DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):** Merci fir de gemeinsame Conseil. Merci. Gutt, ech mengen dann hätte mir deen heite Punkt ofgeschloss an domat awer och d'Séance publique an da géife mir elo an de Huis clos goen.

- Huis clos -



# LÉIF BOMA, LÉIWE BOPA,

OCH ÄR ENKELIN RÉIT IECH:  
OPGEPASST OP TRICKDÉIF ODER FALSCH POLIZISTEN!  
LOOSST KENG FRIEM LEIT AN ÄR WUNNENG ERAN!



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de la Famille, de l'Intégration  
et à la Grande Région

**ZESUMME FIR IECH**  
[WWW.POLICE.LU](http://WWW.POLICE.LU)

**POLICE**  
LËTZEBUERG